


PUBLIKATIOUN VUM SYNDIKAT ERZÉIUNG A WËSSENSCHAFT AM OGBL

PUBLICATION DU SYNDICAT ÉDUCATION ET SCIENCES DANS L'OGBL

OGB·L
D'GEWERKSCHAFT

**Rédaction:** Direction syndicale du SEW/OGBL

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement la position du syndicat.

**Abonnement:** 25 € par an

No 3/2023
Paraît jusqu'à 4 fois par an

Toute correspondance est à adresser au
SEW/OGBL
63 rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg

Tél. 540545-323
courriel: sew@ogbl.lu

www.sew.lu

**Éditeur responsable:** Frédéric Krier

**Imprimeur:** IC Luxembourg

Publication du Syndicat Education et Sciences dans l'OGBL / Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL

Anciennement Journal des instituteurs

SEW
Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL

Fédération Générale des Instituteurs Luxembourgeois
FGIL

PRINTED IN LUXEMBOURG

# index


| | | |
|---|---|---|
| 1. | **Méi Bildungsgerechtegkeet** | S. 4 |
| 2. | **International Schoulen** | S. 10 |
| 3. | **Méisproochegkeet** | S. 20 |
| 4. | **Inclusioun** | S. 26 |
| 5. | **Direktiounen am Fondamental** | S. 31 |
| 6. | **Penurie vun Enseignanten** | S. 33 |
| 7. | **Chargés de cours** | S. 38 |
| 8. | **Maison relais, gratis Betreiung, Ganzdaagsschoul** | S. 42 |
| 9. | **Beruffsausbildung** | S. 48 |
| 10. | **DAP Education** | S. 52 |
| 11. | **Cycle inférieur** | S. 54 |
| 12. | **Iwwerstonnen** | S. 59 |
| 13. | **Gläichstellung am Fall vun Deelzäit** | S. 61 |
| 14. | **Gratis Kopie fir d'Schüler am Secondaire** | S. 63 |
| 15. | **Gratis Aarbechtsmaterial fir d'Schüler an der Beruffsausbildung** | S. 64 |
| 16. | **D'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher am Héichschoul- a Fuerschungssecteur** | S. 65 |
| 17. | **D'Gehälter am Héichschoul- a Fuerschungssecteur** | S. 67 |
| 18. | **D'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung** | S. 69 |

# Editorial

Les prochaines élections nationales du 8 octobre auront sans doute un impact sur les politiques menées dans l'éducation. En sortira un nouveau gouvernement, qui devra composer, en ce qui concerne l'enseignement, avec l'héritage laissé par ces 10 dernières années sous le ministre Meisch.

Or, malgré de nombreuses réformes, les problèmes au niveau de l'éducation nationale persistent, voire empirent. L'attractivité du métier de l'enseignant, la situation précaire des chargés de cours, l'inclusion, le plurilinguisme ou encore les directions au fondamental ne sont, pour le SEW/OGBL, que quelques-uns des chantiers qui attendent le ou la futur(e) ministre de l'Éducation.

À l'approche de ces élections, le SEW/OGBL a envoyé en mars un questionnaire détaillé aux partis politiques. Les questions posées reflètent les sujets importants à nos yeux, et pour lesquels nous attendons des actions concrètes du nouveau gouvernement.

Les réponses obtenues permettent de mieux situer les différents partis par rapport à nos préoccupations et revendications. Notons également qu'au moment de la clôture de rédaction, nous n'avons pas reçu de réponses de la part du DP (si d'aventure ces réponses nous parviendront ultérieurement, elles seront publiées sur notre site sew.lu).

Au-delà des promesses électorales, la première des choses à faire pour le ou la futur(e) ministre de l'Éducation est de restaurer un échange constructif avec les partenaires sociaux, à l'instar du #bildungamdialog pourtant prôné par monsieur Meisch.

**Le SEW/OGBL vous invite également à une table ronde avec les partis politiques dans le cadre des élections, le 22 septembre à 18h00 au Casino syndical à Bonnevoie.**

**Disclaimer :**

D'Äntwerte vun der **DP** fannt Dir all zesummen zum Schluss, well dës zum Zäitpunkt vun der Conceptioun vun dësem Magasinn nach net bei eis agaange waren, dat iwwer 2 Méint nom Abgabetermin.

Dës weidere sinn d'Äntwerte vun de Parteien net vun eis op eventuell Schreiffeeler iwwerpréift ginn.

# 1. Méi Bildungs-gerechteg-keet

**De Bildungsbericht 2022 huet nach emol kloer gewisen, dass an eisem Schoulsystem déi Schwächst aus eiser Gesellschaft déi Leidtragend sinn an déi mannste Chancen op een Bildungsofschloss hunn.**

**D'Chancenongläichheet fänkt net eréischt an der Schoul un, mee ass allgemeng e gesellschaftleche Problem deen an der Schoul reproduzéiert gëtt.**

## LSAP

**Wat gedenkt Dir ze maachen, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze verbesseren?**

Eisen Educatiounssysteem muss Chancëgerechtegkeet schafen an all Kand dee Bildungswee erméiglechen, dee bei et passt. Dofir wëll d'LSAP der Orientatioun en neie Stellewäert ginn. Schüler·innen mussen alleguerte wëssen, wéi eng Lycéeën, Filièren, Sektiounen an Perspektive fir si a Fro kommen. Allgemeng wëll d'LSAP d'Schoulprogrammer entlëften, de Sproochenunterrecht un d'Realitéit upassen a gesellschaftlech relevant Themen wéi Medienerzéiung, Klimawandel oder (mental) Gesondheet méi staark an de Fokus réckelen.

Fir vill Kanner a Jonker stellen déi sproochlech Ufuerderunge vum lëtzebuerger Schoulsystem eng grouss Hürd an hirer schoulescher Carrière duer. Dofir muss de Sproochenunterrecht iwwerduecht ginn – an dat mat Bléck op déi dräi Schoulsproochen. Ee wichtegen Usaz ass – nieft der franséischer Fréiförderung vu klenge Kanner – och d'Eruféierung un déi däitsch Sprooch. Lëtzebuergesch fungéiert weider als Integratiounssprooch.

An den éischte Liewensjore ginn d'Weeche fir déi schoulesch Carrière a fir d'Liewe gestallt. Dofir wëll d'LSAP verstäerkt Moyenen an d'Fréiförderung an an d'Petite enfance investéieren. Dozou gehéiere méi personell Ressourcen, ewéi zum Beispill en zweeten Intervenant an der Spillschoul an en anere Personalschlëssel an den SEAen.

Doriwwer eraus setzt d'LSAP sech dofir an, datt am Fondamental déi formal an déi non-formal Bildung systeematesch aneneegräifen. D'Ganzdaagsbildung an Ganzdaagsförderung si fir d'LSAP e Schlësselelement vun der Chancëgerechtegkeet an der Schoul. An dësem Sënn ass et och wichteg, datt méi Ressourcen en place gesat ginn, fir d'Enseignante·ë·n ze entlaaschten, wat deen administrativen Opwand ugeet. Donieft schwätzt d'LSAP sech fir eng héichwäerteg Nohëllef aus.

Schlussendlech muss den nationalen Educatiounssystem an allen Hisiichten de Bien-être vun de Kanner a Jonken an de Mëttelpunkt setzen. Fir datt e Kand sech wuel fillt, muss ee wëssen, wat et brauch, fir wat et sech intresséiert a wou seng Stäerkte leien.

**Wat gedenkt Dir fir d'Bildungsgerechtegkeet ze maachen?**

Effektiv gëtt de Grondsteen fir Chancegerechtegkeet schonn an der fréier Kandheet geluecht. All Programmer a Projeten, déi d'Kanner, hir Elteren a generell d'Famillje begleeden, beroden an ënnerstëtzen – wéi z.B. de Programm BabyPlus, d'Eltereschoul oder aner lokal Berodungszentren – gi vun der LSAP konsequent ënnerstëtzt. De Schlëssel ass eng Ganzdagsbildung a -förderung.

Dofir brauche mir genuch an iwwersiichtlech Strukturen (vun Assistants parentaux iwwert Mini-Crèchen bis Crèchen a Maisons relais) matt genuch qualifizéiertem Personal, engem bessere Personalschlëssel – dat bedeit manner Kanner pro Persoun an eng personaliséiert an individuell Betreiung – an enger gutt duerchduechtener an organiséierter pädagogescher Aarbecht, bei där d'Relatioun zum Kand, säi Wuelbefannen a seng Entwécklung am Mëttelpunkt stinn (Bindung, Bildung a Beweegung).

D'LSAP viséiert fir e Pilot Projet ze lancéieren, fir d'Verdeelung vun de Ressourcen, déi duerch den Indice social zur Verfügung gestallt ginn, innerhalb vun de Gemengen méi geziilt ze plangen. Esou solle Schoule mat méi Schüler·innen aus defavoriséierte Milieuen systeematesch méi Ressourcen zougesprach kréien am Kader vun engem pedagogesche Konzept. Notamment an deene grousse Gemenge wëll d'LSAP de sozialen Ënnerscheeder tëschent de Quartiersschoule besser gerecht ginn.

## DÉI GRÉNG

**Wat gedenkt Dir ze maachen, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze verbesseren?**

**Wat gedenkt Dir fir d'Bildungsgerechtegkeet ze maachen?**

Wéi Dir sot weise wëssenschaftlech Etuden aus dem In- an Ausland säit Joren, dass déi sozial, kulturell a sproochlech Hierkonft vu Kanner en entscheedenden Afloss op hir schoulesch Lafbunn hunn. Well mir gréng dat inakzeptabel fannen, hu mir an deene leschte Joren als Koalitiounspartner eng ganz Rëtsch Verännerunge matgedroen. Haut gesi mir awer, dass d'Bildungsschéier zu Lëtzebuerg trotz de villen Efforte vun der Politik an dem grousse Engagement vum Léierpersonal weider ausernee geet. Dofir si mir iwwerzeegt, dass d'Bildungsgerechtegkeet eng vun den gréisste Prioritéite fir déi nächst Regierung muss sinn, an dass an den nächste Jore weider, oder besser gesot aner Verännerungen wäerten néideg sinn, fir eis ganz Bildungslandschaft un d'Realitéit an d'Besoine vun eiser Gesellschaft vun haut unzepassen. Dobäi wëlle mir ganzheetlech Approchë fir transversal Erausfuerderunge sichen an differenzéierend, inklusiv Léieroffere fir all Kand förderen. Wesentlech Viraussetzungen dofir sinn eiser Meenung no eng oppen a proaktiv Abannung vun der ganzer Bildungsgemeinschaft, eng héichwäerteg Aus- a Weiderbildung vum gesamte Léierpersonal, an d'Orientéierung un de Kannerrechter als ieweschte Moossstaf bei allen Entscheedungen. Nëmme mat engem gerechten ëffentleche Bildungssystem op dëse Fundamenter kënne mir als Gesellschaft Erausfuerderunge wéi déi so-



# D'Parteie bekenne Faarf zur Schoulpolitik

## Table ronde am Kader vun den Nationalwalen

22.09.2023 • 18h • Casino syndical zu Bouneweg/Lëtzebuerg

---

SEW – Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL · FGIL · OGBL LANDESVERBAND · MEE · la ligue de l'enseignement – un avenir par l'éducation populaire

zial Ongläichheeten, déi digital Transformatioun oder d'Klima- a Biodiversitéitskris zesummen ugoen.

# CSV

**Wat gedenkt Dir ze maachen, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze verbesseren?**

Eng konkret Analys duerchféiere fir rauszefannen, wou d'Problemer hiren Ursprong hunn an dann e Konzept ausschaffen op Basis vun de Critèrë vum "Qualitéitskreislauf", fir d'Aussiichte vun de Kanner aus sozial benodeelegte Familljen op eng erfollegräich Schoulkarriär an der Grondschoul a Lycée ze erhéijen an déi observéiert Leeschtungsdifferenzen ze reduzéieren.

**Wat gedenkt Dir fir d'Bildungsgerechtegkeet ze maachen?**

Een neie Sproochenunterrecht fir méi Chancëgerechtegkeet:

- d'Fuerschung iwwer d'Léiere vun de Sproochen duerch méi eng enk Zesummenaarbecht mat der Uni.lu ënnerstëtzen;
- de Modell vun den ëffentlechen internationale Schoule evaluéieren a kee weideren Ausbau vu schoulesche Parallelwelten förderen;
- eng iwwergräifend Reform vum Sproochenunterrecht ausschaffen:
  - déi aktuell multilingual Kannerbetreiung konzeptuell iwwerdenken;
  - d'Programmer, d'Methodik an d'Evaluatioun upassen;
  - d'Alphabetiséierungssprooch als Friemsprooch enseignéieren;
  - de Projet vun der Alphabetiséierung op Franséisch wëssenschaftlech begleeden an evaluéieren, éier en eventuell ausgebaut gëtt;
  - d'Konsequenzen vun dësem Projet op den Iwwergang an de Secondaire duerchdenken an d'Unterrechtssprooch op den ënneschte Klassen eventuell upassen;
  - am Lycée méi Flexibilitéit beim Sproochenunterrecht aféieren, duerch méi eng flexibel Offer a méi Choix fir de Schüler.

**Upassung vun der Grondschoul un déi verännert Ufuerderungen**

- an der Grondschoul de Berechnungsmodus fir de sougenannte Contingent vun Unterrechtsstonnen un de reelle Bedarf upassen, fir all Kand – ob schwaach oder staark – am Schoulbetrib déi Ënnerstëtzung kënnen zoukommen ze loossen, déi et verdéngt, besonnesch a sozio-ekonomesch méi schwaache Géigenden;
- aner Organisatioun an der Grondschoul:
  - fir gläichwäerteg Startchancë fir all Kand am Cycle 1 jeeweils 1 Enseignant an 1 Educateur pro Klass aféieren (wéi am Précoce);
  - am Précoce, deen eng wichteg Rolle beim Sproocheléieren spillt, genuch Plaze schafen, fir dass all Kand ka vun der Offer profitéieren;
  - d'Zesummenaarbecht mat de Betreiungsstrukture verbesseren;
  - d'Lëtzebuergesch als gemeinsam Sprooch am Cycle 1 förderen an Elementer vu sproochlechem Bewosstsinn integréieren;
  - d'Sproochepolitik am Cycle 1 generell iwwerschaffen an un d'Alphabetiséierungssprooch upassen;
  - d'phonologescht Bewosstsinn fir d'Alphabetiséierungssprooch am Cycle 1 geziilt förderen;
  - dem Enseignant an der Grondschoul et erméiglechen, sech nees prioritär kënnen op d'Schoulhalen ze konzentréieren, mat folgende Mesuren:
  - de Schoulcomité professionaliséieren respektiv eng Schouldirektioun an der Grondschoul aféieren – als direkten Uspriechpartner op der Plaz fir Enseignanten, Schüler an Elteren;
  - eng permanent pluridisziplinär Equipe op Schoulcampus-Niveau aféieren, op déi d'Schouldirektioun ouni Ëmwee kann zréckgräifen, fir dass d'Hëllef schnellstméiglech do ukënnt, wou se gebraucht gëtt (nom Modell vum SePAS am ES);
  - administratiivt Personal an der Grondschoul aféieren, fir d'Direktioun z'ënnerstëtzen a fir d'Enseignanten z'entlaaschten;
  - eng Diskussioun féieren iwwer d'Aufgabenopdeelung tëschent de Gemengen an dem Ministère.
- eng Hausaufgaben-Hëllef mat Qualitéitscritèrë fir d'Kanner aféieren, déi eng reell Hëllef ass an net just eng Hausaufgabe-Surveillance;
- alle Schoule vum Enseignement fondamental gläichwäertegt informatescht Material vum Staat zur Verfügung stelle loossen, sou wéi et och am Enseignement secondaire de Fall ass;
- fir Kanner mat spezifesche Besoinen:
  - e Kompetenz-Screening aféieren, fir eventuell Defiziter bei Kanner fréizäiteg – vum Cycle 1 un – kënnen z'identifizéieren;
  - méi kloer, transparent an einfach Prozedure fir eng méi séier a méi effikass Hëllef um Terrain;
  - verbessert Zesummenaarbecht a Koordinatioun tëschent de Kompetenzzentren an allen Acteuren, déi am Beräich vun der Beschoulung vun de Kanner mat spezifesche Besoinen aktiv sinn;
  - Upassung vum Fonctionnement vun de Kompetenzzentren, fir alle Kanner – egal, wou se wunnen – déi selwecht Hëllef kënnen unzebidden;
  - den Diagnostikprozess beschleunegen a verbesseren;
  - d'Betreiungsoffer ausserhalb vun de Schoulzäite fir Kanner mat spezifesche Besoinen ausbauen.
- D'Orientéierung vun de Schüler no hire Stäerkten an Talenter maachen, amplaz vun der „Orientation par l'échec".
- Interventiounsprogrammer fir „Risiko-Familllen" ausschaffen.

# DÉI LÉNK

**Wat gedenkt Dir ze maachen, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze verbesseren?**

Eise Schoulsystem ass immens hierarchiséiert: den Iwwergang vum Fondamental an de Secondaire ass ee Moment wou gefiltert gëtt. Déi „gutt" Schüler kommen an de Lycée Classique, déi „manner gutt" an de Lycée général an déi "ganz schwaach" ginn zum Deel nach virum Schluss vum Cycle 4 an d'voie de préparation. Déi jeeweileg Orientatiounsméiglechkeet gi gesellschaftlech ganz verschidde wäert geschat, notamment verleeft d'Orientéierung an d'Formation professionnelle op Basis vun Ausschlosskrittären. D'Formation professionnelle ass da souzesoen den Ofstellgleis fir Schüler déi Léierschwieregkeeten hunn. De Lycée classique gëllt par konter als voie royale zu den akademesche Studien an domat och zu valoriséierten Diplomer, enger Aarbecht an enger favorabeler Positioun an der Gesellschaftsuerdnung. Ausschloss-

krittäre si wéi gesot um Wierk beim Iwwergang vum Fondamental an de Secondaire. Dës baséieren op sozio-ekonomeschen a kulturelle Facteuren. De nationale Bildungsbericht mécht däitlech, dass Schüler mat Migratiounshannergrond, deenen hir Mammesprooch net lëtzebuergesch ass an déi aus ekonomesch schwaache Famillje kommen, wou d'Elteren och wéineg Schoule gemaach hunn, déi sinn déi am Mannste Chancen hunn an de Classique ze kommen an am Meeschte vum Décrochage scolaire betraff sinn. Déi Lénk wëlle mat dëser Logik briechen andeems si den Tronc commun nees aféieren. Dat ass keng utopesch Fuerderung, well wéi der wësst, gouf 1979 den Tronc commun vun der LSAP-DP Regierung gesetzlech gestëmmt...mee leider ni ëmgesat – well dono koum eng CSV Regierung.

Den Tronc commun war deemools an der Diskussioun wéinst dem Constat dat de Schoulsystem de neien ekonomeschen an demographeschen Erausfuerderungen net méi gewuess wier. Deemools ass gesot ginn, dat mir zu Lëtzebeurg missten eis eege Matière grise zillen an dat de sozialen Determinismus muss entschäerft ginn duerch d'Bildung, virun allem duerch d'Demokratiséierung vun der Schoul. D'Gesamtschoul, dat ass ee System an deem d'Schüler*Innen net fréizäiteg an de Secondaire orientéiert ginn. Si bleiwen zesummen an enger selwechter Lafbunn, an engem Tronc commun, bis zum Schoulflichtalter, also aktuell nach 16 Joer, a kënnen dann entscheeden a wéi eng spezialiséiert Filière si sech wëllen orientéieren. D'Gesamtschoul setzt viraus, dass d'Schüler de Choix vun hirer schoulescher a professioneller Orientéierung bewosst kënnen treffen, well si bis dohin den Iwwerbléck iwwer hier Kompetenzen a Preferenze kënnen hunn.

Dofir géing an der Gesamtschoul och an Teams enseignéiert ginn, dat heescht zu e puer Enseignanten an Zesummenaarbecht mat spezialiséiertem pedagogeschem Personal dat sech ëm Schüler këmmert déi spezifesch Besoinen hunn. An der Gesamtschoul géing och effektiv a Cyclë geschafft ginn, sou wéi dat haut scho gesetzlech virgesinn ass. An an enger Gesamtschoul, ginn d'Schoulprogrammer esou ausgeschafft, dass all Schüler bis zu senge 16 Joer kann en Abléck kréien a verschidde Fächer a souwuel theoretescht Wëssen ewéi praktesch Beruffserfarunge sammelen. Och d'Handwierk, mat Atelieren a Stagen, wär e wichtegen Deel vun dem Programm.

Et ass un der Zäit Courage ze weise fir eng Rei Mesuren ëmzesetzen déi um Fundament vun eisem inegalitäre Schoulsystem rappe ginn.

- Mir fuerderen ee vereinfachten Zougang zu der Méisproochegkeet.
- D'Ofschafe vun der fréizäiteger Orientéierung an de Secondaire.
- D'Aféierung vum Tronc commun.
- D'Enn vun der Hierarchiséierung tëscht de Filièren.
- D'Integratioun vu parascolairen Aktivitéiten a vun de Kompetenzzentren an der Schoul selwer.
- Multiprofessionell Teams an de Klassesäll.

## ADR

**Wat gedenkt Dir ze maachen, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze verbesseren?**

Gläichheet gëtt et net an der Gesellschaft, an deemno kann d'Schoul och hei nëmme begrenzt wierken. Nach ëmmer ass et esou, dass d'Famill eng wäitaus méi grouss Roll spillt fir d'Entwécklung vum Kand wéi d'Schoul. D'Schoul muss awer den Usproch hu gerecht ze sinn, an deemno keng Schüler ze bevirdeelegen oder ze benodeelegen, an d'Schoul muss all Schüler esou wäit wéi méiglech fërderen. Mir wëllen hei zwee Punkten ervirhiewen: éischtens sollt an de Chrèchë méi op d'Lëtzebuerger Sprooch gepocht ginn, fir esou den auslännesche Kanner e bessere sproochlechen Iwwergang an d'Schoul ze erméiglechen. Zweetens sollte grad bei de sozial schwaache Schüler méi finanziell Mëttelen agesat ginn.

Schlussendlech musse mir eng Gesellschaft hunn, an där och Leit, déi d'Schoul net esou gutt gepackt hunn, gutt liewe kënnen.

## PIRATEN

**Wat gedenkt Dir ze maachen, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze verbesseren?**

Leider gëtt de Lëtzebuerger Schoulmodell ganz ville Kanner net méi gerecht. Et ass bekannt, dass Kanner mat Migratiounshannergrond an/oder aus sozio-ekonomesch méi schlecht gestallte Famille vum aktuelle System benodeelegt ginn an trotzdeem ass d'Reformbereedschaft limitéiert. Mee fir d'Piraten ass kloer: D'Schoul muss de Kanner gerecht ginn an net ëmgedréint.

Eng Alphabetiséierung an enger Friemsprooch, déi guer näischt mat der Mammesprooch ze dinn huet, ass eng grouss Erausfuerderung fir e Kand an esou och en Nodeel par rapport zu anere Schüler:innen, déi dës Sproochenhürd net huele mussen. D'Pirate setzen sech dowéinst dofir an, dass nieft den internationale Schoulen och an den « traditionelle » Schoulen d'Alphabetiséierung a méi wéi just enger Sproch soll ugebuede ginn an doriwwer eraus och insgesamt d'Couren a verschiddene langue véhiculaires stattfanne kënnen. An ënnerschiddleche Klassen, mee ënnert engem gemeinsamen Dag, sollen d'Kanner a verschiddene Sprooche léiere kënnen. Esou kéint ee besser op hier eenzel Besoinen agoen a géif et hinne gläichzäiteg erlaben, sech fir verschidde Fächer, (déi net primär d'Sprooche betreffen), och ënnerteneen ze mëschen, fir esou Kontakter ze knäppen. Et soll net wichteg sinn a wéi enger Reiefolg een d'Sprooche léiert, mee just, dass ee se um Enn vu senger Schoulkarriär esou gutt kann, wéi et engem méiglech ass. Iwwerdeems ënnerstëtzen d'Piraten d'Iddi vun engem modulare Bildungssystem fir de Lycée.

D'Module bidde jidderengem d'Fräiheet, an deem Tempo ze léieren, deen him entsprécht. Gläichzäiteg verhënnert dee System, dass déi Jonk ganz frei getrennt ginn, ouni dass Deelstärke geférdert kënne ginn. Zousätzlech kënne Problemer an eenzelne Beräicher frei erkannt ginn, aplaz dass se mat weider geschleeft ginn.

## FOKUS

**Wat gedenkt Dir ze maachen, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze verbesseren?**

Méi Gerechtegkeet kann nëmmen erreecht gi, wa Ministère, Enseignanten an Elteren zesumme schaffen.

Gerechtegkeet fänkt am klengsten Alter un. Mir wëllen dofir nees e reelle Choix schafen zwëschen gratis Kannerbetreiung a méi Elterenzäit mat de Kanner. Fir eis mussen d'Elteren jee no Liewenssituatioun dësen Choix am Sënn vum Kand kënnen treffen.

Beim Thema Gerechtegkeet spillen d'Sproochen zu Lëtzebuerg eng wichteg Roll. An enger éischter Linn ass dat korrekt Erléieren a Beherrsche vun enger Mammesprooch d'Viraussetzung fir datt e Kand duerno an der Schoul kann Erfolleg hunn. Hei spillen d'Elteren an/oder d'Crèchen eng wichteg Roll. Et gëllt d'Elteren an d'Crèchen nach méi an där wichteger Missioun z'ennerstetzen.

Eng weider wichteg Piste ass d'Alphabetiséierung am Fondamental op Däitsch an op Franséisch. D'Méiglechkeet vun enger Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch an hiren Impakt op d'Léiere vun deenen anere Sprooche vun eisem System soll zousätzlech gepréift an analyséiert ginn.

Och am Lycée stellen d'Sproochen nach ëmmer eng grouss Erausfuerderung duer. Mir wëlle méi Flexibilitéit fir d'Schüler beim Choix vun der „Langue véhiculaire" a verschidde Fächer a generell, dass d'Schwächte méi konsequent opgeschafft ginn.

Zum Thema Gerechtegkeet gehéieren och Froe ronderëm Bewäertung an Orientéierung.

Mir wëllen de Bewäertungssystem am Fondamental vereinfachen. Ab dem Cycle 3 soll eng Bewäertung mat Punkte stattfannen, déi präzis an einfach ze verstoen ass an och am Lycée d'Basis fir d'Bewäertung duerstellt.

Fir Fokus gëllt et och d'Orientéierungsprozeduren zum Schluss vum Fondamental z'iwwerschaffen. D'Zesummenaarbecht vun Enseignanten aus dem Fondamental a Secondaire muss fir eng besser Orientéierung verstäerkt ginn.

Mir fuerderen d'Aféierung vun engem optionalen Opnamexame fir Kanner, deenen hier Elteren net mat der Orientéierung averstane sinn. Hei ass wichteg datt den Examen och an enger Form ofgehale gëtt, déi d'Kanner an der Schoulzäit begéint hunn.

Fir Fokus ass et grondfalsch, dass jorelaang eng automatesch Promotioun vun 7ème – 5ème oprecht erhale gouf, obwuel sech séier gewisen huet, dass dëst just zu engem massiven Accumuléiere vu schoulesche Problemer féiert. Schwächte mussen do behandelt gi wou se ufalen an net weidergereecht ginn. Déi automatesch Promotioun gehéiert ofgeschaaft.

Zousätzlech zum Erëm-Aféiere vum Redoublement mussen d'Applikatioun an d'Conduite eng méi wichteg Roll spillen. Manéiere, Respekt, Pénktlechkeet, Applikatioun, Disziplin solle keng Randerscheinung op der Zensur sinn. Déi klassesch Bewäertung vun der Applikatioun/Disziplin mat „bien/mauvais" muss erweidert an iwwerschafft ginn, zB duerch ee Punktesystem. Zu der Gerechtegkeet gehéiert och, dass fir all Schüler d'Wäerter nees méi Wäert musse kréien.

## VOLT

**Wat gedenkt Dir ze maachen, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze verbesseren?**

Volt erkennt de Problem un, datt déi gréissten Ongerechtegkeet an der Educatioun tëscht sou genannten "eenheemeschen" a "migréierte" Kanner läit. Dem Bildungsbericht 2021 no ass virun allem bei portugisesche Kanner festzestellen, datt eng méi héich Bildung vun den Elteren am Verglach zu eenheemeschen oder däitsche Migranten kee positiven Afloss op d'Leeschtung vun de Kanner huet. Besonnesch an d'A spréngt dobäi den Ënnerscheed zur Schwäiz, wou d'Portugisen däitlech besser ofschneiden.

Mir ginn awer och do de Conclusioune vum Bildungsbericht recht, andeems si engersäits soen, datt et immens schwéier ass, konkret auszemaachen, wouhier dës Problematik staamt, anerersäits d'Statistik esou interpretéieren, datt et héchstwarscheinlech um Sproochenerwerb läit. Lëtzebuerg huet an deem Sënn ëmmer eng Sonderpositioun, well mir tatsächlech multilingual sinn – an der Schwäiz léieren déi meescht um Ufank mol haaptsächlech eng Sprooch, bei eis sinn et der direkt 3 bis 4 (an déi op engem immens héijen Niveau).

An deem Sënn wëlle mir d'Sproocheflexibilitéit fërderen, sou datt jidderengem déi selwecht sproochlech Chancen zoustinn.

## KPL

**Wat gedenkt Dir ze maachen, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze verbesseren?**

Schulpolitik muss auch Sozialpolitik sein. Bürgerliche Politiker sprechen gern darüber in Sonntagsreden, setzen das aber nur selten – und wenn, dann nur punktuell – in die Praxis um. Frühere und auch der jetzige Bildungsminister betreiben vor allem Aktionismus. Die alten Probleme des Bildungssystems werden durch die neuen Technologien sowie die Schulautonomie – eine Form der Privatisierung und Zersplitterung der Schullandschaft – oder die Gründung von „Europaschulen" – ebenfalls eine Form der Zersplitterung – nicht behoben, weder in den Grundschulen noch in den Lyzeen. Ein konsequenter Einsatz, wie von der KPL gefordert, für eine kinderfreundliche, demokratische und soziale Schule ist nicht zu erkennen. Anstatt die finanziellen Ressourcen des Unterrichtsministeriums an große Privatunternehmen zu spenden, statt staatliche Gelder in den Militärapparat zu pumpen, ist es Aufgabe der Regierung, in eine Schule der Chancengleichheit und der sozial gerechten Ausbildung zu investieren. Eine solche Politik widerspricht allerdings den Grundsätzen kapitalistischer Logik. Kinder in Luxemburg aus einkommensschwachen Arbeiter- oder Immigrantenfamilien dürfen nicht benachteiligt werden. Auch sie haben das Recht auf eine gute Ausbildung und eine umfassende Förderung. Deshalb fordern die Kommunisten – eine Aufstockung des Bildungsbudgets um 30 Prozent, um sämtliche Probleme des Bildungssystems in Angriff nehmen zu können und nicht nur vereinzelte Problembereiche. Nur so kann ein sozial gerechtes und demokratisch organisiertes Schulsystem geschaffen werden.

Es ist mitnichten ein Geheimnis: Seit jeher fordert die KPL die Einführung einer laizistischen, polytechnischen Sekundarschule (drei- oder vierjähriger »tronc commun« nach der Grundschule), in welcher der Sprachenunterricht, die Human- und Naturwissenschaften, handwerkliche Fähigkeiten sowie objektive, anspruchsvolle Leistungskriterien – d.h. keine automatische Versetzung, jedoch Berücksichtigung der Stärken des Schülers und Etablierung eines effizienten Stützkurssystems – Vorrang haben. Anschließend erfolgt die vierjährige Berufsausbildung (Handwerker oder Techniker) oder die vierjährige Vorbereitung auf das klassische

resp. technische Abitur, wobei die meisten bestehenden Sektionen beibehalten werden sollen; allerdings sollte es eine Prozedurvereinfachung beim Wechsel des schulischen Schwerpunkts geben. Die KPL macht sich indes keine Illusionen: Ein solches System kann nur gut funktionieren, wenn zuvor die notwendigen infrastrukturellen, soziokulturellen und vor allem pädagogischen Betreuungsstrukturen geschaffen werden – ansonsten bleibt es ein « leeres Gerippe », das seinen Zweck, nämlich die Orientierung der Schüler im Alter von 15 oder 16 Jahren (und nicht – wie bisher – bereits im Alter von 12 Jahren), unzureichend erfüllt. Im Programm der KPL ist es folgendermaßen formuliert: « Die KPL fordert die Rundumbetreuung der sozial benachteiligten Schüler und jener mit Lernschwierigkeiten in der Sekundarschule durch ein umfassendes, durchdachtes sowie kostenloses Angebot an Förderkursen (für alle drei »cycles«: »inférieur«, »moyen« und »supérieur«). Das von Fachkräften getragene Stützkurssystem soll jedem Schüler offenstehen. » Auch außerhalb der normalen Schulzeit müssen den Schülern umfassende Nachhilfekurse sowie kulturell sinnvolle Freizeitkurse angeboten werden. Dies erfordert freilich eine dezidierte Erhöhung des Bildungsbudgets. Somit können die bestehenden Infrastrukturen ausgebaut bzw. modernisiert werden und neue können hinzukommen, der Einstellung von mehr Lehr- und Erziehungspersonal steht nichts mehr im Wege. Den Betreuungs- und Auffangstrukturen sollte oberste Priorität eingeräumt werden.

Jedes Lyzeum sollte über ein nachmittägliches pädagogisches, soziokulturelles Betreuungssystem / -programm für alle Altersstufen verfügen. Die Eltern / Erziehungsberechtigten entscheiden, ob ihr Kind diese Nachhilfe-, Sport- und Kulturkurse frequentieren muss – oder eben nicht. Ein solches System kann nur etabliert und aufrechterhalten werden, wenn man sich hierzu die nötigen finanziellen Mittel und personellen Kräfte gibt. Auf diesem Wege können insbesondere Arbeiter- und Migrantenkinder besser integriert und effizienter an das erforderliche Schulniveau herangeführt werden. Die KPL ist der Überzeugung, dass sich dergestalt die Kluft zwischen sozialer Herkunft und Bildungserfolg verringern lässt. Im aktuellen dualen Bildungssystem ist dies nicht der Fall; obendrein gibt es nur wenige konkrete Betreuungsmaßnahmen, es handelt sich hierbei vielmehr um ein paar Tröpflein auf den berühmten heißen Stein.



# 2. International Schoulen

## 2.1 Schoulesch Ausriichtung a méiglech Konsequenzen fir d'Reegelschoul

**An de leschte Joren sinn eng ganz Rei ëffentlech europäesch Schoulen opgaangen, an d'Tendenz weist weider no uewen. Den SEW/OGBL bedauert, dass ee Parallelsystem opgebaut gëtt amplaz den aktuelle Modell vun der Méisproochegkeet an de Lëtzebuerger Schoulen op der Basis vun enger kritescher Analyse ze iwwerdenken an ze iwwerschaffen. Eng gemeinsam ëffentlech Schoul schéngt eis fir d'sozial Kohesioun an Integratioun indispensabel. Ee Parallelsystem riskéiert, déi nach méi schwéier ze maachen. Wéi kann den Zesummenhalt an der Gesellschaft entstoen, wann et d'Schoul net méi gëtt als deen ëffentleche Raum, an deem sech all d'Membere vun dëser Gesellschaft begéinen an zesummeschaffen?**

### LSAP

**Wéi gesitt Dir déi Spléckung vun der Schoul?**

D'Aféierung vun den ëffentlechen Europaschoulen ass eng Äntwert op e bedeitende Besoin an eiser Gesellschaft: fir vill Kanner a Jonker stellen déi sproochlech Ufuerderungen eng immens Hürd an der schoulescher Carrière duer. Am Sënn vun der Bildungsgerechtegkeet bidden déi international Schoulen aktuell eng sënnvoll Offer fir verschidde Schüler·innen. Allerdéngs ass et net fir all Schüler·in de richtege Choix, beispillsweis wann eng akademesch Carrière net a Fro kënnt, well déi international Schoulen éischter fir en akademesche Parcours ausgeriicht sinn. D'LSAP setzt sech derfir an, datt déi international Schoulen laangfristeg à moyen terme an den nationalen Educatiounssystem agegliddert ginn. Gläichzäiteg erfuerdert de gudde Fonctionnement vun der Reegelschoul zäitno Adaptatiounen. Fir d'LSAP ass et Zäit fir déi international Schoulen an d'Reegelschoul uneneen erunzeféieren.

Engersäits wëll d'LSAP déi gewonnen Erfarungen aus den internationale Schoulen am Reegelsystem integréieren. Anerersäits wëll d'LSAP sech dofir asetzen, Passerellen vun der ëffentlecher Europaschoul an d'Reegelschoul, an notamment an d'Berufsausbildung ze garantéieren, a gläichzäiteg och déi lëtzebuerger Sprooch an den internationale Schoulen stäerken.

**Wéi wëllt Dir déi Reegelschoul stäerken?**

An der Reegelschoul mussen d'Programmer iwwerschafft an un d'Realitéit ugepasst ginn. Besonnesch um Niveau vum Sproochenunterrecht wëll d'LSAP déi gewonnen Erfarungen aus den ëffentlechen Europaschoulen ëmsetzen. Um Niveau vum ES/ESG bedeit dat konkret, datt Pondératiounen an/oder verschiddene Sproochenniveauen agefouert ginn, fir d'Regelschoul un déi international Schoulen erunzeféieren. Heibäi sollt een op d'Kompetenz an de Know How vun der Uni.lu zreckgräifen.

Zousätzlech setzt d'LSAP sech dofir an, d'Programmer, d'Promotiounskrittären an d'Unterrechtsmethoden z'iwwerschaffen an ze moderniséieren. An eiser schnelllieweger Gesellschaft mussen Themen ewéi digital Kompetenzen, politesch Bildung, Medienerzéiung, Klimawandel oder (mental) Gesondheet e méi héije Stellewäert kréien, fir déi Jonk op e sebstbestëmmt Liewe virzebereeden.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, dass d'ëffentlech Schoul eng Plaz ka sinn, wou eis Gesellschaft zesummefënnt?**

De nationalen Educatiounssysteem ass an der Flicht, alle Schüler·innen e Bildungswee ze bidden, deen hire Besoinen a Perspektiven entsprécht. Nëmmen da kann déi ëffentlech Schoul eng Plaz fir eis ganz Gesellschaft sinn. Mat der ëmmer méi grousser Heterogenitéit vun eiser Schülerschaft, sinn ëmmer méi Schüler·innen mat Schwieregkeeten an de Sproochefächer konfrontéiert. Fir verschidde Schüler·innen sinn déi international Schoulen eng gutt Optioun, soulaang si an e laangfristegt globaalt schoul-politescht Konzept agebonne sinn. An dësem Sënn betount d'LSAP d'Bedeitung vum Lëtzebuergeschen fir d'Integratioun an de sozialen Zesummenhalt.

### CSV

**Wéi gesitt Dir déi Spléckung vun der Schoul?**

Fir d'CSV sollen net nach weider schoulesch Parallelwelten opgebaut ginn. Et ass wichteg, dass déi ëffentlech Schoulen gestäerkt a fit fir d'Zukunft gemaach ginn.

**Wéi wëllt Dir déi Reegelschoul stäerken?**

D'Reform vum Sproochenunterrecht ass e Schlësselelement dovun. Dozou kënnen och positiv Erfarungswäerter aus den internationale Schoule wéi beispillsweis méi Choix fir de Schüler gehéieren. D'Aart a Weis fir Schoul ze halen, muss och iwwerschafft ginn. D'Skills vum 21. Jorhonnert erfuerderen dat. Schoul ass méi wéi just Wëssensvermëttlung. Niewent renge fachlechen an technesche Skills sinn am Liewen, a besonnesch am Beruffsliewen, Kompetenze wéi kritescht Denken, Kommunikatioun, Aschätzungsverméigen, Empathie, Gewëssenhaftegkeet, Kooperatiounsfäegkeet, Kollaboratioun, Kreativitéit, Motivatioun, Vertrauenswierdegkeet, Selbststännegkeet, Upassungsfäegkeet an Toleranz ëmmer méi wichteg. An och d'Digitaliséierung verännert villes, wéi mer schaffen, liewen an och léieren.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, dass d'ëffentlech Schoul eng Plaz ka sinn, wou eis Gesellschaft zesummefënnt?**

Andeems mir déi klassesch ëffentlech Schoule stäerken. All Kand, egal wou et hierkënnt, soll an der klassescher ëffentlecher Schoul seng Plaz kënne fannen.



Voyages Sotour

*Une irrésistible envie de partir ?*

**Sotour - La bourse aux voyages**

2, rue Louvigny
L-1946 Luxembourg

Tél. 46 15 14 - 1
*air@sotour.com*

# DÉI GRÉNG

**Wéi gesitt Dir déi Spléckung vun der Schoul?**

Als Deel vun der Regierung hu mir d'Eröffnung vun den ëffentlechen internationale Schoule mat gedroen, well si eiser Usiicht no e Schrëtt sinn a Richtung vun enger Weiderentwécklung vun der ëffentlecher Schoul zu Lëtzebuerg, virun allem wat de Sproochenunterrecht ugeet. De groussen Zoulaf vun deenen neie Schoule weist, dass et wéinst der wuessender Diversitéit vun eiser Bevëlkerung eng grouss Demande gëtt fir sou eng Weiderentwécklung. Mir hunn dës Projeten an der Chamber matgestëmmt, well et sech hei ëm ëffentlech Schoulen handelt, déi wéi déi traditionell Schoulen och gratis sinn an alle Kanner opstinn. Mir hunn dat och gemaach, well mir ouni déi nei Méiglechkeeten de Risiko gesinn hunn, dass ëmmer méi Elteren, déi sech et leeschte kënnen, hir Kanner op Privatschoule schécken an et also an dem Sënn zu enger wierklecher Privatiséierung vun der Schoullandschaft kënnt.

**Wéi wëllt Dir déi Reegelschoul stäerken?**

Fir den Zesummenhalt an eisem Schoulsystem och an Zukunft ze erhalen an ze stäerke wënsche mir eis, dass an der nächster Legislaturperiod och d'Reegelschoul op de Leescht gehollt gëtt. Eiser Usiicht no mussen dës Verännerungen d'Leeschtungsfäegkeet an d'Chancëgerechtegkeet gläichermoossen an der Viergergrond stellen. Am Kader vun der formaler Bildung wëlle mir eis virun allem beim Sproochenunterrecht a bei der Evaluatioun an Orientéierung vun de Schüler*inne fir grondleeënd Verbesserunge staark maachen, an dat queesch duerch déi verschidde Schoulformen an Alterskategorien. Dobäi wëlle mir d'Leeschtungsufuerderungen, d'pedagogesch Usätz an d'Iwwergäng mat Bléck op déi individuell Léierfortschrëtter vun de Schüler*innen nei definéieren. Och déi sozial Mixitéit an de verschiddene Schoulen ass en Aspekt, dee mir wichteg fannen an dofir an d'Iwwerleeunge mat abezéie wëllen.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, dass d'ëffentlech Schoul eng Plaz ka sinn, wou eis Gesellschaft zesummefënnt?**

Déi international Schoulen, déi et haut scho gi wëlle mir onofhängeg a konsequent evaluéiere loossen an dobäi e besonnesche Fokus op d'Kompetenze vun de Schüler*innen, d'Inklusivitéit vun dëse Schoulen an d'Rekrutéierungs- an Aarbechtskonditioune vum Personal leeën. Op der Basis vun deene Verbesserungen an den internationalen an den traditionelle Schoule kënne mir eis längerfristeg e Rapprochement vun deenen zwee Systemer virstellen, fir den Zesummenhalt an der Bildungslandschaft ze garantéieren an déi positiv Aspekter vu béide Schoulforme mateneen ze verbannen.

# DÉI LÉNK

**Wéi gesitt Dir déi Spléckung vun der Schoul?**

Effektiv déi grouss Changementer déi ënnert dem DP Minister Meisch stattfonnt hunn, bestinn aus enger Zerstéckele vun der Schoullandschaft, engem administrative Waasserkapp, enger Individualiséierung vun der Schoulgemeinschaft an enger Hyperspezialiséierung vun der Ausbildung. Dem Minister seng sëlleg Reformen hunn de Problem vun de schouleschen Ongläichheeten ëmgaangen. Dat ass immens problematesch. De Minister féiert d'Konkurrenzdenken an der ëffentlecher Bildung an, setzt op Kompetitioun an dreift d'Privatiséierung vum ëffentleche Bildungswiese virun. D'Schoul ass fir hien ee Marché. Fir eis ass d'Schoul déi dreiwend Kraaft vun der Demokratie an der Emanzipatioun. Nëmmen ee gerechten an harmoniséierte Bildungssystem kann effikass géint déi strukturell Ongläichheeten an eiser Gesellschaft ukämpfen.

**Wéi wëllt Dir déi Reegelschoul stäerken?**

Mir wëllen dass déi Moyen'en déi momentan an d'Recherche, a Pilotprojet'en an an d'Schafe vun International Schools fléissen, gezielt an der Reegelschoul agesat ginn. Falls aus verschiddene Pilotprojeten an aus den International Schools positiv Bilan'en kënne gezu ginn, da wëlle mer dass dës positiv Elementer hire Wee an d'Reegelschoul fannen an do ëmgesat ginn. Domat géinge mer och wierklech eng Schoul fir jidderee schafen. Een eenzege System an dem all Schüler dat ka gebuede kréie wat senge Besoin'en entsprécht.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, dass d'ëffentlech Schoul eng Plaz ka sinn, wou eis Gesellschaft zesummefënnt?**

Mir wëlle wéi gesot verhënneren dass eng sozial Segregatioun ënnerhalb vun der Schoul entsteet. Dofir ass d'Ofschafe vun der Hierarchie vun de verschiddenen Orientatiounsméiglechkeeten am Secondaire wichteg, mee och den Tronc Commun an d'Evaluatioun déi fräi vu soziale Viruertdeeler muss sinn. Déi Lénk hunn sech och ëmmer fir eng sozialgerecht Opdeelung vun de Secteuren am Fondamental agesat, sou dass méi sozial Mixitéit an de Schoule kann entstoen an domat och d'Solidaritéit tëschent de Schüler an den Enseignanten an de Schüler ka gestäerkt ginn.

# ADR

**Wéi gesitt Dir déi Spléckung vun der Schoul?**

Déi gemeinsam ëffentlech Schoul ass immens wichteg fir de sozialen Zesummenhalt a fir d'Integratioun, grad an engem Land wéi Lëtzebuerg. Déi spziell international Schoulen bedeiten am Endeffekt: D'Kanner gi jee no hire Wuerzelen, no hirer Nationalitéit, hirer Kultur a verschidde Schoulen oder Klasse getrennt. Nom Motto "ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Mënschen". Eng Gesellschaft brauch awer Gemeinsamkeeten an en Zesummeliewen amplaz e Laanschteneeliewen. Dofir mussen eis Kanner onbedéngt zesummen an der Schoul an zesummen an de Klasse sinn. D'Integratioun vu de villen Auslänner ass an de leschte Joerzéngten nëmmen esou gutt gelongen dank enger staarker gemeinsamer ëffentlecher Schoul.

**Wéi wëllt Dir déi Reegelschoul stäerken?**

Déi klassesch ëffentlech Schoul muss als dat dohigestallt ginn, wat se ass: en Erfollegsmodell, deen Integratioun an Zesummenhalt garantéiert, eng gutt Bildung fërdert, an dat mat guddem, motivéiertem Léierpersonal. Den neimoudesche "Bashing" vun der klassescher ëffentlecher Schoul muss ophéieren.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, dass d'ëffentlech Schoul eng Plaz ka sinn, wou eis Gesellschaft zesummefënnt?**

All d'Kanner sollen gemeinsam an de Klassen vun der ëffentlecher Schoul sinn. Si solle gemeinsam Erfarunge maachen an austauschen, an zesumme léieren, och ee vun deem aneren. Aner Schoulmodeller sollen op Ausname begrenzt sinn, z.B. fir Leit déi just eng kuerz Zäit am Land sinn. Mir si fir eng staark ëffentlech gemeinsam Schoul fir all d'Kanner aus eisem Land.

## PIRATEN

**Wéi gesitt Dir déi Spléckung vun der Schoul? Wéi wëllt Dir déi Reegelschoul stäerken? Wéi wëllt Dir sécherstellen, dass d'ëffentlech Schoul eng Plaz ka sinn, wou eis Gesellschaft zesummefënnt?**

Kuerzfristeg kënnen déi néi international Schoulen e wichtegt Mëttel sinn, fir d'Schouloffer ze diversifizéieren. Et ginn aktuell eng ganz Rei Schüler:innen, deenen déi „traditionell" Lycéeën net gerecht kënne ginn, an dofir kënnen déi nei Schoulen als Mëttel gesi ginn, fir séier de verschiddene Besoine vu méi Kanner gerecht ze ginn. Dobäi ass et awer wichteg, den Elteren an de Schüler:innen virun enger Aschreiwung an enger internationaler Schoul genee ze erklären, wat d'Vir- an d'Nodeeler vun esou enger Schoul sinn, par rapport zu bestëmmte Beruffswënsch. Laangfristeg dierf et awer net d'Zil sinn, de klassesche lëtzebuergesche Schoulsystem engersäits an de System vun den internationale Lycéeën anerersäits parallel vun eneen (an dat heescht och laanscht eneen) lafen ze loossen. E gudde Schoulsystem soll dozou bäidroen, Kanner mat verschiddensten Hannergrënn a Fäegkeeten zesummen ze bréngen - an Jonker net vu klengem un a verschidde Gruppen trennen. Eng lieweg a multikulturell Gesellschaft, wou wierklech en Austausch tëscht de Mënsche besteet, brauch Schoulen, déi dësen Austausch och schonn a jonke Joren ureegen. Mat zwee parallel lafende Schoulmodeller ass dat net esou einfach. Laangfristeg misst et de Piraten no dofir d'Zil sinn, och innerhalb vun den traditionelle Schoulen d'Alphabetiséierung a méi wéi just enger Sproch an och d'Couren a verschidde langue véhiculaires unzebidden. Esou géifen d'Spléckung vum Schoulwiesen (an domat och zum Deel vun der Gesellschaft) an och d'Problemer, déi bei engem Wiessel tëscht de Systemer opkomme kënnen, vermidde ginn.

## FOKUS

**Wéi gesitt Dir déi Spléckung vun der Schoul? Wéi wëllt Dir déi Reegelschoul stäerken? Wéi wëllt Dir sécherstellen, dass d'ëffentlech Schoul eng Plaz ka sinn, wou eis Gesellschaft zesummefënnt?**

Fokus ass der Meenung datt d'Schafe vu sou Parallelwelten negativ Konsequenzen op eis Gesellschaft wäert hunn an ass aus deem Grond och strikt dergéint. Et soll zu Lëtzebuerg eng Schoul fir all Schüler ginn. Fokus fuerdert déi Parallelwelten an Zukunft erëm zesummenzeféieren. Mir hunn e.a. op enger Pressekonferenz déi Thematik opgegraff an eis fir d'Regelschoul staark gemaach.

D'Regelschoul kann an éischter Linn just gestäerkt gi, wann den Dialog tëscht Enseignantë, Gewerkschaften an dem Ministère nees verbessert gëtt. Mir gleewe fest drun, dass et méiglech ass déi ëffentlech Schoul zesumme mat den Acteuren um Terrain esou opzestellen, dass si den Erausfuerderungen vun haut gerecht gëtt. D'Regelschoul stäerken heescht op d'Stäerkte vun der Regelschoul setzen: op engagéiert Enseignanten, op engagéiert Elteren, op engagéiert Gewerkschaftler. Dës Leit dierfen net ëmmer nees vun uewen erof diktéiert kréie, wéi d'Schoul vu muer auszegesinn huet, mee si mussen an d'Décisiounsprozeduren abezunn ginn. Mir verlaangen dofir zum Beispill, dass 10 Jorespläng mat den Acteuren ausgeschafft ginn, déi op engem méiglechst breeden politeschen Konsens berouen, fir endlech Stabilitéit an d'Schoul ze kréien an aus der Schoulpolitik keen politescht Spill ze maachen.

Eng vun de groussen Erausfuerderungen vum Schoulsystem sinn d'Sproochen. Mir fuerderen den Ausbau vun der Alphabetiséierung op Franséisch an wëlle préiwe loossen, a wéi fern och eng Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch Sënn mëscht.

## VOLT

Volt wëll den Europäesche Schoulsystem als Standard vun der Lëtzebuerger ëffentlecher Schoul aféieren (an domadder déi al Lëtzebuerger "Reegelschoul" ofschafen).

## KPL

**Wéi gesitt Dir déi Spléckung vun der Schoul? Wéi wëllt Dir déi Reegelschoul stäerken? Wéi wëllt Dir sécherstellen, dass d'ëffentlech Schoul eng Plaz ka sinn, wou eis Gesellschaft zesummefënnt?**

Die KPL schließt sich den Bedenken des SEW an: Wie sollen die öffentlichen EU-Schulen die vorhandene Bildungsungleichheit wirksam verringern können, wenn die Kinder an jenen Schulen in den allermeisten Fällen aus einem wohlhabenden Umfeld stammen, so dass gleichsam von Anfang an sozioökonomische Homogenität vorherrscht? Wie kann das weitaus weniger anspruchsvolle und flexiblere Sprachenprogramm jener Bildungseinrichtungen überhaupt mit dem drei- bis viersprachigen Unterricht an der luxemburgischen Grund- und Sekundarschule verglichen werden?

Wie kann ein Bewertungssystem, das beim Abitur quasi hundertprozentigen Erfolg garantiert und bei dem eine A-Note für Heftführung, Attitüde und Mitarbeit sowie eine B-Note für Wissens- und Kompetenzerwerb gleichwertig vermengt werden, mit einem examinatorisch geprägten Evaluationssystem gleichgesetzt werden? Und nicht zuletzt: Wie kommt man auf die Idee, das einheitliche System der »Europaschule« mit einem drei-, ja viergliedrigen System auf eine Vergleichsebene zu setzen?

Solche Gegenüberstellungen können doch nur zu der falschen Schlussfolgerung führen, dass die öffentlichen »Europäischen Schulen« aufgrund der ästhetisch anspruchsvollen Ergebnisse die bessere Wahl seien. Weitere Mängel lassen sich bezüglich der von Claude Meisch vorgestellten Studie aufzählen. So stützt diese sich nur auf die mathematischen Fähigkeiten, wobei die Resultate der Schüler aus dem Luxemburger »Classique« sogar besser sind, während die Sprachkenntnisse der Absolventen aus den »Europäischen Schulen« und dem luxemburgischen Schulsystem in keiner Weise berücksichtigt werden.

Fest steht: Das luxemburgische Schulsystem weist enorme Lücken auf. Mitnichten wird es aber zu mehr schulischer Fairness kommen, wenn weiterhin EU-Schulen, die in ihrer Gründungsphase zunächst konzipiert waren für Kinder zumeist recht bemittelter »Expats«, ins Kraut schießen. Mit einer solchen Bildung »à la carte«, beruhend auf einer Internationalisierung des schulischen Angebots sowie einer Intensivierung der privatwirtschaftlich inspirierten »Schulautonomie«, wird Schülern und Eltern vorgegaukelt, dass sich ein individueller Bildungsweg zurechtschneidern lässt.

Diese Politik läuft auf eine weitere Zerfledderung des ehemals universalen Charakters der öffentlichen Schule und eine Formatierung des Schülers gemäß kapitalistischer Logik hinaus. Angesichts der sich vertiefenden sozialen Widersprüche und einer heterogener, individualistischer sowie unsolidarischer werdenden Gesellschaft müsste die Regierung aus Grünen, Sozialdemokraten und Liberalen mit einer Stärkung der sozialen Rolle der luxemburgischen Bildungsinstitutionen reagieren. Selbst in einem kapitalistischen Staat wie Luxemburg kann u.a. durch eine Reform des Sprachenunterrichts in den beiden ersten Grundschulzyklen und durch umfassende schulische Fördermaßnahmen mehr Bildungsgleichheit erreicht werden.

## Den SEW/OGBL stellt och fest, datt déi Schoule mat internationalem oder europäeschem Curriculum virun allem fir Schüler geduecht sinn, déi duerno op d'Uni ginn.

**De MENJE informéiert an eisen Aen d'Elteren net genuch doriwwer, datt ee jee no sproochlecher Kompetenz mat sou engem Schoulofschloss manner beruflech Optiounen huet, wéi e Schüler, deen d'Reegelschoul besicht. Sou sinn d'Beherrsche vu Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch eng Konditioun fir bei de Staat schaffen ze goen. D'Beherrsche vum Franséischen an och vum Lëtzebuergeschen ass ebenfalls wichteg, fir an engem Gesondheetsberuff ze schaffen. Déi englesch Sprooch gëtt nieft dem Franséische virun allem am Finanzsecteur geschwat. A villen anere Secteuren ass et awer extrem wichteg, fir gutt Franséisch a beschtefalls och nach Däitsch a Lëtzebuergesch ze schwätzen.**

## LSAP

**Laut Ären Aen, wat geschitt mat deene Schüler, déi schonn am Fondamental op sou eng international oder europäesch Schoul geschéckt ginn a bei deene sech duerno erauskristalliséiert, datt si net fir den akademesche Wee gemaach sinn?**

Eng gutt Orientatioun ass fir d'LSAP d'Viraussetzung fir all Schüler·innen adaptéiert kënnen ze fërderen an auszebilden. Dofir muss d'Orientatioun vum Cycle 1 bis op Première all Schüler·innen an hir Familljen begleeden. Nëmme wann den Elteren all déi relevant Informatioune zur Verfügung stinn, kënne si de beschte Choix fir hiert Kand treffen.

D'LSAP stellt fest, datt et aktuell vu Fall zu Fall variéiert, wéi gutt e·ng Schüler·in aus enger ëffentlecher Europaschoul sech an engem Lycée classique oder Lycée général zerechtfanne kann. Dacks sinn d'Sproochkenntnisser ausschlaggebend. Fir d'LSAP ass et kloer a wichteg, datt de nationalen Educatiounssystem alle Kanner a Jonken Bildungsweeër a Perspektive bitt.

Ausserdeem wëll d'LSAP, datt eng Evaluatioun vum Sproochenunterrecht an de Sproochekompetenzen beim Ofschlossdiplom vun den Europaschoulen duerchgefouert gëtt, fir déi aktuell Situatioun besser ze verstoen.

**Wéi ka garantéiert ginn, datt déi Schüler, déi zu engem bestëmmte Moment déi international oder europäesch Schoul fir d'Reegelschoul verloossen, och an dësem System normal weiderkomme kënnen?**

D'LSAP wëll sech dofir asetzen, déi zwee Systemer uneneenzefeieren. An der Tëschenzäit musse Passerellen vun der ëffentlecher Europaschoul an d'Lycéeën vun der Reegelschoul assuréiert ginn. Besonnesch fir Schüler·innen aus Europaschoulen, déi eng Beruffsausbildung maache wëllen, gesäit d'LSAP Handlungsbe-

darf. Eng Viraussetzung fir d'Fonctionnéiere vun de Passerellen ass d'Verstäerkung vum Lëtzebuergeschunterrecht esou wéi d'Upassung vu gewëssene Sproochenniveauen an den Europaschoulen, grad sou wéi eng méi flexibel sproochlech Approche an den ënneschte Klassen am Secondaire.

Donieft wëll d'LSAP transparent Admissiounsprozeduren fir d'Europaschoulen, fir sécherzestellen, datt Kanner aus alle sozio-ekonomesche Milieuen déi selwecht Chancen hunn an enger Europaschoul ugeholl ze ginn.

**Misst de MENJE net méi kloer drop hiweisen, datt een ouni d'Beherrsche vun den dräi administrative Sproochen hei zu Lëtzebuerg tendenziell manner Karriärschancen huet wéi e Schüler aus der Reegelschoul?**

Fir d'LSAP muss d'Thema Sproochenkenntnisser am Kontext vu schoulesch a berufflече Perspektive systematesch bei der Orientatioun a bei all wichteger Etapp an enger schoulescher Carrière kloer kommunizéiert ginn.

## DÉI GRÉNG

**Laut Ären Aen, wat geschitt mat deene Schüler, déi schonn am Fondamental op sou eng international oder europäesch Schoul geschéckt ginn a bei deene sech duerno erauskristalliséiert, datt si net fir den akademesche Wee gemaach sinn? Wéi ka garantéiert ginn, datt déi Schüler, déi zu engem bestëmmte Moment déi international oder europäesch Schoul fir d'Reegelschoul verloossen, och an dësem System normal weiderkomme kënnen?**

Mir deelen d'Aschätzung, dass déi international ëffentlech Schoule haut net genuch Offer bidde fir Kanner, déi keen Héichschoulofschloss ustriewen, a wënschen eis an dem Sënn wéi uewen ernimmt eng méi inklusiv Ausgestaltung vun deene Schoulen. Iwwert de Rapprochement vun deenen zwee Systemer an déi néideg Verbesserunge op béide Plaze wëlle mir dozou bäidroe, fir d'Iwwergäng méi einfach ze maachen an d'Inklusivitéit vum ganze System ze erhéijen. Donieft setze mir eis och fir eng konsequent Opwäertung a Moderniséierung vun der Beruffsausbildung an, wou fir eis och eng Verbreederung vun hirer sproochlecher Offer dozou gehéiert.

**Misst de MENJE net méi kloer drop hiweisen, datt een ouni d'Beherrsche vun den dräi administrative Sproochen hei zu Lëtzebuerg tendenziell manner Karriärschancen huet wéi e Schüler aus der Reegelschoul?**

D'Abannung vun den Familien ass säit Joerzéngten e wichtege Pilier vun de gréngе Positiounen am Bildungsberäich. An dem Sënn si mir natierlech fir eng adequat Informatioun vun den Elteren. Hannert dem Aspekt vun de Karriärschancen, deen Dir uschwätzt, steet awer eigentlech déi méi fundamental Fro vun de Sproochkompetenzen, wéi d'Kanner se effektiv an den internationalen ëffentleche Schoule erreechen. Dëst ass dofir ee vun de wichtegsten Aspekter, dee mir am Kader vun der fondéierter Evaluatioun vun dem neie Schoultyp wëllen ënnersiche loossen. Et däerf een awer an dëser Diskussioun net vergiessen, dass och déi traditionell Schoul haut Schwieregkeeten huet, fir d'Kompetenzniveauen an de verschiddene Sproochen ze garantéieren, dat virum Hannergrond vun der wuessender Diversitéit vun eiser Bevëlkerung. Mir hunn also am Lëtzebuerger Bildungssystem e generelle Problem bei de Sproochkompetenzen, deen e Risiko fir d'Beruffsperspektive vun eiser Schüler*innen ass, an dee mir dofir op kenger Plaz ignoréieren dierfen.

## CSV

**Laut Ären Aen, wat geschitt mat deene Schüler, déi schonn am Fondamental op sou eng international oder europäesch Schoul geschéckt ginn a bei deene sech duerno erauskristalliséiert, datt si net fir den akademesche Wee gemaach sinn?**

Fir déi betraffe Schüler riskéiert déi international respektiv europäesch Schoul dann eng Sakgaass ze ginn.

**Wéi ka garantéiert ginn, datt déi Schüler, déi zu engem bestëmmte Moment déi international oder europäesch Schoul fir d'Reegelschoul verloossen, och an dësem System normal weiderkomme kënnen?**

D'Schüler solle vu vir eran iwwer alles an aller Transparenz informéiert ginn. Et dierf keng Schéimolerei bedriwwe ginn.

An der Beruffsausbildung soll méi eng grouss Offer u franséischsproochegen Ausbildunge geschafe ginn. Doriwwer eraus soll och de Besoin vun engleschsproochegen Ausbildungen evaluéiert ginn.

**Misst de MENJE net méi kloer drop hiweisen, datt een ouni d'Beherrsche vun den dräi administrative Sproochen hei zu Lëtzebuerg tendenziell manner Karriärschancen huet wéi e Schüler aus der Reegelschoul?**

DACH!

## DÉI LÉNK

**Laut Ären Aen, wat geschitt mat deene Schüler, déi schon am Fondamental op sou eng international oder europäesch Schoul geschéckt ginn a bei deene sech duerno erauskristalliséiert, datt si net fir den akademesche Wee gemaach sinn?**

Déi Schüler sinn da schlecht drun. Et ass nämlech zum Beispill keng Orientatioun a Richtung Formation professionnelle am internationale System virgesinn. D'Schüler missten dann also an d'Reegelschoul wiesselen, déi komplett ofgetrennt vum internationale System funktionéiert a wou och aner sproochlech Exigenzen un d'Schüler gestallt ginn, deenen si da schwéier kënnen nokommen. Den Internationale System ass vun Ufank un fir eng Elitt erschaf ginn, dat erkennt da spéitstens wann Schüler mat Migratiounshannergrond aus der Aarbechterklass an d'International School komme fir dem Problem vun der Méisproochegkeet an der Reegelschoul aus dem Wee ze goen, an trotzdeem Krämpes hunn entweder hir Schoul ze packen, oder herno eng Aarbecht ze fannen.

Dat ass ee Grond méi, fir den Trend vun der blanner Proliferatioun vun den International Schools ze bremsen a méi Mëttel an d'Reegelschoul ze stiechen.

**Wéi ka garantéiert ginn, datt déi Schüler, déi zu engem bestëmmte Moment déi international oder europäesch Schoul fir d'Reegelschoul verloossen, och an dësem System normal weiderkomme kënnen?**

Andeems en eenheetlече Bildungssystem erschaf gëtt an andeems déi verschidde gutt bewäerte Methoden am Ëmgang mat der Méisproochegkeet am Unterrecht an der Reegelschoul ugewannt ginn.

**Misst de MENJE net méi kloer drop hiweisen, datt een ouni**

d'Beherrsche vun den dräi administrative Sproochen hei zu Lëtzebuerg tendenziell manner Karriärschancen huet wéi e Schüler aus der Reegelschoul?**

Dach, op jiddefall.

## ADR

**Wéi ka garantéiert ginn, datt déi Schüler, déi zu engem bestëmmte Moment déi international oder europäesch Schoul fir d'Reegelschoul verloossen, och an dësem System normal weiderkomme kënnen?**

Dat kann net garantéiert ginn. D'Schoulsystemer sinn ze vill verschidden, an et kéinte wuel nëmme ganz gutt Schüler esou ee Wiessel erfollegräich fäerdeg bréngen. D'Fächer sinn och verschidden an et besteet eng fundamental Ongerechtegkeet, well d'Schüler an der Reegelschoul ee Joer méi maachen, bis si hiren Ofschloss hunn (mat 19 Joer), wéi d'Schüler an den internationale Schoulen (mat 18 Joer).

**Misst de MENJE net méi kloer drop hiweisen, datt een ouni d'Beherrsche vun den dräi administrative Sproochen hei zu Lëtzebuerg tendenziell manner Karriärschancen huet wéi e Schüler aus der Reegelschoul?**

Déi Schüler aus den internationale Schoule wäerte vu vireran eng ageschränkte Beruffswiel hunn, ouni Accès op d'Fonction publique a Beruffer wéi z. B. Léierin oder Polizist, sou wéi och vill aner Plazen, wou een hei zu Lëtzebuerg déi dräi administrativ Sprooche muss beherrschen. Dëst misst den Elteren an den Hochglanzbroschüre vum Ministère éierlech an transparent matgedeelt ginn.

## FOKUS

**Laut Ären Aen, wat geschitt mat deene Schüler, déi schonn am Fondamental op sou eng international oder europäesch Schoul geschéckt ginn a bei deene sech duerno erauskristalliséiert, datt si net fir den akademesche Wee gemaach sinn? Wéi ka garantéiert ginn, datt déi Schüler, déi zu engem bestëmmte Moment déi international oder europäesch Schoul fir d'Reegelschoul verloossen, och an dësem System normal weiderkomme kënnen?**

Déi europäesch Schoule sollen nees hirem Zweck gerecht ginn an sech op déi Kanner fokusséieren, déi méi spéit an de Lëtzebuerger Schoulsystem komme, respektiv dësen nees méi fréi verloossen. Mir wëllen dofir eng Politik maachen, déi déi uewen beschriwwe Problematik op e Minimum reduzéiert. Fir dass e Wiessel ka funktionéiere, muss d'Sproocheproblematik besser geléist ginn. Eng Alphabetiséierung op Franséisch kann do hëllefe, genau wéi am weideren Parcours méi Flexibilitéit wann et em d'"Langue véhiculaire" an de Net Sproochefächer geet.

**Misst de MENJE net méi kloer drop hiweisen, datt een ouni d'Beherrsche vun den dräi administrative Sproochen hei zu Lëtzebuerg tendenziell manner Karriärschancen huet wéi e Schüler aus der Reegelschoul?**

Natierlech misst den MENJE dat maachen. Et wier och denkbar, datt d'Ufuerderunge fir verschidde Beruffsméiglechkeeten an Form vun engem Netzdiagramm duergestallt gi, an dann och gläichzäiteg esou een Netzdiagramm geholl gëtt, fir d'Profiller vun deene verschiddenen Ofschlëss an Ausbildungen duerzestellen. Doduerch wier et vill méi einfach fir Vergläicher ze maachen an e besseren Duerchbléck ze kréien.

## VOLT

**Wéi ka garantéiert ginn, datt déi Schüler, déi zu engem bestëmmte Moment déi international oder europäesch Schoul fir d'Reegelschoul verloossen, och an dësem System normal weiderkomme kënnen?**

Dozou steet an eisem Walprogramm d'Fuerderung no enger gemeinsamer Lycéeszäit am europäesche System vun alle Schüler*inne vun 2-3 Joer. Duerno muss e Lycée générale weiderhin existéieren, deem rëm engem alen Technique wäert méi ugeglach sinn an tatsächlech haaptsächlech op eng Beruffsausbildung ziilt, wou also de But net méi eng akademesch Carrière ass. Bei der Orientéierung wier et deen Ament scho vu 7e bis 5e wichteg ëmmer rëm de Schüler*inne kloer ze maachen, datt d'Beherrsche vu Franséisch, an idealerweis dann och Lëtzebuergesch an Däitsch, en Atout an der Beruffswelt ass. Déi Sprooche mussen dann och am ESG an der Beruffsausbildung am meeschte geférdert ginn, well et – op d'mannst aktuell – déi wichtegst Sproochen am Beruff zu Lëtzebuerg sinn.

**Misst de MENJE net méi kloer drop hiweisen, datt een ouni d'Beherrsche vun den dräi administrative Sproochen hei zu Lëtzebuerg tendenziell manner Karriärschancen huet wéi e Schüler aus der Reegelschoul?**

Jo.

## KPL

**Laut Ären Aen, wat geschitt mat deene Schüler, déi schonn am Fondamental op sou eng international oder europäesch Schoul geschéckt ginn a bei deene sech duerno erauskristalliséiert, datt si net fir den akademesche Wee gemaach sinn?**

Fir dës Schüler muss et och nei Bildungschance ginn. Si sollen sech ëmorientéiere kënnen an am reguläre, staatlechen Enseignement, iwwert de Wee vu Passerellen, eng nei Orientéierung kréien. Allerdéngs ass et esou, datt de Ministère d'Elteren am Virfeld präzis virun dëser Gefor warne muss.

**Wéi ka garantéiert ginn, datt déi Schüler, déi zu engem bestëmmte Moment déi international oder europäesch Schoul fir d'Reegelschoul verloossen, och an dësem System normal weiderkomme kënnen?**

Hei mussen direkt realistesch Passerellen ausgeschafft ginn.

**Misst de MENJE net méi kloer drop hiweisen, datt een ouni d'Beherrsche vun den dräi administrative Sproochen hei zu Lëtzebuerg tendenziell manner Karriärschancen huet wéi e Schüler aus der Reegelschoul?**

Dat misst am Regelfall esou sinn.



# 2.2

## Personal an den ëffentlechen internationalen & europäesche Schoulen

**Säit Dezember 2016 ass et méiglech, international Enseignanten ze rekrutéiere fir an den ëffentlechen internationalen an europäesche Schoule Coursen ze ginn. Säitdeem sinn ëmmer méi international Enseignanten op Lëtzebuerg komm. Hir Zuel huet sech virun engem Joer op 265 belaf, wäert awer lo schonn däitlech méi héich sinn.**

**Am Laf vum leschte Schouljoer huet den SEW/OGBL dorobber opmierksam gemaach, datt vill vun deenen Enseignantë méintelaang keng Paie kréien a wärend Méint net an der Krankekeess ageschriwwe sinn, obwuel se Schoul halen! No Verhandlunge mam Ministère kruten d'Lycéeën d'Méiglechkeet, ab dëm 15. Abrëll international Enseignanten ze rekrutéiere – mam Ziel dat doduerch genuch Zäit do wier, fir d'Kontrakter ofzeschléissen an d'Pabeiere vun den Enseignantë prett ze hunn, sou dat si ab Schoulufank hier Pai kréien a vun der Sécurité Sociale couvréiert sinn. Trotzdeem hu mir quasi ee Joer nom Ofschloss vun de Verhandlungen nach ëmmer vill international Enseignanten, déi bis zu 8 Méint op hir 1. Pai waarden a wärend där Zäit och net krankeversécher sinn.**

**Mir hunn Enseignanten, déi schaffe kommen, ouni ënnert engem valabelen Aarbechtskontrakt ze stoen. Si kommen Z.B. ab dëm 1. September schaffen, kënnen hiren Aarbechtskontrakt awer eréischt Enn September ënnerschreiwen, well d'Administratioun deen – aus iergendwelleche Grënn - nach net fäerdeg hat op hirëm 1. Schaffdag. Ouni Aarbechtskontrakt schaffe goen, heescht och op eng Pai fir déi geschafften Zäit ze verzichten.**

**Mir kruten Aarbechtsaccidenter vun Enseignantë gemellt, déi zu engem Zäitpunkt geschitt sinn, wou déi betraffen Enseignanten net an der Krankekeess ageschriwwe waren.**

**Mir krute Fäll gemellt, an deenen Enseignantë missten hospitaliséiert ginn, ouni an der Krankekeess ageschriwwen ze sinn an ouni eng Pai ze hunn, mat deene si d'Dokteschrechnunge konnte bezuelen.**

**Betraffen Enseignantë maachen oft Scholden am 4-stellege Beräich fir wärend deene Méint, wou se op hir Pai waarden, hire Loyer an hire Liewensënnerhalt bezuelen ze kënnen.**

**Et ass fir eis inakzeptabel, datt Enseignanten zu Lëtzebuerg ënnert dëse prekären an illegalen Aarbechtskonditioune Schoul halen. An et gëtt héich Zäit, datt de Ministère dës Problemer ee fir alle mol léist.**

**Wéi wëllt Dir an Zukunft garantéieren, datt d'Enseignanten net méi an esou eng prekär Situatioun geroden an d'Aarbechtsrecht respektéiert gëtt?**

### LSAP

Fir d'LSAP ass et eng Selbstverständlechkeet, datt d'Aarbechtsrecht respektéiert an applizéiert gëtt.

### DÉI GRÉNG

Natierlech fanne mir et net akzeptabel, wann d'Aarbechtsrecht net respektéiert gëtt an Enseignanten och nëmmen zäitweis a prekäre Konditioune musse schaffen. Gläichzäiteg huele mir och d'Positioun vum Educatiounsministère zur Kenntnis, dass gewëss Fäll och doduerch ze erkläre sinn, dass verschidden Enseignanten hir administrativ Demarchen net zur Zäit maachen. Duerch e méi breeden a proaktiven Echange mat den Enseignante schonn am Virfeld vun der Aféierung vun neie Strukturen oder Mesure wëlle mir an Zukunft sécherstellen, dass déi néideg Prozeduren effikass kënne funktionéieren an och genuch Virlaf do ass, fir dass d'Enseignanten an idealen Aarbechtskonditioune kënne Schoul halen.

### CSV

Och am Enseignement muss d'Aarbechtsrecht respektéiert an applizéiert ginn. Ouni ënnerschriwwenen Aarbechtsvertrag dierft eigentlech keen ufänke mat Schaffen. Wat déi beschriwwe Fäll – déi inakzeptabel sinn – ugeet, muss der Ursaach op de Fong gaange ginn, fir uschléissend eng Prozedur festzeleeën, dass sech dat net méi widderhëlt.

### DÉI LÉNK

Et ass virop wichteg dass des Kategorie vun Enseignanten sech gewerkschaftlech vertriede loossen. Mir gesinn ënnert anerem an eisem Programm vir dass d'Missioune vun der ITM och op de secteur public sollen ausgewäit ginn.

### ADR

Déi beschriwwe Situatioun ass onverständlech. Natierlech muss d'Aarbechtsrecht respektéiert ginn, a mir géifen dat och respektéieren.

### PIRATEN

Aarbechtsrechter mussen natierlech och an de Schoulen agehale ginn. Et ass fir d'Piraten absolut inakzeptabel, dass et am Enseignement – sief et beim Personal vun den internationale Schoulen oder wann et ëm d'Chargéë geet – Praktike gëtt, déi am Privatsecteur esou ni méiglech wieren.

Hei gëllt et schnellstens ze evaluéieren, firwat d'Dossiere vum Personal esou lues finaliséiert ginn an ëmmer nees Pièce agereecht an zum Deel och e puer Mol nogereecht musse ginn. Eventuell muss méi Personal agestallt ginn, mee allefalls misst hei och méi vun der Digitaliséierung profitéiert ginn, fir d'Prozeduren ze optiméieren.

## FOKUS

Fir Fokus ass dat absolut inakzeptabel. D'Léise vun Problemer déi sech um Terrain stelle, kann nëmmen schnell an effikass funktionéiere, wann d'Acteure vum Terrain eescht geholl ginn. Mir wëllen den Dialog nees verbessere, fir sou Situatiounen séier ze detektéieren a séier kënnen ze reagéieren. Um Ministère selwer muss eng Ulafstell geschaf gi, fir Enseignanten an prekären Situatiounen schnell an onkompliziéiert kënnen ze hëllefen.

## VOLT

D'Administratiounen an der Educatioun sinn aus der Siicht vu Volt scho laang un hire Limiten. Net nëmme mat deenen internationalen Enseignanten geschéie Saachen, déi absolut inakzeptabel sinn. Eis ass bewosst, datt nach ëmmer vill Beruffsufänger am Enseignement um Ufank dräi Méint laang keng Pai kréien, well d'Administratioun uganks September iwwerfuerdert ass. Eis ass bewosst, datt nach ëmmer immens vill Feeler an de Paie geschéie, wa Leit hier Carrière wiesselen, aus dem Congé parental erëmkommen oder an d'Pensioun ginn.

Hei ass de Ministère gefuerdert déi néideg Schrëtter an d'Weeër ze leeden, datt dës Mëssstänn, déi an der privater Wirtschaft en absolutten No-Go duerstellen, endlech ophalen an och d'Administratiounen zu Lëtzebuerg an d'21. Joerhonnert kommen.

Mir kënnen eis hei zwou Mesure virstellen: Méi Leit an den Administratioune rekrutéieren a Kontrollinstanze schafen, déi den Administratioune méi genau op d'Fanger kucken an si och fir Feeler responsabel maache kënnen. Et mussen dofir natierlech strikt Delaien fir déi verschidde Prozesser ageféiert ginn, déi musse vu Säiten vun der Administratioun dann agehale ginn.

## KPL

Déi gewerkschaftlech Aarbecht muss gestäerkt ginn um Terrain, mee si dréit och schonn éischt Friichten, well den SEW iwwert d'Mëssstänn opkläert. D'Aarbechtsrecht muss op jidde Fall respektéiert ginn; an och am Intérêt vun alle Salarié(e)n ausgebaut ginn. Hei weist sech awer och dat wierklecht Gesiicht vun der EU, mat där dës Schoulen op déi eng oder aner Aart a Weis verbonne sinn. Den Asaz fir d'Aarbechterschaft an den EU-Länner ass quasi inexistent, mee net eemol virun de Leit, déi jo u sech direkt oder indirekt am Interessi vun dëser supranationaler Kapital-Organisatioun schaffen, schéngt et Respekt ze ginn.



# 3.
# Méisprooch-egkeet

**D'Méisproochegkeet an eise Reegelschoulen gëtt fir ëmmer méi Schüler zu engem Stolpersteen. Amplaz de Sproochenunterrecht an de Gebrauch vun de Sprooche fir d'ëffentlech Schoul komplett ze iwwerdenken an ee Konzept auszeschaffen, dat vun C1 bis 1ère koherent ass, huet de Minister Meisch als isoléiert Mesure-phare d'Franséisch als Alphabetiséierungssprooch als Pilotprojet lancéiert.**

## LSAP

**Wéini a wéi wëllt Dir dëse Projet evaluéiere loossen, ier d'Franséisch eventuell als Alphabetiséierungssprooch flächendeckend agefouert gëtt?**

Fir d'LSAP ass d'Evaluatioun ewéi se aktuell geplangt ass sënnvoll. D'Conclusioune vum éischte Rapport vun der Uni Lëtzebuerg, deen fir d'Fréijoer 2024 virgesinn ass, si richtungsweisend fir de weidere Verlaf vum Pilotprojet. D'LSAP setzt prinzipiell op eng evidenz-baséiert Politik. Zousätzlech si genuch verfügbar Enseignante·ë·n eng Viraussetzung fir d'Aféierung vun enger flächendeckender Offer vun der franséischer Alphabetiséierung.

**Wéi eng Konsequenzen huet an Ären Ae dës Alphabetiséierung op Franséisch op de Sproochenunterrecht am Secondaire?**

Et ass dovun auszegoen, datt Schüler·innen, déi op Franséisch alphabetiséiert ginn an deenen hir Famill beispillsweis francophone ass, op Septième méi staark am Franséische wäerte sinn wéi am Däitschen. Trotzdeem sollen dës Schüler·innen en adequate Niveau a béide Sproochen erreechen, fir e Choix vu Bildungsweeër ze hunn.

D'Upassung vum Sproochenunterrecht am Enseignement Secondaire ass fir d'LSAP eng Prioritéit. Duerch Pondératiounen an/oder verschiddene Sproochenniveauen soll verhënnert ginn, datt eng Sprooch eng grouss Barrière fir déi schoulesch Carrière vu Schüler·innen duerstellt.

**Gitt Dir mat op de Wee, de Sproochenunterrecht komplett ze iwwerdenken, a wat fir eng Modeller kéint Dir Iech virstellen?**

Jo, fir d'LSAP ass eng Reform vum Sproochenunterrecht néideg.

Eng Evaluatioun vum Sproochenunterrecht ass néideg, déi op deem opbaut, wat aktuell en place ass, dëst awer gläichzäiteg krittesch hannerfreet a weiderentwéckelt. D'LSAP gesäit Handlungsbedarf beim Sproochenunterrecht am Secondaire, dee soll op de praktesche Gebrauch vun der Sprooch ausgeriicht sinn. An dësem Sënn sollen och Pondératiounen an/oder verschiddene Sproochenniveauen agefouert ginn, woubäi d'Standarden an d'Promotiounskrittären kloer definéiert musse sinn.

**Wéi eng Konsequenzen huet de Curriculum vun den internationalen an europäesche Schoulen op d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg?**

D'Méisproochegkeet ass e fundamentale Bestanddeel vum Lëtzebuerger Schoulsystem an eiser Gesellschaft. D'LSAP wëll weiderhin d'Méisproochegkeet op allen Niveaue vum Enseignement fërderen an dofir suergen, datt si keng oniwwerwonnbar Hürd um Wee fir bei den Diplom ass. D'Méisproochegkeet soll als Beräicherung ugesi ginn, an net als Belaaschtung. Fir d'Erhale vun der Méisproochegkeet mussen d'Sproochecoursen ugepasst ginn.

Déi positiv Erfarungen aus den ëffentlechen Europaschoulen bidde Pisten fir d'Iwwerdenke vum Modell vun der Dräisproochegkeet an der Reegelschoul. Gläichzäiteg wëll d'LSAP sech dofir asetzen, datt dem Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch an den internationale Schoule Rechnung gedroe gëtt.

**Wéi wëllt Dir d'Koherenz vu Fondamental a Secondaire assuréieren, wann de Sproochenunterrecht an de Gebrauch vun de Sproochen an der Schoul reforméiert ginn?**

Fir d'LSAP huet d'Kohärenz vum Curriculum am Fondamental an am Secondaire en héije Stellewäert. Dofir ass et wichteg, datt de Sproochenunterrecht am Lëtzebuergeschen Educatiounssystem als Ganzt iwwerduecht gëtt. D'LSAP gesäit de Besoin, e Konzept fir de Sproochenunterrecht an all Curriculumen mat Bildungstandarden fir all Niveauen auszeschaffen.

## DÉI GRÉNG

**Wéini a wéi wëllt Dir dëse Projet evaluéiere loossen, ier d'Franséisch eventuell als Alphabetiséierungssprooch flächendeckend agefouert gëtt?**

Mir ënnerstëtzen dës Pilotprojeten als Schrëtt a Richtung vun enger allgemenger Reform vum Sproochenunterrecht queesch duerch de Lëtzebuerger Bildungssystem. Bei der Evaluatioun gëllt et, sech virun Aen ze féieren, dass dës sech a leschter Konsequenz réischt no enger längerer Zäit maache léisst, wa genuch Kanner matgemaach hunn an een hire Wee duerch de Primaire an doriwwer eraus kann novollzéien. Mir schwätzen hei vun enger ganzer Rei Joren, an der déi bestoend Ongerechtegkeeten an Defiziter sech weider zouspëtze géifen. Well mir der Meenung sinn, dass dat ze laang dauert, wëlle mir déi ugeschwate Reform vum Sproochenunterrecht inklusiv der Alphabetiséierung méi zäitno virun dreiwen, woubäi sech natierlech awer op d'Erkenntnisser vun de bestoende Pilotprojete soll baséiert ginn.

**Wéi eng Konsequenzen huet an Ären Ae dës Alphabetiséierung op Franséisch op de Sproochenunterrecht am Secondaire?**

Dës Fro léisst sech haut net ofschléissend beäntweren, well d'Pilotprojete réischt viru Kuerzem ugelaf sinn. Grondsätzlech sollen d'Kanner jo um Enn vum Fondamental all déi néideg Sproochkompetenzen erreechen, fir dass si an de Secondaire kënne goen. Donieft muss een ënnersträichen, dass déi däitschsproocheg Alphabetiséierung an den traditionelle Sproochenunterrecht am Fondamental fir vill Kanner grouss Schwieregkeete mat sech bréngen. De Status quo ass deemno och problematesch an et däerfen eiser Usiicht no net nach weider laang Jore verluer goe fir Fortschrëtter op de Wee ze bréngen. Well et zu dësem Zäitpunkt onméiglech ass ze soen, wéi d'Sproochkompetenze vun de Kanner aus de Pilotprojete sech verglach mat deenen aneren entwéckele wäerten, schéngt et eis ëmsou méi wichteg, fir vun der nächster Legislaturperiod ze profitéieren, fir eng ganzheetlech

Reform vum Sproochenunterrecht op de Wee ze bréngen. Sou kéinten dës Kanner, wa si an de Lycée kommen, scho vun deene Verbesserunge profitéieren.

**Gitt Dir mat op de Wee, de Sproochenunterrecht komplett ze iwwerdenken, a wat fir eng Modeller kéint Dir Iech virstellen?**

Wéi scho gesot wëlle mir eis staark maache fir eng ganzheetlech Reform vum Sproochenunterrecht, vun der Alphabetiséierung bis zum Secondairesofschloss. Dobäi hu mir zwee Ziler. Éischtens, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze férderen an de Sproochenunterrecht un d'Besoine vun eiser heiteger Zäit a Gesellschaft unzepassen. An zweetens, fir sécherzestellen, dass déi bestoend Defiziter am Fong ugepaakt ginn, an dass méi Kanner wéi haut déi néideg d'Kompetenzen an de verschiddene Sproochen och effektiv erreechen. Nëmme sou kann déi traditionell Méisproochegkeet als eng vun de grousse Stäerkte vu Lëtzebuerg och mat enger méi diverser Bevëlkerung erhale bleiwen. Wat déi konkret Modeller ugeet, sou wëlle mir d'Evaluatioun vun den ëffentlechen internationale Schoulen ofwaarden, mee mir sinn awer och gäre bereet fir bis dohinner an en Echange mat de verschiddenen Acteuren ze trieden.

**Wéi eng Konsequenzen huet de Curriculum vun den internationalen an europäesche Schoulen op d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg?**

Wat déi längerfristeg Auswierkunge vun deenen nach neie Schoulen op d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg ugeet, sou ass et aktuell sécher nach ze fréi fir geséchert Aussoen ze maachen. Hannert dëser Fro verstoppe sech awer zwou anerer, déi eiser Usiicht no méi kuerzfristeg musse beäntwert ginn. Éischtens, erreechen d'Schüler*innen an deene Schoulen effektiv déi Sproochkompetenzen, déi virgesi sinn, a wéi sinn hir Kompetenze verglach mat de Schüler*innen aus den traditionelle Schoulen? Zweetens, dorunner ugehaangen, sinn d'Kompetenzufuerderungen an den neie Schoulen héich genuch? Dëst sinn dofir Froen, déi mir am Kader vun der wëssenschaftlecher Evaluatioun vun den internationalen ëffentleche Schoulen prioritär wëllen ënnersiche loossen. Bei de berechtegten Iwwerleeungen ëm d'Vir- respektiv Nodeeler vun deene Schoule gëllt et eiser Usiicht no awer och net ze vergiessen, dass och den traditionelle Schoulsystem haut Schwieregkeeten huet, fir d'Sproochkompetenzen op de gefroten Niveau ze kréien. Och dës Defiziter wäerte längerfristeg net ouni Auswierkungen op d'Méisproochegkeet bleiwen, wa keng Verbesserungen erreecht ginn.

**Wéi wëllt Dir d'Koherenz vu Fondamental a Secondaire assuréieren, wann de Sproochenunterrecht an de Gebrauch vun de Sproochen an der Schoul reforméiert ginn?**

Dës Koherenz wëlle mir duerch eng ganzheetlech Reform vum Sproochenunterrecht férderen, wéi Dir se och fuerdert. Domat wëlle mir d'Zukunftsfäegkeet vun der ëffentlecher Schoul zu Lëtzebuerg ofsécheren, fir dass si och an Zukunft weider kann dozou bäidroen, de gesellschaftlechen Zesummenhalt ze erhalen.

## CSV

**Wéini a wéi wëllt Dir dëse Projet evaluéiere loossen, ier d'Franséisch eventuell als Alphabetiséierungssprooch flächendeckend agefouert gëtt?**

Dëse Projet muss lafend a begleedend vun enger onofhängeger Instanz evaluéiert ginn. Et ass wichteg, dass zousätzlech eng ofschléissend Evaluatioun mat Konklusioun duerchgefouert gëtt, éier de Projet verallgemengert soll ginn.

**Wéi eng Konsequenzen huet an Ären Ae dës Alphabetiséierung op Franséisch op de Sproochenunterrecht am Secondaire?**

Bis elo konnt oder wollt den Här Minister net erklären, wéi dës Schüler sollen am Däitschen (an am Franséischen) um selwechten Niveau sinn, wéi hier Kolleegen, déi op Däitsch alphabetiséiert gi sinn. Eis schéngt dat onrealistesch ze sinn. Et kann an eisen Aen och net d'Léisung sinn, all des Kanner dann an d'Europaschoulen z'orientéieren.

**Gitt Dir mat op de Wee, de Sproochenunterrecht komplett ze iwwerdenken, a wat fir eng Modeller kéint Dir Iech virstellen?**

D'Vielfalt vun de Sproochen zu Lëtzebuerg huet vill Virdeeler, si dierf am Schoulsystem awer net zu enger Barriär fir en Deel vun de Schüler ginn. An deem Sënn brauch eisen ëffentleche Schoulsystem en neit Konzept fir de Sproochenunterrëcht, an net einfach ee weidert Ausbaue vun den Europaschoulen.

Dofir wëll d'CSV:

- d'Fuerschung iwwer d'Léiere vun de Sproochen duerch méi eng enk Zesummenaarbecht mat der Uni.lu ënnerstëtzen;
- de Modell vun den ëffentlechen internationale Schoulen evaluéieren;
- eng iwwergräifend Reform vum Sproochenunterrecht ausschaffen;
- am Cycle 1
  - am Précoce, deen eng wichteg Roll beim Sproocheléiere spillt, genuch Plaze schafen, fir dass all Kand ka vun der Offer profitéieren; d'Zesummenaarbecht mat de Betreiungsstrukture gëtt verbessert;
  - d'Lëtzebuergesch als gemeinsam Sprooch am Cycle 1 férderen an Elementer vu sproochlechem Bewosstsinn integréieren;
  - d'Sproochepolitik am Cycle 1 iwwerschaffen an un d'Alphabetiséierungssproch upassen;
  - d'phonologescht Bewosstsinn fir d'Alphabetiséierungssprooch am Cycle 1 geziilt férderen;
- déi aktuell multilingual Kannerbetreiung konzeptuell iwwerdenken;
- d'Programmer, d'Methodik an d'Evaluatioun upassen;
- d'Alphabetiséierungssprooch als Friemsprooch enseignéieren;
- de Projet vun der Alphabetiséierung op Franséisch wëssenschaftlech begleeden an evaluéieren, éier en eventuell ausgebaut gëtt;
- d'Konsequenze vun dësem Projet op den Iwwergang an de Secondaire duerchdenken an d'Unterrechtssprooch op den ënneschte Klassen eventuell upassen;
- méi Flexibilitéit beim Sproochenunterrecht aféieren, duerch méi eng flexibel Offer am Lycée a méi Choix fir de Schüler;

**Wéi eng Konsequenzen huet de Curriculum vun den internationalen an europäesche Schoulen op d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg?**

D'Konsequenze sinn aktuell nach schwéier ofzeschätzen. Fir eis ass et wichteg – an och am Sënn vun der sozialer Kohesioun -, datt mer eng oder méi gemeinsam Sprooche behalen.

**Wéi wëllt Dir d'Koherenz vu Fondamental a Secondaire assuréieren, wann de Sproochenunterrecht an de Gebrauch vun de Sproochen an der Schoul reforméiert ginn?**

Eise Schoulsystem brauch eng Reform vum Cycle 1 am Fondamental bis op Première am Secondaire. A keng eenzel Bausteng.

## DÉI LÉNK

**Wéini a wéi wëllt Dir dëse Projet evaluéiere loossen, ier d'Franséisch eventuell als Alphabetiséierungssprooch flächendeckend agefouert gëtt?**

Eigentlech dierft de Minister esou Entscheedungen net unilateral treffen. Et ginn mëttlerweil Rechercheprogrammer iwwer d'Méisproochegkeet, mee déi befannen sech och nach an enger Ugangsphas déi emol misst verdéift ginn éier blann op d'Kanner drop lassgetest gëtt. Et ass och bedenklech dass kee systematesche Suivi an/oder Têschebilanze gemaach gi vun de sëllege Pilotprojeten an doriwwer och wéineg no baussen informéiert gëtt.

**Wéi eng Konsequenzen huet an Ären Ae dës Alphabetiséierung op Franséisch op de Sproochenunterrecht am Secondaire?**

Mam aktuelle Stand der Dinge, kann et gutt sinn, dass déi betraffe Schüler déi op franséisch Alphabetiséiert gi sinn am éischte Joer am Secondaire Problemer mam Däitsche kréie wäerten.

**Gitt Dir mat op de Wee, de Sproochenunterrecht komplett ze iwwerdenken, a wat fir eng Modeller kéint Dir Iech virstellen?**

Jo mir sinn dofir dass an dësem Beräich weiderhi kritesch gefuerscht soll ginn an Zesummenaarbecht mat der UNILU an dem Rechercheprogramm fir Plurilinguismus vum SNJ. Déi verschidde Pisten déi d'Chercheuren opwerfe sollen dann an Zesummenaarbecht mat den Enseignanten an den Elterevertriedungen a Form vu Pilotprojeten ëmgesat ginn. Et ass och eng Evaluatioun néideg a wéi enge Schoulen esou Projet'en am Meeschte Sënn kënne maachen, dat heescht jee no de sozio-demographesche Charakteristike vun der Schülerpopulatioun.

**Wéi eng Konsequenzen huet de Curriculum vun den internationalen an europäesche Schoulen op d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg?**

Dee Curriculum stellt am Fong d'Méisproochegkeet a Fro. Et geet manner drëms dass d'Schüler déi 3 Amtssprooche plus hir Mammesprooch beherrschen, wéi dass auslännesch Schüler d'Méiglechkeet kréien an hirer Mammesprooch ënnerriicht ze ginn an eventuell eng weider Friemsprooch bäiléieren.

**Wéi wëllt Dir d'Koherenz vu Fondamental a Secondaire assuréieren, wann de Sproochenunterrecht an de Gebrauch vun de Sproochen an der Schoul reforméiert ginn?**

Et geet schonn domat un, dass eng gemeinsam Kommunikatiounssprooch muss designéiert ginn, an dem Fall wier dat lëtzebuergesch an der Reegelschoul. An eisen Ae misst dann och eng gemeinsam Sprooch fir d'Alphabetiséierung designéiert ginn. Et misst evaluéiert ginn op lëtzebuergesch do a Fro ka kommen. Dann ass et wichteg dass genuch cours d'appuien a classes d'accueil'en kënnen assuréiert ginn, fir de Kanner deenen hir Mammesprooch net lëtzebuergesch ass, d'Méiglechkeet ze bidden och hir Mammesprooch formal ze léieren.

## ADR

**Wéini a wéi wëllt Dir dëse Projet evaluéiere loossen, ier d'Franséisch eventuell als Alphabetiséierungssprooch flächendeckend agefouert gëtt?**

Dëse Projet ka fréistens dann evaluéiert ginn, wann déi betraffe Schüler hir 6 Joer Grondschoul fäerdeg hunn. Deen Ament kéinte si jo och un de standardiséierten Tester mat deenen anere Schüler matmaachen, fir den Niveau ze gesinn. Den Här Meisch huet gesot, dass d'Schüler, déi elo op Franséisch alphabetiséiert ginn, op dem "selwechten Niveau" wäerte sinn um Enn vun hirem Parcours an der Grondschoul wéi déi Kanner, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn. De Projet wäert jiddwerfalls un där Ausso gemooss a bewäert musse ginn. Fir d'ADR ass awer souwisou kloer: D'Aféiere vu frankophone Grondschoulklasse mat enger Alphabetiséierung op Franséisch géif engersäits dozou féieren, dass d'Roll vum Lëtzebuergeschen ofhëlt (wéi de Minister Meisch selwer gesot hat am Luxemburger Wort vum 2. Abrëll 2014), an anerersäits ass et fir dat soziaalt Zesummeliewen a fir d'Integratioun falsch, wa Kanner scho vu Klengem un no Nationalitéit getrennt ginn, well et zu Parallelgesellschafte féiert, wou déi vill Awunner dann niefteneen amplaz matenee géife liewen. Sozial a schoulesch Ongläichheete kënnen net doduerch verréngert ginn, andeems een d'Kanner segregéiert. D'ADR ass fir e Matenee vun eise Kanner a fir Integratioun. Dat heescht: D'Kanner ginn zesummen alphabetiséiert, an enger Sprooch (Däitsch), déi der Sprooch vum Land (Lëtzebuergesch) am nooste kënnt. Mir si fir e Schoulsystem, wou d'Kanner all zesummekommen, egal wéi eng Wuerzele si hunn.

**Wéi eng Konsequenzen huet an Ären Ae dës Alphabetiséierung op Franséisch op de Sproochenunterrecht am Secondaire?**

Mir ginn dovun aus, dass déi meescht Kanner no der frankophoner Grondschoul net genuch Däitschkenntnisser wäerten hunn, fir am Secondaire ze bestoen. Et wäert also wuel op eng wieder Trennung erauslafen och am Secondaire.

**Gitt Dir mat op de Wee, de Sproochenunterrecht komplett ze iwwerdenken, a wat fir eng Modeller kéint Dir Iech virstellen?**

Nee, mir wëllen de Sproochenunterrecht net komplett änneren, mir wëllen dat erhalten, wat sech an der Vergaangenheet bewäert huet. Den „Nivellement vers le bas" muss agebremst ginn. Et ass wichteg, dass all eis Kanner Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch am Englesch léieren, dëst war ëmmer de groussen Atout vun eisem Land, a mir sinn international fir eise Schoulsystem ëmmer bewonnert ginn. Lëtzebuerger Studente konnten z.B. besser franséisch schreiwe wéi hir franséisch Kolleegen. Allgemeng musse mir Leeschtung erëm an de Vierdergrond stellen, Grondwëssen, Fläiss an Disziplin, Leeschtungsbereetschaft.

Grad déi méi schwaach Schüler musse gefuerdert ginn an d'Opweeche vun de Promotiounskrittäre gestoppt ginn. Schlussendlech kann de Schüler och schon zënter Joren duerch Kompenséieren an Ewechloosse vun enger Sprooch eng Première packen ouni perfekt an den dräi Sproochen ze sinn. Sou streng, wéi vu verschiddenen Acteure gesot gëtt ass eise System also guer net.

**Wéi eng Konsequenzen huet de Curriculum vun den internationalen an europäesche Schoulen op d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg?**

An den internationale Schoule gëtt déi lëtzebuergesch Dräisproochegkeet net méi respektéiert. Bis elo ware mir houfreg drop, dass all eis Schüler méi oder manner gutt déi 3 administrativ Sprooche geléiert hunn. Dat ass elo leider net méi de Fall mat den internationale Schoulen, an deene vill Kanner kee Lëtzebuergesch schwätze kënnen an och keen oder just wéineg Däitsch léieren. Mat dëse Schoule gëtt d'Regierung eis traditionnell Dräisproochegkeet op. D'Politik steiert den Ament an eng Richtung ewech vun der Dräisproochegkeet, eran an de Monolinguismus op Franséisch. Domat verléiert Lëtzebuerg en Deel vun senger Identitéit, vun senger Kultur, vun senger Kompetitivitéit a vun sengem sozialen Zesummeliewen.

**Wéi wëllt Dir d'Koherenz vu Fondamental a Secondaire assuréieren, wann de Sproochenunterrecht an de Gebrauch vun de Sproochen an der Schoul reforméiert ginn?**

Et misst mol manner Reformitis a méi Rou an eise Schoulsystem eraburecht ginn. D'Reformen hunn oft net dat bruecht, wat versprach gi war, a verschiddener missten zum Wuel vun alle réckgängeg gemaach ginn. D'Koherenz vu Grondschoul a Lycée war ëmmer ginn. Firwat sollt e System, dee sech bewäert huet, revolutionnéiert ginn?

## PIRATEN

Et soll net wichteg sinn, a wéi enger Reiefolg een d'Sprooche léiert, mee just, dass ee se um Enn vu senger Schoulkarriär esou gutt kann, wéi et engem méiglech ass. Dofir ënnerstëtzen d'Piraten d'Iddi, Alphabetiséierungen och an anere Sprooche wéi dem Däitschen an den traditionelle Schoulen unzebidden, fir dës Optioun net just den internationale Schoulen ze iwwerloossen. Den aktuelle Pilotprojet sollt an eisen Ae wärend der Schoulkarriär vun de Kanner, déi deelhuelen, e puer mol evaluéiert ginn. Emol zimmlech um Ufank, fir ze gesinn, wéi d'Alphabetiséierung geléngt, emol nodeems eng zweet Sproch agefouert gouf, fir ze gesinn, wéi dës Sprooch ugeholl a geléiert gëtt an nach emol beim Iwwergang an de Secondaire, fir ze gesinn, wéi dëse wichtege Schrëtt leeft. Well et sech beim Pilotprojet ëm eng eenzel Mesure handelt, déi net Deel vun engem Gesamtkonzept ass, kéint et sinn, dass bei der Evaluatioun festgestallt gëtt, dass et eng Rei Problemer gëtt. Dat sollt dann natierlech awer net iwwerstierzt esou interpretéiert ginn, dass déi ganz Iddi schlecht wär, mee als Opportunitéit gesi ginn, fir ze kucken, wéi eng méi breet Reform misst ausgesinn. Dofir ass och d'Evaluatioun vum Iwwergang an de Lycée esou wichteg, well hei natierlech muss séchergestallt ginn, dass jiddereen, onofhängeg vun der Sprooch vun der Alphabetiséierung, d'Chance huet ze reusséieren. Hei géif och de Piraten hier Propose vun engem moduläre Schoulsystem am Secondaire hëllefen, all Kand op deem Niveau ofzehuelen, wou et sech nom Fondamental befënnt, a vun do aus weider ze schaffen mat Hëllef vu Basis-, Opbau- a Leeschtungsmoduller.

## FOKUS

**Wéini a wéi wëllt Dir dëse Projet evaluéiere loossen, ier d'Franséisch eventuell als Alphabetiséierungssprooch flächendeckend agefouert gëtt?**

No aktuellen Erkenntnisser ass d'Alphabetiséierung op Franséisch e Projet dee ville Schüler hëllefe kann, an d'Regelschoul géigeniwwer den internationalen Schoule stäerke kann. Mir wëllen, dass den neien Educatiounsminister direkt no de Walen mat den Acteure vum Terrain e klore Plang ausschafft a presentéiert wéi d'Sproocheproblematik besser kann ugepak ginn. Do wou et méiglech ass, muss an Zesummenaarbecht mat den Enseignanten d'Offer vun enger franséischer Alphabetiséierung ausgebaut ginn. Eis ass et wichteg, dass dëse wichtege Projet zesumme mam Terrain weidergedriwwe gëtt.

**Wéi eng Konsequenzen huet an Ären Ae dës Alphabetiséierung op Franséisch op de Sproochenunterrecht am Secondaire?**

D'Alphabetiséierung op Franséisch dierf net dozou feieren, dass innerhalb vun de Schoule Parallelwelten entstinn. D'Méisproochegkeet muss eng Plus-Value vum System bleiwen. Et ass kloer dass eng aner Approche zu de Sproochen am Fondamental och wäert Konsequenzen op de Secondaire hunn.

**Gitt Dir mat op de Wee, de Sproochenunterrecht komplett ze iwwerdenken, a wat fir eng Modeller kéint Dir Iech virstellen?**

Jo. Et wär logesch eng Alphabetiséierung op Franséisch unzebidden, an dann d'Däitsch am C2.2 mat bäizehuele, fir d'Schüler op e vergläichbaren Niveau an deenen 2 Sproochen ze kréien. D'"Cours de base" an d'"Cours avancé" sinn an eisen Aen eng Méiglechkeet fir och am Lycée méi cibléiert d'Sproochen z'enseignéieren an Schwächte weider opzeschaffen. Dëse System muss awer méi eenheetlech ëmgesat gi, well des Course jee no Lycée ënnerschiddlech organiséiert ginn. Et gëllt generell: Schüler solle jee no Fach a Leeschtungsgrad zesumme kommen a gefërdert ginn.

**Wéi eng Konsequenzen huet de Curriculum vun den internationalen an europäesche Schoulen op d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg?**

Mir gesinn d'Schafe vun Parallelwelten ganz skeptesch. Et féiert méiglecherweis zu Clustere vun Schüler a Bierger, déi sech am Beschten an hirer Mammesprooch kënnen ausdrécken, resp. an hirer éischter Friemsprooch.

**Wéi wëllt Dir d'Koherenz vu Fondamental a Secondaire assuréieren, wann de Sproochenunterrecht an de Gebrauch vun de Sproochen an der Schoul reforméiert ginn?**

Et brauch een e Konzept, dat sech duerch déi ganz Schoul zu Lëtzebuerg, also vum C2.1 bis Première zitt. Lëtzebuergesch soll weiderhin als Integratiounssprooch vu Klengem un zum Asaz kommen, also am Précoce an am Cycle 1.

Parallel sollt et eng Alphabetiséierung op Deitsch an op Franséisch am C2.1 gi. Am C2.2 kéim dann déi jeeweils aner Sprooch derbäi. Am Lycée sollt d'Méiglechkeet bestoen, d'"Langue véhiculaire" jee noch Fach mei flexibel auszewielen. Schwächten an de Sproochen mussen des Weidere gezielt an de Cours de base/avancé opgeschafft ginn. Donieft muss e koherente Bewäertungssystem am Fondamental an am Secondaire zum Asaz kommen. Dofir fuerdere mir den Asaz vun engem Punktesystem ab dem Cycle 3. Déi automatesch Promotioun gehéiert ofgeschaaft, si verschleeft just Problemer, och a virun allem an de Sproochen.

# VOLT

Mir wëlle kloerstellen, datt no eiser Vue déi meeschte Problemer an de Schoulen duerch de Multilingualismus entstinn. Lëtzebuerg ass an där Hisiicht och eemoleg, well a kengem anere Land op der Welt sou systematesch 3 bis 4 Sproochen op engem därmoossen héijen Niveau enseignéiert ginn. Mir gesinn dat engersäits kloer als Chance an als Plus-value, anerersäits awer och als de Quell vu villen Integratiouns- an Educatiounsproblemer. Dofir ass eis Propose vum europäesche Schoulmodell als Standard-Schoulmodell och esou wichteg fir déi gesamt Populatioun vu Lëtzebuerg: Nëmme sou kann ee fir eng fair a chancegläich Bildung suergen.

# KPL

**Wéini a wéi wëllt Dir dëse Projet evaluéiere loossen, ier d'Franséisch eventuell als Alphabetiséierungssprooch flächendeckend agefouert gëtt?**

Dat ass u sech just ee Projet an dobäi sollt et och bleiwen, och wann dësen sollt déi eng oder aner positiv Resultater ervirbréngen, et ass keen definitiven Léisungusaz. Eng onofhängeg wëssenschaftlech Auswäertung vu verschiddenen Instanzen, net nëmmen enger (!), ass hei noutwänneg, well wéi heescht et sou „schéin": He who pays the piper calls the tune.

**Wéi eng Konsequenzen huet an Ären Ae dës Alphabetiséierung op Franséisch op de Sproochenunterrecht am Secondaire?**

Op dës Manéier géif de Schoulsystem nach méi zerfasert ginn a mir hätten innerhalb vun der Schoul verschidden Parallelstrukturen. Dat wier néfaste am Kontext vun enger Lëtzebuerger Gesellschaft, déi sech leider ëmmer méi duerch een eklatanten Ënnerscheed tëscht Aarm a Räich auszeechent an an där et leider och a verstäerktem Mooss opgrond vun diverse Facteuren („Flexicurity" an der Aarbechtswelt, kee groussen Aarbechtssecteur méi, an deem sech déi verschidden Nationalitéiten treffen an zesumme schaffen – wéi fréier an der Stolindustrie -, allgemeng Individualiséierung, feelend Integratiounsméiglechkeeten, Integrismus, sozial Isolatioun an nach vill anerer, déi duerch de Kapitalismus entstan sinn) a wuessendem Mooss Parallelgesellschafte ginn. D'Schoul muss déi universal Institutioun sinn, déi de Kitt ass fir eng Gesellschaft, an där d'Solidaritéit tëscht de schaffende Leit un éischter Plaz steet. D'Entwécklung geet awer an eng aner Richtung, dat dierf d'Schoul net och nach ënnerstëtzen. D'Leit mussen also all déi selwecht Sprooch(en) an engem akzeptablen bis exzellentem Mooss schwätze kënnen, fir herno gutt zesummen ze liewen an sech sozial engagéieren ze kënnen.

**Gitt Dir mat op de Wee, de Sproochenunterrecht komplett ze iwwerdenken, a wat fir eng Modeller kéint Dir Iech virstellen? Wéi wëllt Dir d'Koherenz vu Fondamental a Secondaire assuréieren, wann de Sproochenunterrecht an de Gebrauch vun de Sproochen an der Schoul reforméiert ginn?**

In der Tat erweist sich die Mehrsprachigkeit als Luxemburger Besonderheit, welche auf jeden Fall bewahrt werden muss. Allerdings bedarf es hierzu konkreter Anstrengungen. In Sonderheit Kindern und Jugendlichen aus Migranten- und Arbeiterfamilien fehlt beim Erlernen der Sprachen die nötige Unterstützung. Diese kann ihnen nur geboten werden, wenn die Betreuungsstrukturen, in denen der Spracherwerb (Hausaufgaben, spielerische Herangehensweise, spezifische Übungen, Kommunikationssituationen etc.) eine zentrale Rolle haben muss, ausgeweitet und verbessert werden.

Insbesondere im Kindergarten und im ersten Zyklus der Grundschule müssen neue Wege gefunden werden (Förderung des Luxemburgischen in der Vorschule / Luxemburgisch als Vehikelsprache). Erste Schritte in diese Richtung, die von der KPL bereits 2013 vorgeschlagen wurde, wurden getätigt. Deutsch könnte allerdings als Fremdsprache eingeführt werden, um auf diese Weise den Lernprozess etwas zu verlangsamen und anschließend, in den Zyklen 3 und 4, zu intensivieren. Dadurch würde sich der Alphabetisierungsprozess sicherlich in die Länge ziehen, jedoch würden weniger Schüler auf diese Weise bereits im zweiten Zyklus ins Hintertreffen geraten. Auf jeden Fall muss das Ministerium zusammen mit den Gewerkschaften ein kohärentes Konzept ausarbeiten und dafür sorgen, dass die Übergänge zur Sekundarschule fließender werden, durch eine wirkliche Angleichung der Programme (Zyklus 4 / 7e ESG-ESC).

Auch im Sekundarschulbereich muss mittels Erhöhung des Bildungsetats um 30 Prozent ein effizientes Stütz- und Förderkurssystem etabliert werden, das von Fachkräften getragen wird. Dergestalt können die schwächeren Schüler an das erforderliche Niveau herangeführt werden.

Die Klassen des "cycle inférieur" in „cours avancé"- und „cours de base"-Gruppen aufzuteilen, ist ein Lösungsansatz – dies ist allerdings nur möglich, wenn die jeweiligen Klassen – wie von der KPL gefordert – höchstens (!) 20 Schüler umfassen.

Das Nicht-Beherrschen der Trilingualität (Dt., Frz., Engl.) darf indes nicht als Ausschlusskriterium fungieren, vor allem nicht bei Jugendlichen, die aus politischen oder wirtschaftlichen Gründen mit ihren Eltern nach Luxemburg zogen / ziehen mussten. Diese werden auf schulischer Ebene oft falsch orientiert. Außerdem darf die Sprachbeherrschung nicht ausschlaggebend sein bei der Promotion von naturwissenschaftlich, technisch oder handwerklich orientierten / begabten Schülern. In der Praxis ist dies indes nicht selten schon der Fall.


Im "cycle inférieur" wäre es vernünftig, wenn die franko- und lusophonen Schüler – sollten besondere (!) Verständnis- und Handhabungs-Schwierigkeiten vorliegen – ihre Arbeiten in den Fächern Biologie, Naturwissenschaften, Geschichte und Geographie in französischer Sprache schreiben könnten. Fachbegriffe müssen in jenem Falle freilich in zwei Sprachen angegeben werden.

Das Aufsplitten des Schulsystems in rein romanophone und rein germanophone Klassen ist in den Augen der KPL nicht sinnvoll. Greifen die empfohlenen Betreuungs- und Nachhilfemaßnahmen von Anfang an, d.h. bei Eintritt des Kindes in die Grundschule, lassen sich auch die Sprachbarrieren größtenteils überwinden.




# Zanter 30 Joer Apple Partner vum Enseignement zu Lëtzebuerg.

Wielt haut déi richteg **Servicer** a **Produiten** fir en gelongenen IT-Projet an ärer Schoul.




- Berodung
- Installatioun
- Support-Formatioun
- Maintenance
- Locatioun-Finanzement

- iPad / MacBook / iMac
- Accessoiren
- Wifi-Réseau
- Projektioun / interaktiv Tafel
- Robotik / Coding

Fir e Projet mat Wäitsiicht, kontaktéiert eis Apple Spezialisten fir d'Educatioun.

lineheart.lu/education • +352 44 68 44 - 1 • education@lineheart.lu

LINEHEART

Authorised Education Specialist

# 4.
# Inclusioun

**Lëtzebuerg huet mam Ënnerschreiwe vun der entspriechender UNO-Konventioun de Wee vun der Inclusioun ageschloen. Mee eng reng Ënnerschrëft an eidel Versprieche ginn net duer.**

**Vill Enseignanten bekloen, datt si der Heterogenitéit am Klassesall net kënne gerecht ginn. Et feelt u Moyenen um Terrain, wärend ganz vill Zäit an Energie an d'Prozedur an d'Opstellen vun engem Dossier gestach gëtt.**

## LSAP

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt de prozedurale Opwand erofgesat gëtt an de Schüler méi séier an de Genoss vu Férdermesure kënnt?**

Fir d'LSAP sollen d' Enseignante·ë·n net automatesch elleng d'Referenzpersoun sinn, déi an éischter Linn fir d'Prozedur fir eng Prise en charge zoustänneg ass. Méiglech Referenzpersoune wieren deemno Personal aus de multidisziplären Equippen, déi an all Schoul sollen agefouert ginn.

Ausserdeem soll d'Referenzpersoun net nëmme fir d'Zesummenaarbecht tëschent de verschiddenen Acteuren verantwortlech sinn, mee och dofir suergen, datt all déi relevant Informatiounen zentraliséiert an adequat un déi concernéiert Acteuren verdeelt ginn. Fir d'LSAP ass virausgesat, datt d'Delaien kloer definéiert sinn.

**Wéi gesitt Dir de Rôle an d'Plus-Value vun de Kompetenzzentren?**

Bei de Kompetenzzentren sollen all néideg Ressourcen ugesidelt sinn, déi et brauch fir de Schüler·innen an den Enseignante·ë·n bei alle méiglech Problematiken Hëllefstellung ze ginn. Zil ass et datt d'Schüler·innen, opgrond vun engem qualifizéierten an adaptéierten Diagnostik, eng séier an effikass Prise en Charge kréien, déi hinne soll hëllefen, hiert Potential ze notzen a weider z'entwéckelen an esou de schoulesche Parcours sou gutt wéi méiglech z'ënnerstëtzen. Dobäi dierf een d'Objektiv vun der Inklusioun net aus den Ae verléieren.

Kritiken vun den Enseignante·ë·n grad wéi vun de Kompetenzzentren a verschidden Etuden, hu gewisen, dass dat an der Praxis leider net esou fonctionéiert wéi et soll. Dat beleet och de Rapport d'évaluation. Dofir muss de System iwwerduecht a verbessert, d'Prozeduren méi kuerz a méi einfach an déi personell Ressourcen gestäerkt ginn.

**Wéi stitt Dir zur Méiglechkeet, de Contingent ze erhéijen an d'Klasseneffektiver ze adaptéieren, fir der Heterogenitéit an de Klassen besser gerecht kënnen ze ginn?**

D'LSAP schwätzt sech dofir aus d'Contingenten eropzesetzen. Fir dëst ëmzesetzen, leet d'LSAP Wäert op den Austausch mat de Concernéierten um Terrain.

**Wäert Dir d'Schafen vu multiprofessionellen Teams an de Schoulen selwer ënnerstëtzen a sécher stellen, dass dës ouni grousse prozeduralen Opwand an direkt um Terrain intervenéiere kënnen?**

Jo, fir d'LSAP ass d'Aféierung vu multisiziplinären Equippen an all Schoul eng Prioritéit fir de Fonctionnement vun der Inclusioun ze verbesseren. Dës Equippen sollen an de Schoule present sinn, fir d'Enseignante·ë·n, wann néideg, direkt entlaaschten ze kënnen. Zousätzlech ass der LSAP och wichteg, datt am Fondamental Psychologen an de Schoulgebaier present sinn. Dës Psychologe sollen reegelméissege Kontakt mat de Schüler·innen hunn, fir Beréierungsängscht ze verhënneren, an si sollen proaktiv op d'Kanner duergoen.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, datt d'Enseignanten am Klassesall déi néideg Moyenë kréien, fir op déi individuell Bedürfnisser vu verschiddene Schüler anzegoen ouni een ze benodeelegen?**

Fir d'LSAP ass et kloer, datt d'Educatiounspolitik muss méi Ressourcen an de Klassesäll bei de Schüler·innen zur Verfügung stellen. Hei spillt d'Aféierung vu multidisziplinären Equippen an alle Schoulen eng Schlësselroll, fir déijéineg Kanner, déi et brauchen, individuell am Klassesall kënnen zousätzlech ze betreien. Dat entlaascht net nëmmen d'Enseignante·ë·n, mee et garantéiert, datt de Klassesall alle Schüler·innen – mat an ouni spezifesch Besoinen – e Kader bitt an deem si geférdert kënne ginn.

## DÉI GRÉNG

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt de prozedurale Opwand erofgesat gëtt an de Schüler méi séier an de Genoss vu Férdermesure kënnt?**

**Wéi gesitt Dir de Rôle an d'Plus-Value vun de Kompetenzzentren?**

déi gréng sti säit jeehier an der Bildungspolitik fir d'Wichtegkeet vun der Inklusivitéit als Grondsteen fir den Zesummenhalt an d'Zesummeliewen an eiser Gesellschaft. An de leschte Jore goufe grouss Efforten op dësen Gebitt ënnerholl, a mir begréissen dat. Bei der bestoender Offer gëtt et awer eiser Usiicht no eng ganz Rei vu Verbesserungsméiglechkeeten, déi an der rezenter Evaluatioun vun Prise en charge vu Kanner mat spezifesche Besoinen nëmme skizzéiert goufen. Dofir wëlle mir eis fir weider Verbesserunge staark maachen. Dobäi vertriede mir e breet Inklusiounskonzept, wat den Accent sou wäit wéi méiglech op en differenzéierten awer gemeinsamen Unterrecht leet. Déi bestoend Férderoffere sollen dofir sou wäit wéi méiglech an d'schoulescht Ëmfeld vun de Kanner integréiert ginn. Doduerch géifen och d'Kompetenzzentren entlaascht ginn a kéinte méi séier a cibléiert hëllefen. Bei dësen Zentre wëlle mir ausserdeem eng besser Vernetzung ustriewen. Natierlech setzt esou eng Approche en héicht Mooss u Ressourcen a Kompetenze viraus. Als déi gréng si mir awer der fester Iwwerzeegung, dass des Investitioune sech lounen, an dass eng gescheitert Inclusioun op Dauer vill méi héich sozial Käschte mat sech bréngt.

**Wéi stitt Dir zur Méiglechkeet, de Contingent ze erhéijen an d'Klasseneffektiver ze adaptéieren, fir der Heterogenitéit an de Klassen besser gerecht kënnen ze ginn?**

Mir stinn enger Upassung vum Contingent positiv géintiwwer. Mir wëllen esou méi Personal an d'Schoule kréie fir e méi differenzéierten Appui sécherzestellen an eventuell Probleemer direkt an de Klassen unzepaken, an d'Kanner sou méiglechst vill an hirem regulären Ëmfeld ze loossen. Fir den Ëmgang mat Kanner mat besonnesche Besoine wëlle mir d'Léierpersonal nach besser forméieren. Déi rezent Aféierung vun engem entspriechende Masterstudiegank op der Uni Lëtzebuerg begréisse mir dofir och a wëllen eis dofir staark maachen, dass d'Absolvent*inne méiglechst no um Terrain, bei de Kanner kënnen an den Asaz kommen.

**Wäert Dir d'Schafen vu multiprofessionellen Teams an de Schoulen selwer ënnerstëtzen a sécher stellen, dass dës ouni grousse prozeduralen Opwand an direkt um Terrain intervenéiere kënnen?**

Jo, wéi uewe beschriwwen ass dat déi Richtung, an déi eis Virschléi ginn.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, datt d'Enseignanten am Klassesall déi néideg Moyenë kréien, fir op déi individuell Bedürfnisser vu verschiddene Schüler anzegoen ouni een ze benodeelegen?**

Wéi mir an der Äntwert op ären zweete Beräich vu Froe geschriwwen hunn, wëlle mir eis fir eng méi allgemeng Reform vum Secondaire asetzen. Dat ass eiser Usiicht no och de richtege Kader, an dem mir an en Austausch mat den Direktiounen an de Beleegschafte wëllen trieden, fir d'Besoinen méi genau ze verstoen a méiglech Léisungen an d'Aen ze faassen.

## CSV

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt de prozedurale Opwand erofgesat gëtt an de Schüler méi séier an de Genoss vu Férdermesure kënnt?**

- Mat der Aféierung vun enger multidisziplinärer Equipe an de Grondschoulen, vergläichbar mam SePAS an de Lycéeën;
- Mat der Vereinfachung vun de Prozeduren an der Verbesserung vum Informatiounsfloss;
- Mat administrativem Personal an enger professioneller Schoulleedung als Ënnerstëtzung op der Plaz.

**Wéi gesitt Dir de Rôle an d'Plus-Value vun de Kompetenzzentren?**

D'Plus-Value ass net garantéiert, soulaang keng Upassunge beim Fonctionnement vun de Kompetenzzentre gemaach gi sinn, fir alle Kanner – egal, wou se wunnen – séier déi selwecht Hëllef kënnen unzebidden.

**Wéi stitt Dir zur Méiglechkeet, de Contingent ze erhéijen an d'Klasseneffektiver ze adaptéieren, fir der Heterogenitéit an de Klassen besser gerecht kënnen ze ginn?**

Positiv! De Berechnungsmodus fir de sougenannte Contingent vun Unterrechtsstonne muss an eisen Aen un de reelle Bedarf ugepasst ginn, fir all Kand – ob schwaach oder staark – am Schoulbetrib déi Ënnerstëtzung kënnen zoukommen ze loossen, déi et verdéngt. Doriwwer eraus mussen d'Grondschoulen a sozio-ekonomesch méi schwaache Géigenden oder Quartiere systematesch ënnerstëtzt ginn.

**Wäert Dir d'Schafen vu multiprofessionellen Teams an de Schoulen selwer ënnerstëtzen a sécher stellen, dass dës ouni grousse prozeduralen Opwand an direkt um Terrain intervenéiere kënnen?**

Mir wëllen eng permanent pluridisziplinär Equipe op Schoulcampus-Niveau aféieren, op déi d'Enseignanten ouni Ëmwee kënnen zréckgräifen, fir dass d'Hëllef schnellstméiglech do ukënnt, wou se gebraucht gëtt (nom Modell vum SePAS am ES).

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, datt d'Enseignanten am Klassesall déi néideg Moyenë kréien, fir op déi individuell Bedürfnisser vu verschiddene Schüler anzegoen ouni een ze benodeelegen?**

D'Lycéeë mussen déi néideg Moyene zur Verfügung gestallt kréie fir d'„Assistance en classe".

## DÉI LÉNK

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt de prozedurale Opwand erofgesat gëtt an de Schüler méi séier an de Genoss vu Férdermesure kënnt?**

Dofir missten déi verschidde Servicer, notamment d'Kompetenzzentren am Beräich vun der Educatioun fir Schüler mat spezifesche Besoin'en méi transversal zesummeschaffen. Momentan appliZéiert de Minister am Beräich vun de Besoins spécifiques eng Tirangslogik. An dësem Beräich ass och den double-emploi an den administrativen Opwand enorm. Eng Evaluatioun vun der Zesummenaarbecht vun de Servicer an der Verdeelung an dem Asaz vun de Ressourcen (Personal, Infrastrukturen, Finanzen) ausserhalb vun de Klassesäll an der Schoul déi am Beräich vun der Inclusioun agesat ginn ass dréngend noutwendeg.

**Wéi gesitt Dir de Rôle an d'Plus-Value vun de Kompetenzzentren?**

Wann se manner bürokratiséiert an duerch d'Géigend verdeelt wieren, wann se méi enk mam Terrain verbonne wieren, dat heescht direkt an de Schoulen als Service integréiert wieren, respektiv all d'Servicer vun de Kompetenzzentren an engem groussen Etablissement zesumme géinge schaffen, dann hätten se sécher eng gréisser Plus-Value.

**Wéi stitt Dir zur Méiglechkeet, de Contingent ze erhéijen an d'Klasseneffektiver ze adaptéieren, fir der Heterogenitéit an de Klassen besser gerecht kënnen ze ginn?**

Mär ënnerstëtzen dës Méiglechkeet, déi mer och an eisem Walprogramm fuerderen.

**Wäert Dir d'Schafen vu multiprofessionellen Teams an de Schoulen selwer ënnerstëtzen a sécher stellen, dass dës ouni grousse prozeduralen Opwand an direkt um Terrain intervenéiere kënnen?**

Jo.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, datt d'Enseignanten am Klassesall déi néideg Moyenë kréien, fir op déi individuell Bedürfnisser vu verschiddene Schüler anzegoen ouni een ze benodeelegen?**

Mir wëllen de Contingent wéi gesot eropsetzen an dass d'Enseignanten an déi spezialiséiert Enseignant'en als Ekipp zesummen de Cours halen. An dem Fall wieren och all d'pedagogesch Kompetenzen an der Klass am Asaz. Hei géing mam Frontalunterrécht gebrach ginn an a Form vu klengen heterogene Gruppen enseig-

néiert ginn. D'Schüler selwer solle léieren een dem aneren ze hëllefen an an der Ekipp zesummen autonom ze schaffen.

## ADR

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt de prozedurale Opwand erofgesat gëtt an de Schüler méi séier an de Genoss vu Fërdermesure kënnt?**

Mir fuerderen d'Ofschafe vun deene laange Prozeduren, déi mussen duerchlaf ginn, bis ee Kand déi néideg Hëllef, z.B. bei Mobbing, kritt; fir de Minister steet d'Prozedur am Mëttelpunkt, et misst een awer d'Kand an de Mëttelpunkt stellen.

All zukünftegen Enseignant misst op Master-Niveau ausgebilt ginn (nom System 3 + 2: 3 Bachelor-Joer an engem spezielle Fach an dono 2 Joer Sciences de l'éducation). Mir si géint eng "Crash-Ausbildung", wéi se vum Minister favoriséiert gëtt.

**Wéi gesitt Dir de Rôle an d'Plus-Value vun de Kompetenzzentren?**

Déi éischt Plus-Value läit an der Expertise vun de Leit, déi sech an hei ëm Kanner a Jugendlecher këmmeren, an an der Aart a Weis, wéi si no Léisunge sichen, déi de spezifesche Bedierfnesser vun dëse Kanner ugepasst sinn. D'Approche vun de Kompetenzzentren ass „holistesch", dat heescht si berécksiichtegen all Aspekter vum Liewensalldag vun de Kanner a Jugendlechen. Si schaffen och enk mat de betraffene Familien, mat anere Schoulen a Bildungsariichtungen, mat der Beruffswelt zesummen. Dat verdéngt Respekt.

**Wéi stitt Dir zur Méiglechkeet, de Contingent ze erhéijen an d'Klasseneffektiver ze adaptéieren, fir der Heterogenitéit an de Klassen besser gerecht kënnen ze ginn?**

Mir si ganz allgemeng der Meenung, datt all Erzéier, all Léierpersoun, all Proff eng iwwerschaubar Zuel vu Kanner a Jugendlechen uvertraut kritt, fir datt hien beschtméiglech op déi spezifesch Bedierfnesser vun de Kanner agoe kann. Vill Léierpersoune kloen eis hiert Leed, datt si vun hirem Beruff iwwerfuerdert sinn. Besonnesch an de Kompetenzzentre kampfe vill Erzéier géint eng iwwerméisseg grouss Belaaschtung un. Mir wëllen, datt all Erzéier rëm Spaass a Freed u sengem Beruff empfënnt.

**Waert Dir d'Schafen vu multiprofessionellen Teams an de Schouten selwer ënnerstëtzen a sécher stellen, dass dës ouni grousse prozeduralen Opwand an direkt um Terrain intervenéiere kënnen?**

Mir sinn der Meenung, datt Schoulhalen eng Kompetenz soll bleiwe vu Leit, déi fir genau dës Missioun ausgebilt goufen. Mir widderhuelen dobäi eis Fuerderung no enger gréndlecher, op d'mannst fënnefjäreger "basescher" Ausbildung vun all zukünfteger Léierpersoun.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, datt d'Enseignanten am Klassesall déi néideg Moyenë kréien, fir op déi individuell Bedürfnisser vu verschiddene Schüler anzegoen ouni een ze benodeelegen?**

Vläicht ass et an dësem Zesummenhang net falsch drop hinzeweisen, datt mir déi Problemer fréier an dar Form net haten. Duerch de rasante Bevëlkerungswuesstem vum Land, deen zum Deel zéngmol iwwer deem vu verglaichbaren europaesche Lanner läit, kréie mir iergendwann eis Problemer an der Schoul nemméi an de Grëff. D'Zuel vun de Léierpersoune kann net méi mathale mat der demographescher Entwécklung vum Land. Mir mussen hei kloer soen: d'Bevëlkerungsexplosioun wäert eis Schoul iergendwann virun eng Zerräissprouf stellen.

## PIRATEN

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt de prozedurale Opwand erofgesat gëtt an de Schüler méi séier an de Genoss vu Fërdermesure kënnt?**

**Wéi gesitt Dir de Rôle an d'Plus-Value vun de Kompetenzzentren?**

**Wéi stitt Dir zur Méiglechkeet, de Contingent ze erhéijen an d'Klasseneffektiver ze adaptéieren, fir der Heterogenitéit an de Klassen besser gerecht kënnen ze ginn?**

**Wäert Dir d'Schafen vu multiprofessionellen Teams an de Schoulen selwer ënnerstëtzen a sécher stellen, dass dës ouni grousse prozeduralen Opwand an direkt um Terrain intervenéiere kënnen?**

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, datt d'Enseignanten am Klassesall déi néideg Moyenë kréien, fir op déi individuell Bedürfnisser vu verschiddene Schüler anzegoen ouni een ze benodeelegen?**

Kanner mat verschiddenste Besoinen einfach zesummen an ee Klassesall ze setzen, geet net duer fir vun enger gelongener Inclusioun ze schwätzen. D'Schoulpersonal muss och op déi nei Heterogenitéit reagéiere kënnen, fir all Kand, esou gutt et geet, gerecht kënnen ze ginn, mee dat ass haut leider net ëmmer méiglech.

Obwuel et um Pabeier eng ganz Rei vun Ënnerstëtzungsforme gëtt, vun deene Kanner mat spezifesche Besoine profitéiere kënnen, ass d'Hëllef um Terrain trotzdeem nach ëmmer ganz limitéiert. Net seele stinn déi Professionell um Enn vum Dag awer eleng virun hire Schüler:innen an engem Raum, deen net un d'Besoine vun der Klass ugepasst ass, a musse kucken, wéi si mat der Situatioun eens ginn. Dofir ënnerstëtzen d'Piraten d'Iddi an all Schoul, bzw. an all Gemeng (falls et sech ëm méi kleng Schoulen handelt) eng „Task Force" a Form vu multiprofessionellen Teams anzeriichten, déi kuerzfristeg intervenéiere kënnen a fuerdert och, dass beim Bau vun neie Schoulen Inclusiounsräim (z.B. Entspaanungsräim, Ecker fir sech ofzereagéieren etc...) ageplangt ginn. D'Task-Force soll d'Centres de Compétences net ersetzen, mee do intervenéieren, wou et net néideg ass, d'Kanner aus der Schoul eraus ze huelen. Heiansdo bleift et awer wichteg, d'Kanner fir eng kuerz Zäit oder méi laang ganz aus der Schoul eraus ze huelen, fir d'Situatioun ze entspanen an de Kanner en Ëmfeld ze bidden, wou si duerch eng méi enk Betreiung nees méi Freed um Léiere fanne kënnen.

D'Centres de compétences hunn an dëse Fäll also duerchaus hier Dosinnsberechtegung. Mee a ville Fäll géif et och scho vill bréngen, de Kanner an der Klass oder an engem anere Sall innerhalb vun der Schoul méi zur Säit ze stoen an hei kéint esou eng „Task Force" den Enseignantë bei dëser Aufgab hëllefen. Awéifern den SNEI dës Aarbecht zousätzlech encadréiere kéint, ass ofzewaarden. En entspriechende Service ka sënnvoll sinn, mee et muss een och oppassen net ëmmer méi Personal a Funktiounen anzestellen, wou et ëm Berodung, Vermëttlung an Evaluatioun geet, wärend konkret um Terrain Persoune feelen. Hei gëllt et ze kucken, wéi een d'Ressourcen am beschten asetze kann. Schlussendlech misst een och iwwert eng Upassung vun de Klasseneffectifer an dem Contingent nodenken, wann sech erausstelle sollt, dass trotz zousätzlechem zukünftege Support um Terrain ëmmer nach Problemer bestinn.

# FOKUS

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt de prozedurale Opwand erofgesat gëtt an de Schüler méi séier an de Genoss vu Fërdermesure kënnt?**

**Wéi gesitt Dir de Rôle an d'Plus-Value vun de Kompetenzzentren?**

**Wéi stitt Dir zur Méiglechkeet, de Contingent ze erhéijen an d'Klasseneffektiver ze adaptéieren, fir der Heterogenitéit an de Klassen besser gerecht kënnen ze ginn?**

**Wäert Dir d'Schafen vu multiprofessionellen Teams an de Schoulen selwer ënnerstëtzen a sécher stellen, dass dës ouni grousse prozeduralen Opwand an direkt um Terrain intervenéiere kënnen?**

Fokus ass der Meenung, dass eng gelongen Inclusioun nëmme kann stattfanne, wa jidder Schüler an enger Klass wou Inclusiounsschüler sinn, dervu profitéiert, an et weder op Käschte vun deenen engen, nach deenen anere Schüler geet.

Inclusioun gëtt et och net zum Nulltarif. An do mussen dann konsequenterweis déi Mëttel zur Verfügung gestalt ginn, déi et brauch. Dat kënnen engersäits Leit sinn, déi beim Layout vun Dokumenter hëllefe, mee och Leit, déi Schüler beopsiichtegen, wann se zum Beispill méi Zäit fir hier Tester hunn.

Mir wëllen de Kanner mat spezifesche Besoinen eng gerecht Inclusioun erméiglechen. Lëtzebuerg huet an de leschte Jore vill Efforte gemaach. Mir mussen awer och unerkennen, dass eng total Inclusioun schwiereg ass, virun allem bei Kanner mat ganz staarke Beanträchtegungen. Hei musse Strukturen ausserhalb vum normale Schoulkader ausgebaut a geschaf gi, fir de betraffene Kanner ee Kader ze bidden an deem si sech weiderentwéckele kënnen.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, datt d'Enseignanten am Klassesall déi néideg Moyenë kréien, fir op déi individuell Bedürfnisser vu verschiddene Schüler anzegoen ouni een ze benodeelegen?**

Ob een elo d'Klasseneffectiver reduzéiert, oder zousätzlech Persounen an den Klassesall bréngt fir individuell z'ennerstëtze, mëscht u sech kee groussen Ënnerscheed. Et musse méi qualifizéiert Leit an d'Schoulen fir déi Aufgab ze meeschteren.

# VOLT

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt de prozedurale Opwand erofgesat gëtt an de Schüler méi séier an de Genoss vu Fërdermesure kënnt?**

Et ginn an eisen Aen zwou Saachen, déi kënnen ënnerholl ginn:

- Et kéint een am Fondamental rëm no Leeschtung beurteelen an eng Zensur mat Punkten aféieren. Dëst géif et méi einfach maachen an en objektive Critère bidden, fir Kanner, déi Fërdermesure brauchen, z'identifizéieren.
- Et muss een den Enseignanteë Formatiounen ubidden, an deenen ee sech z.B. zum Expert an der Ergotherapie ausbilde loosse kann. Sou wieren d'Enseignanten selwer den Expert um Terrain.

**Wéi gesitt Dir de Rôle an d'Plus-Value vun de Kompetenzzentren?**

A Prinzip sinn d'Kompetenzzentren eng gutt Iddi, allerdéngs musse mer feststellen, datt, wann d'Inklusioun am Fondamental wéi sou dacks u seng Grenze kënnt, da ginn e puer Stonnen an de Kompetenzzentren fir verschidde Kanner net duer. Dës Kanner misste vill méi laang betreit ginn, verschiddener missten souguer ganz aanescht betreit ginn. Dofir fuerdere mir d'office méi Psychologen an de Schoulen.

**Wéi stitt Dir zur Méiglechkeet, de Contingent ze erhéijen an d'Klasseneffektiver ze adaptéieren, fir der Heterogenitéit an de Klassen besser gerecht kënnen ze ginn?**

Mir gesinn dëst, virun allem wärend der Schoul, net als sënnvoll, well et dem Schüler net entgéint kënnt. Et ass virun allem d'Multilingualitéit, déi an eisen Aen erëm déi gréisste Hürd ass – dofir plädéiere mir vun Ufank un fir en anere Schoulsystem.

**Wäert Dir d'Schafen vu multiprofessionellen Teams an de Schoulen selwer ënnerstëtzen a sécher stellen, dass dës ouni grousse prozeduralen Opwand an direkt um Terrain intervenéiere kënnen?**

Jo.

**Wéi wëllt Dir sécherstellen, datt d'Enseignanten am Klassesall déi néideg Moyenë kréien, fir op déi individuell Bedürfnisser vu verschiddene Schüler anzegoen ouni een ze benodeelegen?**

Et musse Spezialist*innen an d'Klasse reegelméisseg kontrolléiere kommen a kucken ob Opfällegkeeten festzestellen sinn. Anescht ass et den Enseignanten net méiglech, eng ganz Klass gläichzäiteg ze geréieren an och nach Cours ze halen. Ofgesinn dovunner plädéiere mir och fir e maximale Klasseneffektiv vun 20 Schüler*inne pro Klass am Secondaire, a 14 Schüler*innen am Primär.

# KPL

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt de prozedurale Opwand erofgesat gëtt an de Schüler méi séier an de Genoss vu Fërdermesure kënnt?**

Die KPL begrüßt grundsätzlich Maßnahmen, die getroffen werden, um leistungsschwächeren Schülern oder Schülern mit besonderen Bedürfnissen eine Stütze zu sein. Die Zahl der bereits nach dem dritten Zyklus „Abgehängten" nimmt stetig zu.

Die „instituteurs / institutrices spécialisé(e)s" müssen in ein umfassendes Betreuungssystem eingebunden werden und den Lehrern in didaktischen Fragen sowie den Schülern bei konkreten unterrichtlichen Problemen weiterhelfen. Die KPL schlägt in ihrem Programm ein Förderkurssystem im Rahmen der « maison relais » vor, hier könnten zusätzliche Lehrkräfte sinnvoll eingesetzt werden.

Das aktuelle Kontigent wird nicht ausreichen, um eine nachhaltige Betreuung garantieren zu können. Auch hier darf von Regierungsseite nicht gespart werden.

**Wéi stitt Dir zur Méiglechkeet, de Contingent ze erhéijen an d'Klasseneffektiver ze adaptéieren, fir der Heterogenitéit an de Klassen besser gerecht kënnen ze ginn? Wéi wëllt Dir sécherstellen, datt d'Enseignanten am Klassesall déi néideg Moyenë kréien, fir op déi individuell Bedürfnisser vu verschiddene Schüler anzegoen ouni een ze benodeelegen?**

Die KPL erinnert an eine alte gewerkschaftliche Forderung (« augmentation du taux d'encadrement de base sur 2 » / majoration du « taux d'encadrement de base de 20 % à 25% »), die in einer ersten Etappe durchaus umsetzbar ist, spricht sich aber für eine noch umfassendere Erhöhung des Betreuungsprozentsatzes aus. Dies kann in der Praxis jedoch nur funktionieren, wenn das Bildungsbudget – wie von der KPL gefordert – um 30 Prozent erhöht wird. Für die KPL hat die Bildungspolitik oberste Priorität, was bei den bürgerlichen Parteien nicht der Fall ist.

In den Bereichen »Unterrichtspraxis« und »Schulstruktur« fordern die Kommunisten, dass die Klassengröße auf ein Mindestmaß zu reduziert wird. Die Klasseneffektive in der Grundschule müssen auf 15 und in der Sekundarschule auf maximal 20 Schüler beschränkt werden, um eine individuellere Arbeit garantieren zu können.

**Wéi gesitt Dir de Rôle an d'Plus-Value vun de Kompetenzzentren? Wäert Dir d'Schafen vu multiprofessionellen Teams an de Schoulen selwer ënnerstëtzen a sécher stellen, dass dës ouni grousse prozeduralen Opwand an direkt um Terrain intervenéiere kënnen?**

Die KPL steht den « ESEB » durchaus positiv gegenüber. In ihrem Programm fordert sie im Zuge einer 30-prozentigen Erhöhung des Bildungsetats die Ausweitung des infrastrukturellen, soziokulturellen, pädagogischen und medizinisch-psychologischen Betreuungsangebotes (interkulturell geschulte Erzieher, Psychologen, medizinische Fachkräfte). Die so genannten « ESEB » sollen schnell, pragmatisch, flexibel und in enger Absprache mit dem Lehrpersonal in den jeweiligen Grundschulen intervenieren können, um den spezifischen Bedürfnissen und Problemen der Kinder gerecht werden zu können. Die Schere zwischen Arm und Reich öffnet sich immer weiter, dadurch erfolgt in vielen einkommensschwachen Arbeiter- und Migrantenfamilien eine Akkumulation sozialen, seelischen und manchmal auch physischen Leids, dem man von staatlich-edukativer Seite entgegenwirken muss. Dies erfordert demzufolge eine ideale multi-professionelle Betreuung in den Schulen sowie in den « maisons relais », welche nicht durch bürokratische Auflagen behindert werden darf.

Die KPL stellt fest, dass das erwähnte Betreuungspersonal momentan nicht effizient genug eingreifen kann – aufgrund administrativer Hindernisse. Die entsprechenden Fachleute können zurzeit ob der behördlichen Hürden nur diagnostisch vorgehen, konkrete Handlungsschritte bleiben zumeist aus. Schließlich bleibt die jeweilige Lehrkraft sodann auf sich allein gestellt und erhält nicht einmal Einblick in den medizinisch-psychologischen Bericht. Es muss auf diesem Gebiet zu einer engeren Zusammenarbeit kommen, nur so vermag man, die Probleme der betroffenen Schüler (wenigstens ansatzweise) zu lösen.

Es handelt sich aktuell indes nicht nur um Abstimmungsprobleme, sondern auch um eine Personalfrage. Das Kontigent der Fachkräfte muss durch Neueinstellungen drastisch aufgestockt werden, damit Hilfe an Ort und Stelle, d.h. in den Schulen, geleistet werden kann. Technokratisch-bürokratische Wasserköpfe lassen sich vom Bildungsministerium und der jeweiligen Regierung vielleicht medial gut verkaufen, den Schulakteuren (Schüler, Lehrer, Eltern) helfen sie jedoch nicht weiter.

Die Verzahnung der Zusammenarbeit zwischen Schule, Elternhaus, "maison relais", ESEB und medizinisch-psychologischem Fachpersonal sowie Rundumbetreuung der schwachen und sozial benachteiligten Schüler in der Grundschule durch ein umfassendes, durchdachtes sowie kostenloses Angebot an Stütz- und Förderkursen muss realisiert werden, um mehr Bildungsgerechtigkeit zu erreichen.

Wenn die notwendige Betreuung und Unterstützung gewährleistet ist, sollte Inklusion keinem Kind im Grundschulalter verwehrt werden. Jedoch sollte eine Wahlmöglichkeit bestehen. Wenn die Eltern oder das Kind eine Präferenz für ein bestimmtes Kompetenzzentrum haben, sollten diesem Wunsch Folge geleistet werden.



# 5. Direktiounen

**Den SEW/OGBL stellt fest, datt d'Experiment Regionaldirektioune am Fondamental gescheitert ass. Bis elo gouf net adequat op dës Kritik an d'Doleancë vum Terrain reagéiert. Fir den SEW/OGBL ass et kloer, datt de Modell vun de Regionaldirektiounen iwwerduecht muss ginn.**

## LSAP

**Deelt Dir dës Meenung, datt no valabelen Alternative muss gesicht ginn?**

D'LSAP hellt d'Kritike vum Terrain seriö. Dofir soll d'Organisatioun vun de Schouldirektiounen op de Leescht geholl ginn. Ausgoend vu Resultater vun enger déifgrënneger Etude vun de Regionaldirektiounen, wëll d'LSAP d'Missiounen vun den Direktiounen esou wéi d'Verdeelung vun den Aufgaben a Responsabilitéiten tëschent dem regionalen an dem kommunale Niveau iwwerdenken. D'Zil muss eng besser Zesummenaarbecht tëschent de Regionaldirektiounen, de Schoulkommiteeën, de Schoulen an den SEA'en sinn. D'LSAP schwätzt sech och dofir aus, datt d'Presidenten vun de Schoule méi Attributioune zougesprach ginn.

**Den SEW/OGBL ass bereet, sech mat Iech un een Dësch ze setzen an en alternative Modell virzestellen. Sidd Dir och bereet, Iech zesumme mam SEW/OGBL un een Dësch ze setzen fir dësen ze diskutéieren?**

Jo, d'LSAP ass absolut gewëllt sech mam SEW/OGBL iwwert aner Modeller vun de Regionaldirektiounen auszetauschen.

## DÉI GRÉNG

**Deelt Dir dës Meenung, datt no valabelen Alternative muss gesicht ginn?**

Verschidde Regionaldirektioune maachen eiser Aschätzung no eng gutt Aarbecht, wärend et bei anere méi negativ Echoe schéngt ze ginn. Souwäit et systematesch Dysfonctionementer ginn, si mir gär bereet, fir iwwer Verbesserungen oder iwwer eventuell Alternativen ze diskutéieren.

**Den SEW/OGBL ass bereet, sech mat Iech un een Dësch ze setzen an en alternative Modell virzestellen. Sidd Dir och bereet, Iech zesumme mam SEW/OGBL un een Dësch ze setzen fir dësen ze diskutéieren?**

Jo, wéi an der viregter Äntwert ugedeit si mir diskussiounsbereet, fir alternativ Léisungen ze envisagéieren.

## CSV

**Deelt Dir dës Meenung, datt no valabelen Alternative muss gesicht ginn?**

Jo, mir deelen déi Meenung. Als CSV wëlle mir de Schoulcomité professionaliséieren respektiv eng Schouldirektioun an der Grondschoul aféieren – als direkten Uspriechpartner op der Plaz fir Enseignanten, Schüler an Elteren.

**Den SEW/OGBL ass bereet, sech mat Iech un een Dësch ze setzen an en alternative Modell virzestellen. Sidd Dir och bereet, Iech zesumme mam SEW/OGBL un een Dësch ze setzen fir dësen ze diskutéieren?**

Jo, mir stinn dem SEW/OGBL gären dofir zur Verfügung.

## DÉI LÉNK

**Deelt Dir dës Meenung, datt no valabelen Alternative muss gesicht ginn?**

Jo. déi Lénk hate sech d'ailleurs beim Gesetzesprojet à la base enthalen, well se skeptesch waren wat dee Modell ugeet.

**Den SEW/OGBL ass bereet, sech mat Iech un een Dësch ze setzen an en alternative Modell virzestellen. Sidd Dir och bereet, Iech zesumme mam SEW/OGBL un een Dësch ze setzen fir dësen ze diskutéieren?**

Jo.

## ADR

**Deelt Dir dës Meenung, datt no valabelen Alternative muss gesicht ginn?**

Jo, et ginn ëmmer méi Poste geschaf, bei deenen de Mehrwert net grouss ass, an op der anerer Säit feelt da Léierpersonal um Terrain.

**Den SEW/OGBL ass bereet, sech mat Iech un een Dësch ze setzen an en alternative Modell virzestellen. Sidd Dir och bereet, Iech zesumme mam SEW/OGBL un een Dësch ze setzen fir dësen ze diskutéieren?**

Jo, well et ass wichteg mat richtegen Experten ze schwätzen.

## PIRATEN

**Deelt Dir dës Meenung, datt no valabelen Alternative muss gesicht ginn?**

**Den SEW/OGBL ass bereet, sech mat Iech un een Dësch ze setzen an en alternative Modell virzestellen. Sidd Dir och bereet, Iech zesumme mam SEW/OGBL un een Dësch ze setzen fir dësen ze diskutéieren?**

D'Pirate bedaueren, dass d'Unzuel un administrative Posten am Enseignement staark an d'Luucht gaangen ass, wärend um Terrain ëmmer nach Persoune feelen, fir Kanner mat spezifesche Besoinen adequat ze ënnerstëtzen. D'Partei sicht ëmmer den Dialog mat der Gesellschaft an de Gewerkschaften a géife sech natierlech och zu dësem Sujet gären austauschen.





## FOKUS

**Deelt Dir dës Meenung, datt no valabelen Alternative muss gesicht ginn?**

**Den SEW/OGBL ass bereet, sech mat Iech un een Dësch ze setzen an en alternative Modell virzestellen. Sidd Dir och bereet, Iech zesumme mam SEW/OGBL un een Dësch ze setzen fir dësen ze diskutéieren?**

Jo.

## VOLT

**Deelt Dir dës Meenung, datt no valabelen Alternative muss gesicht ginn?**

Volt stellt sech d'Fro, firwat déi Direktiounen am Fondamental iwwerhaapt geschaf goufen? Wat ass iwwerhaapt hir Aufgab an hier Missioun? Mir stelle virun allem an der Diskussioun mat Enseignanten aus dem Fondamental fest, datt d'Direktiounen zimmlech onsichtbar an der Schoul sinn a mir krute bericht, si géife wéi eng reng administrativ Vergréisserung vun der Schoul ouni Plus-value wierken. Dowéinst si mir absolut der Meenung, datt et alternativ Modeller fir d'Gerance vun de Primärschoule muss ginn.

**Sidd Dir och bereet, Iech zesumme mam SEW/OGBL un een Dësch ze setzen fir dësen [alternative Modell] ze diskutéieren?**

Jo, dozou erkläert sech Volt gäre bereet, ënnert der Konditioun, datt och Leit vum Terrain (also Enseignanten an Direkteren aus dem Fondamental) mat um Diskussiounsdësch sëtzen.

## KPL

**Deelt Dir dës Meenung, datt no valabelen Alternative muss gesicht ginn?**

Der Schuldirektor soll als Ansprechpartner und Mediator für Lehrer und Eltern fungieren. Darüber hinaus soll er über eine Reihe von administrativen Aufgaben verfügen und in verschiedenen Fällen einer Lehrkraft pädagogische Ratschläge geben oder Hilfestellung leisten können (z.B. nachdem er Einsicht in den Unterricht gewonnen hat). Die KPL betrachtet indes weiterhin ein Schulkomitee, das vom Lehrpersonal demokratisch gewählt wird, als das geeignetste Instrument bezüglich der administrativen Organisation einer Grundschule. Der gewählte Schulpräsident sollte ausreichend Entlastungsstunden bekommen, um seiner Aufgabe mit der nötigen Ernsthaftigkeit gerecht werden zu können. Je nach Größe und soziokulturellen Spezifika einer Grundschule kann diese Stundenzahl substantiell erhöht werden.

Die KPL widersetzt sich jeglicher Hierarchisierung und « Schnüffelei » im Schulbetrieb. Kinder brauchen solidarisches und sozial denkendes Lehrpersonal. Das alte Inspektoratssystem wurde unter neuer Bezeichnung gleichsam ausgeweitet und das Ministerium verfügt nun über weitere treue Handlanger. Dies kann zu Stress und zur Zerstörung der kollegialen sowie solidarischen Atmosphäre innerhalb der einzelnen Grundschulen führen.

**Den SEW/OGBL ass bereet, sech mat Iech un een Dësch ze setzen an en alternative Modell virzestellen. Sidd Dir och bereet, Iech zesumme mam SEW/OGBL un een Dësch ze setzen fir dësen ze diskutéieren?**

Op jidde Fall, d'Gewerkschaften sinn déi entscheedend Organer an den Aen vun der KPL, wann et ëm d'Ausschaffen an d'Ëmsetzung vu Reforme geet. si mussen ee Matsprooch- a Vetorecht hunn.

# 6.
# Penurie vun Enseignanten

**D'Penurie vun den Enseignanten ass zanter Joren ee grousse Problem. Vill Enseignantë si mëttlerweil an enger Deelzäittâche, an dat dacks, well si, duerch déi ëmmer méi héich Ufuerderungen déi u si gestallt ginn, eng Entlaaschtung brauchen. Dogéint gesinn ëmmer manner Leit eng Perspektive am Enseignantsberuff. Ënnert anerem den héijen administrativen Opwand, souwéi eng ëmmer méi grouss Unzuel vu Kanner mat spezifesche Besoinen féieren dozou, datt d'Enseignantë sech manner op dat konzentréiere kënnen, wat hiren eigentlechen Job ass.**

## LSAP

**Wéi wëllt Dir géint déi Penurie ugoen?**

Fir laangfristeg de Mangel un Enseignante·ë·n am Enseignement Fondamental ze iwwerwannen, mussen d'Ursaachen bekämpft ginn. D'Attraktivitéit vum Beruff an d'Ausbildung vum Personal musse verbessert ginn. Zousätzlecht Personal muss d'Léierpersonal administrativ entlaaschten. Zousätzlech musse multidisziplinär Equipen d'Enseignante·ë·n ënnerstëtzen, fir präventiv a reaktiv op Problemer vu Schüler·innen agoen ze kënnen.

Wat d'Formatioun vun den Enseignante·ë·n fir de Fondamental ugeet, schwätzt d'LSAP sech dofir aus, datt de BSCE méi Studieplazen ubitt. Hei ass virausgesat, datt d'Uni genuch Ressourcen zur Verfügung gestallt kritt, fir dat ëmzesetzen. Ausserdeem muss de BSCE iwwerschafft ginn, well vill Kandidat·inne nëmme mat enger Admission conditionelle an de Studiegang zougelooss ginn, an och am Hibléck op d'Generaliséierung vun der Offer vun der franséischer Alphabétiséierung.

Par Conter mussen Iwwergangsléisungen Qualitéitsnormen erfëllen fir eng héichwäerteg Bildung vun den Ausbilder ze garantéieren. Do stellt d'LSAP sech d'Fro, ob d'BFP-Student·innen innerhalb vun engem eenzege Joer adäquat op de Beruffsalldag virbereet ginn an déi néideg praktesch Erfarung garantéiert ass. D'Opportunitéit Léierpersonal am Fondamental zukünfteg mat Master-Diplom ze recrutéieren gëllt et ze iwwerpréiwen.

**Wéi plangt Dir, den administrativen Opwand ze reduzéieren?**

Nieft der allgemenger Reduktioun vun den administrativen Tâchen, wëll d'LSAP zousätzlecht Personal an de Schoulen astellen, fir administrativ Tâchen ze iwwerhuelen. Gläichzäiteg soll déi administrativ Tâche besser tëschen de Regionaldirektiounen an de Schoulen opgedeelt ginn.

**Wéi wëllt Dir d'Wuelbefanne vun den Enseignantë verbesseren?**

Fir d'Wuelbefanne vun den Enseignante·ë·n ze verbesseren, wëll d'LSAP dofir sécherstellen, datt d'Enseignante·ë·n an éischter Linn enseignéieren. Dat bedeit notamment, datt weidert Personal an de Schoule present ass, fir den ëmmer méi vilfältege Besoinen vun alle Kanner entgéintzekommen, an datt déi administrativ Tâchen besser organiséiert ginn. Zousätzlech Ressourcen mussen duerfir bereet gestalt ginn, dozou zielt d'Bereetstelle vu Personal fir administrativ Tâchen.

D'LSAP ass der Meenung, datt och de Rôle vum Enseignant als zentralt Element vun der Bildungspolitik am 21. Joerhonnert sollt iwwerduecht ginn, deen déi éischt Bezuchspersoun fir d'Schüler·innen ass, a vill méi, wéi e rengen Wëssensvermëttler. D'Formation initiale esou wéi d'Formation continue mussen deem Rechnung droen.

Eng weider Méiglechkeet d'Wuelbefanne vun den Enseignante·ë·n ze verbesseren ass d'Opstocke vum Service Psycho-social de la Fonction Publique – och am Hibléck mat der Aféierung vun enger Offer, déi spezifesch d'Léierpersonal cibléiert.



**Wéi wëllt Dir de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv maachen?**

Eng Prioritéit fir d'Attraktivitéit vum Beruff ze verbesseren ass d'Reduktioun vun den administrativen Tâchen an d'Upassung un d'Defien vum 21. Joerhonnert. Des weideren wëll d'LSAP de Fonctionnement vun de Regionaldirektiounen an d'Féierung vun de Schoulen op de Leescht huelen, fir d'Zesummenaarbecht an d'Aarbechtsklima ze verbesseren. Hei well d'LSAP d'Attributiounen vun de Presidenten vun de Schoulkomiteen iwwerschaffen an demno wéi, erweideren.

Eng weider Pist, déi scho méi ausféierlech beschriwwen ass, ass d'Eropsetze vun de Personalressourcen an de Schoulen, fir Enseignante·ë·n ze entlaaschten, besonnesch ënnert dem Gesiichtspunkt vun der Inklusioun.

D'Ausbildung an den Accès zum Beruff spillen och eng wichteg Roll. D'LSAP wëll laangfristeg een Ausbildungswee fir de Beruff vum Enseignant am Fondamental.

## DÉI GRÉNG

**Wéi wëllt Dir géint déi Penurie ugoen?**

**Wéi plangt Dir, den administrativen Opwand ze reduzéieren?**

**Wéi wëllt Dir d'Wuelbefanne vun den Enseignantë verbesseren?**

**Wéi wëllt Dir de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv maachen?**

Eng ausräichend Zuel vu gutt ausgebilten an zefriddenen Enseignantë gehéiert zu de Grondviraussetzunge vun engem funktionéierende Bildungssystem. Attraktiv Aarbechtskonditiounen an d'Wäertschätzung op der Aarbechtsplaz an am gesellschaftlechen Ëmfeld sinn zwee Punkten, un deenen déi gréng wëllen usetzen, fir dem akute Personalmangel ze begéinen.

Eng grondleeënd Mesure, déi mir an dësem Kontext wëllen diskutéieren ass d'Erophiewe vun der Enseignantskarriär am Fondamental op de Master-Niveau, mat enger entspriechender Upassung vun den Ausbildungsweeër. Hei leie verschidde Modeller um Dësch, déi et géifen erlaben, dass zukünfteg Enseignanten zousätzlech zu hirer pedagogescher Ausbildung och e formellen Ofschloss an enger anerer Matière maache kënnen, wat den Ausbildungswee allgemeng méi interessant géif maachen.

Am Aarbechtsalldag vun den Enseignante wëlle mir déi administrativ Hürden ofbauen an de Schoulen entspriechend Personal zur Verfügung stellen, fir dass d'Enseignantë rëm méi Zäit mat hirer eigentlecher Aarbecht kënne verbréngen. Doriwwer eraus wëlle mir Stress- a Belaaschtungsunzeeche bei den Enseignanten eescht huelen an hinne méi Ënnerstëtzung erméiglechen.

## CSV

**Wéi wëllt Dir géint déi Penurie ugoen?**

**Wéi plangt Dir, den administrativen Opwand ze reduzéieren?**

Mir hunn zu deem Thema eng ganz Rei Proposen ausgeschafft:
- administratiivt Personal an der Grondschoul aféieren, fir d'Direktioun z'ënnerstëtzen a fir d'Enseignanten z'entlaaschten;
- geziilt Sensibiliséierungscampagnen an de Lycéeë fir de Beruff vum Grondschoul-Enseignant maachen;
- e virbereedende Cours a Richtung vun de Bildungsberuffer am Uewergrad vum Lycée ubidden;
- méi Ausbildungsplazen op der Uni Lëtzebuerg ubidden an der Uni déi néideg Moyenen zur Verfügung stellen, amplaz einfach den Quereinsteiger-Modell ze verallgemengeren;
- eng Diskussioun féieren iwwer de Profil an d'Ausbildung vum Enseignant an der Grondschoul:
  - mat der Fro, ob de Status vum Léierpersonal, wat vun der Alphabetiséierung a Sproochen iwwer Mathe a Coding bis hin zu Sciences a Sport alles muss kënnen, iwwerhaapt nach oprecht z'erhalen ass, ouni awer wëllen op de „Fachlehrer" nom Modell vum Lycée iwwerzegoen;
  - mat enger entspriechender Upassung vun der Ausbildung: den Enseignant muss esouwuel d'Pedagogik wéi och seng Fächer beherrschen;
  - d'Basis-Formatioun vum Ersatzpersonal (Chargéen) verbesseren.

**Wéi wëllt Dir d'Wuelbefanne vun den Enseignantë verbesseren?**

**Wéi wëllt Dir de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv maachen?**

Generell gëllt, dass d'Wuelbefanne vun alle Schoulpartner muss analyséiert, an do, wou noutwendeg, muss verbessert ginn. D'Qualitéit vum Enseignement steet a fält mam Enseignant. Lëtzebuerg brauch fachlech a pedagogesch excellent Enseignanten. A virun allem genuch excellent Enseignanten. Dofir wëll d'CSV sech asetzen. Dofir muss de Beruff vum Schoulmeeschter a vun der Léierin nees méi attraktiv gemaach ginn. Dozou gehéiere beispillsweis geziilt Sensibiliséierungscampagnen an de Lycéeë fir de Beruff vum Grondschoul-Enseignant. Als CSV si mer der Meenung, dass den Enseignant sech nees muss kënne prioritär op säi „Kärgeschäft" konzentréieren: d'Schoul halen!

Dofir wëll d'CSV:
- manner bürokrateschen Opwand;
- méi Hëllef direkt an der Schoul duerch Direktiounen, déi den Enseignanten am Bedarfsfall zur Säit stinn;
- eng pluridisziplinär Equipe aféieren;
- méi Plaz fir Wëssensvermëttlung schafen, andeem déi administrativ Aarbechte fir Enseignante reduzéiert an/oder un administratiivt Personal an der Grondschoul ausgelagert ginn;

Als CSV wäerte mir eis der Diskussioun iwwer eng Ausbildung fir d'Grondschoul-Enseignanten op Master-Niveau net verschléissen.

# DÉI LÉNK

**Wéi wëllt Dir géint déi Penurie ugoen?**

Virop muss d'Formatioun vun den Enseignanten iwwerschafft ginn. De Stage ass zwar reforméiert ginn, mee en ass nach ëmmer net esou ausgeriicht dass den Tuteur vum Stage eng Begleedpersoun soll sinn. De Stage ass nach ëmmer eng einfach Epreuve a kee pedagogescht Mëttel fir op den Enseignement ze preparéieren. Da musse verschidde Statutten opgewäert gi – d'Chargéeën déi schonn e puer CDD'en accumuléiert hunn musse systematesch Zougang zu CDI'en kréien an no an no foncionnariséiert ginn. Dispense mussen ugepasst ginn an d'Altersdechargen och fir d'Chargéeën.

D'Enseignantë musse wéi aner Beamte vum Staat Zougang zu der Carrière ouverte kréien.

Verschidde prekär Statutte wéi den Expert-externe musse reglementéiert ginn sou dass si net abusiv agesat gi fir d'Lächer ze fëllen. Mir fuerdere scho säit längerem multi-pedagogesch Equippen an de Schoulklassen a méi Raum an Zäit fir dass d'Enseignanten sech kënnen ënnert eneen austauschen a beroden. Dëst ass mat der administrativer Aarbecht déi d'Enseignanten ëmmer méi an Usproch hëlt, schwéier méiglech. Och d'Noutléisung vun de Quereinsteiger dréit dozou bäi dass de Beruff vum Enseignant wieder u Wäert verléiert a Leit déi de „normale" Formatiounswee gaange sinn sech bei de Kapp gestouss fillen.

**Wéi plangt Dir, den administrativen Opwand ze reduzéieren?**

Dorun ass den administrative Waasserkapp Schold deen de Minister geschaf huet. Eise Schoulsystem muss entbürokratiséiere ginn, fir dass d'Enseignanten sech op hir wesentlech Tâchen (Schoul halen ) kënne konzentréieren.

**Wéi wëllt Dir d'Wuelbefanne vun den Enseignantë verbesseren?**

Duerch déi grondop Verännerunge vun eisem Schoulsystem déi mir an eisem Programm virgesinn hunn an op déi mer an dësem Questionnaire schonn agaange sinn, wäert sech d'Wuelbefanne vun den Enseignanten hoffentlech verbesseren.

**Wéi wëllt Dir de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv maachen?**

Op déi Fro hu mir scho par Rapport zu der Penurie geäntwert. Et kann een dobäifügen, dass allgemeng dee Beruff muss erëm gesellschaftlech déi Unerkennung kréien déi e verdéngt an dat geet just iwwer den Dialog vum Minister mat den Enseignanten an den Eltere mat deenen d'Enseignanten och confrontéiert ginn, wann d'Qualitéit vun hirer Aarbecht duerch déi schlecht Aarbechtskonditiounen ofhëlt.

# ADR

**Wéi wëllt Dir géint déi Penurie ugoen?**

Wéinst schlechte politeschen Entscheedungen an duerch d'Bevëlkerungsexplosioun ass et elo esou, dass mer op d'Quereinsteiger an noer Zukunft net kënne verzichten.

**Wéi plangt Dir, den administrativen Opwand ze reduzéieren?**

Den administrative Waasserkapp ass einfach ze grouss, an d'Basis vum Schoulhale kënnt doduerch dacks ze kuerz. D'Léierpersonal soll nees Zäit kréien, fir Schoul ze halen, amplaz an enger onnëtzer Bürokratie ze erstécken. Et misst een z.B. iwwerflësseg Reuniounen ("d'Reunitis") op der Säit loossen, erëm méi einfach Zensuren aféieren amplaz Bilanen, déi kee versteet, an d'Autonomie vum Léierpersonal erëm stäerken.

**Wéi wëllt Dir d'Wuelbefanne vun den Enseignantë verbesseren?**

D'Léierpersonal weess am beschte Bescheed, ass am beschten ausgebilt, ass motivéiert an engagéiert, an hinne muss vertraut ginn. Si hu vill Autonomie verluer: duerch ëmmer méi Reformen a Bürokratie, bei der Evaluatioun, am Conseil de classe, am Conseil de discipline, duerch d'Epreuves standardisées, duerch iwwergeuerdent Projeten, an och un Autoritéit hu si verluer. D'Léierpersonal misst erëm vun der Politik wäertgeschatzt ginn.

**Wéi wëllt Dir de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv maachen?**

Dozou dräi Iddien:

- Manner iwwerflësseg technesch Contraintë wéi z.B. d'E-Bichelchen: bedeit keng Vereinfachung, mee eng Verkomplizéierung vun der Kommunikatioun tëscht Maisons relais, Enseignanten, Schüler an Elteren; den Zougank zu dësem E-Bichelchen (iwwer LuxTrust) ass fir vill Elteren (bzw. Grousselteren) net evident; mir fuerderen, datt den Emploi vun esou engem E-Bichelchen net obligatoresch gëtt.
- Mir fuerderen, datt all Primärschoul mat engem Sekretariat ausgerüst gëtt, fir d'Enseignanten ze entlaaschten.
- Gewaltpreventioun an de Schoulen: an all Schoul oder Lycée misst eng "Task force" der Directioun ugeglidert ginn, déi sech aus verschiddene Beruffsvertrieder zesummesetzt (Pedagogen, Infirmieren, Streetworker asw.) an an Noutfall direkt agraife kann.
- Eis Léierpersoune gi mat der verännerter Erzéiungssituatioun gréisstendeels eleng gelooss. Dat ass net nëmmen e Problem vun der Ausbildung. Et feelt och u rechtleche Viraussetzungen, pedagogesch Autoritéit wierksam duerchzesetzen.

# PIRATEN

**Wéi wëllt Dir géint déi Penurie ugoen?**

**Wéi plangt Dir, den administrativen Opwand ze reduzéieren?**

**Wéi wëllt Dir d'Wuelbefanne vun den Enseignantë verbesseren?**

**Wéi wëllt Dir de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv maachen?**

De Beruff vum Enseignant war ganz vill Jore fir vill Leit en Dramberuff. An de leschte Joren huet dat sech awer lues a lues geännert an dat ass ganz schued, well et u sech guer net de Beruff selwer ass, mat deem sech ëmmer méi Leit schwéier dinn, mee éischter d'Aarbechtskonditiounen. Kanner Wëssen ze vermëttelen an hinnen ze hëllefe grouss ze ginn, ass ëmmer nach eng ganz wäertvoll Aarbecht, déi vill Mënsche begeeschtert. Ëmmer méi Kanner déi spezifesch Hëllef bräichten an se awer net kréien, allgemenge Personalmangel an ëmmer méi administrativ Aufgabe bréngen d'Jofferen an d'Schoulmeeschteren awer ëmmer méi un hier Limitten an dat schréckt natierlech of. D'Attraktivitéit vum Beruff kann deemno nëmmen iwwert eng Verbesserung vun den Aarbechtskonditioune gesteigert ginn. An dat bedeit, dass méi um Terrain muss geschafft ginn a manner um Pabeier. Et musse genuch Leit forméiert a Stageplazen ausgeschriwwe ginn. Gläichzäiteg ass et fir d'Bekämpfung vun der Penurie och

wichteg, d'Ausbildung fir all déi accessibel ze maachen, déi trotz den neien Erausfuerderungen nach fir de Beruff brennen. Aktuell ass et fir eng um Beruff interesséiert Persoun z.B. net méiglech, den theoreteschen Deel vun der Ausbildung en cours d'emploi, also a Form vun Owescoursen oder Blockcouren um Weekend ze maachen. Aplaz Quereinsteiger-Programmer unzebidden, wou d'Formatioun einfach verkierzt gëtt, wier et an eisen Ae besser, Owescouren ze hunn, déi de ganzen theoretesche Studien-Inhalt ofdecken. Esou kéinten och Persounen, déi schonn am Beruffsliewe stinn, nach d'Formatioun maachen a misste just fir d'Stagen hiren aktuelle Beruff pauséieren, ouni dass d'Formatioun zu Laaschte vun der Qualitéit verkierzt gëtt, esou wéi dat aktuell de Fall ass.

## FOKUS

**Wéi wëllt Dir géint déi Penurie ugoen?**

**Wéi plangt Dir, den administrativen Opwand ze reduzéieren?**

**Wéi wëllt Dir d'Wuelbefanne vun den Enseignantë verbesseren?**

**Wéi wëllt Dir de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv maachen?**

Fokus ass der Meenung datt den Image, deen den Enseignant aktuell an eiser Gesellschaft huet, mat Schold ass un der Penurie, um Mangel vun Wuelbefannen an firwat net genuch Jonker sech an dee Beruff lancéiere wëllen. Den Image huet och d'Konsequenz, datt den Enseignanten net genuch Vertraue méi entgéint bruecht gëtt.

Den Enseignant brauch ee kloren an koherente Schoulsystem: souwuel wat d'Bewäertung wéi och d'Orientéierung vun de Schüler ugeet. Vill Frustratiounen entstinn um Terrain, well een « Nivellement vers le bas » stattfënnt, well d'Problemer déi d'Enseignantë feststellen net eescht geholl gi, well den Dialog mam Ministère net funktionéiert. Et ass e generellt Gefill eng Aarbecht ze maachen déi net gewäertschätzt gëtt. Donieft hëlt den administrativen Opwand zou. Dës Problemer gëllt et unzegoen. Mir wëllen aus voller Iwwerzeegung, dass sech den Dialog mam Ministère nees verbessert, dass d'Gewerkschaften eescht geholl ginn, dass de Minister reegelméisseg um Terrain ass, dass laangfristeg Léisungen zesumme mat den Acteuren ausgeschafft ginn, dass d'Enseignanten um Terrain ënnerstëtzt ginn a Problemer net kleng geschwat ginn.

## VOLT

**Wéi wëllt Dir géint déi Penurie ugoen?**

**Wéi plangt Dir, den administrativen Opwand ze reduzéieren?**

**Wéi wëllt Dir d'Wuelbefanne vun den Enseignantë verbesseren?**

**Wéi wëllt Dir de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv maachen?**

Den Examen-Concours sifft schonn am Viraus vill gutt, potentiell motivéiert Leit aus, well en net richteg adaptéiert ass.

Volt gesäit et kritesch, datt een Examen-Concours och dann nach fir Proffekandidat*innen (déi e Master hunn) an deene Fächer gemaach gëtt, an deenen sech genausou vill oder manner Leit gemellt hunn, wéi Plazen ausgeschriwwe goufen. Dës administrativ Hürd an den Examen als e Fachconcours sinn u sech schonn en Hohn, vu datt de Lëtzebuerger Staat domadder seet, hie géif engem Unisdiplom net méi trauen (dee jo och schonn homologéiert ass). Dobäi weist sech, datt déi Examen deels willkürlech Inhalter hunn, deels wäit ewech vum Beruff vum Enseignéieren fort sinn, an och näischt doriwwer aussoen, ob e Kandidat fir de Beruff gëeegent ass. Eng Ofschafung oder Ëmännerung vum Examen-Concours wier also en éischten néidege Schrëtt. (Virstellbar wier z.B. een Opname-Stage vun engem Mount an der Schoul direkt an och keen Examen wa manner Kandidate wéi Posten do sinn – schliisslech gëtt et jo och nach de Stage, an deem een eng Beruffstaugleckeet feststelle kann.)

Den allgemengen administrativen Opwand ka follgendermoossen erofgesat ginn:

- Eng Reduktioun vun de Klasseneffektiver op maximum 20 Schüler*inne pro Klass (dat erfuerdert och d'Astelle vu méi Enseignanten).
- Méi Expert*innen an de Schoulen, also tatsächlech Psycholog*innen, Psychiater*innen, etc., déi den Enseignanten schwiereg Schüler*innen ofhuelen an/oder beroden.
- Eng méi enk Zesummenaarbecht tëscht de Gewerkschaften an dem Ministère kann dozou féieren, datt onnéideg Feeler vermidde ginn an administrativ Demarchë vereinfacht ginn (z.B. Ofschafe vun der "Matricule continue"; méi zougänglech a verbessert Appen wéi de "Fichier élève" a Konsorten).
- An der Primärschoul sollen administrativ Aufgaben, déi ouni Weideres vun engem Sekretariat gemaach kënne ginn, och erëm vun dëse gemaach ginn (Stonneplang androen, Absencen androen, etc.).

An deem Sënn gëtt de Beruff och erëm méi attraktiv: Enseignéieren amplaz orchestréieren oder organiséieren, méi kleng Klassen, etc.

Eppes, wat och vill Enseignante bekloen, mat deene mir geschwat hunn, ass d'Institutioun IFEN, déi vill Leit am Beruff vill Nerve kascht. Mir gesinn hei en dringenden Reformbedarf:

- D'Qualitéit an d'Quantitéit vun de Coursen mussen dringend verbessert ginn.
- Et ginn ze vill an ze laang theoretesch Coursen fir Beruffsufänger*innen, déi méi dovunner hätten, wa se praktesch Hëllef géife kréien. Proffe-Stagiairen ginn effektiv am September an d'kaalt Waasser geheit, sou datt se hier eege Coursen, ouni Formatioune virdru gehat ze hunn, musse virbereeden, Prüfungen etabléieren a verbesseren mussen. Wann dozou nach ganz Nomëtteger Theoriescourse vum IFEN kommen, déi gläichzäiteg an net "wärend den normalen Aarbechtszäiten" gehale ginn, ass et normal, datt Stagiairen am Burnout landen. Mir plädéieren dofir fir manner laang Course wärend de Schoulzäiten an eng besser Virbereedung op déi éischt Schoulwochen.
- Qualitativ huet den IFEN an eisen Aen och e grousse Problem: Den IFEN ass den Ament net wëssenschaftlech genuch, ënnerfuerdert an infantiliséiert seng Participanten – och dëst suergt fir Stress an Onzefriddenheet bei Enseignanten. Proffen enseignéiere Proffen, ouni dofir eng Formatioun oder besonnesch Fäegkeeten mussen ze hunn. Et gëtt keng méi héich Kontrollinstanz, wat den Inhalt vun deene Coursen ugeet. D'Erfarung vun Enseignanten, déi scho méi laang am Beruff sinn, ass sécherlech eng wichteg Komponent an der Ausbildung vum Beruff, an awer duerf et net d'Basis sinn. Volt fuerdert, datt vill méi extra-schoulescht Personal op empirescher Wëssenschaft berouent Course soll halen, sou datt d'Ausbildung och tatsächlech Psychologiescourse vu Psycholog*innen a Pädagogikscourse vu Pädagog*innen beinhalt.

## KPL

**Wéi wëllt Dir géint déi Penurie ugoen ?**

**Wéi wëllt Dir de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv maachen?**


Et ass awer sou, datt d'KPL doropper pocht, am Enseignement déi vill verschidde Karriären ze reduzéiere, sou datt op dës Manéier, d'Solidaritéit am Fondamental an am Secondaire gestäerkt ka ginn. Hei misst et zu enger Reform vum Stage kommen, net am Sënn vun engem Nivellement vers le bas, mee z.B. duerch eng Verlängerung vun eng fachdidaktesch fokusséierter Stagezäit an d'Aféierung vun enger zweeter Chance iwwert eng verkierzt (zweet) Stage-Zäit. De Stage misst op sinn fir all Unisabsolvent mat engem Master an engem spezifesche Fach (fir de Secondaire) resp. engem Bachelor en sciences de l'éducation (fir de Fondamental). Am Programm vun der KPL heescht et dozou weiderhinn:

Die KPL setzt sich seit vielen Jahren für die massive Aufstockung des Lehrpersonals in den Grund- und Sekundarschulen ein. Diese Forderung findet sich bereits im Bereich « Bildungspolitik » des kommunistischen Wahlprogramms aus dem Jahr 2018. Nur auf diesem Wege können die Klassengrößen schrumpfen, kann der Unterricht individueller gestaltet werden und kann das gegenwärtig eingestellte Lehrpersonal entlastet werden. Und nur so kann das so genannte Unterrichtsstundenkontigent erhöht werden. Auf keinen Fall dürfen Unterrichtsstunden wegfallen bei gleichzeitiger Anschwellung des administrativen Wasserkopfs. Der Unterricht findet im Klassensaal bzw. im Nachhilfekursus statt. Bildung ist ein Grundrecht und die Herabsetzung des erwähnten Kontigents würde dieses Menschenrecht sprichwörtlich mit Füßen treten.

In ihrem Wahlprogramm fordert die KPL, die Klassengröße auf ein Mindestmaß zu reduzieren. Die sog. "Klasseneffektive" in der Grundschule müssen auf 14 und in der Sekundarschule auf maximal 20 Schüler beschränkt werden, um eine individuellere Arbeit garantieren zu können.

**Wéi plangt Dir, den administrativen Opwand ze reduzéieren?**

Abschaffung administrativer Belastungen und Wasserköpfe (cf. PDS), Aufstellung eines flexiblen Zehnjahresplans die Lehrerrekrutierung betreffend (ohne Rücksicht auf die Kosten, denn diese darf bei der Bildungsfrage keine allzu große Rolle spielen), Werbekampagnen an den Sekundarschulen, Aufwertung des Berufs durch die Bewilligung gewerkschaftlicher Forderungen, positive mediale Vermittlung der wichtigen gesellschaftlichen Rolle des Lehrers im Rahmen des kindlichen Reifeprozesses und beim Aufbau einer so genannten "Wissensgesellschaft".



# 7. Chargés de cours

**Ouni d'Chargés de cours géif de Betrib op ville Plazen net lafen. Hinne gëtt dacks net déi néideg Unerkennung entgéint bruecht a leider komme si duerch d'Unenee-Reien vun CDDen an den domat verbonnene prozeduralen Opwand a prekär Situatiounen. De Landesverband, zesumme mam SEW/OGBL, setze sech dofir an, datt d'Chargés de cours ab dem 2. CDD automatesch an de CDI kommen, wann hire Kontrakt verlängert gëtt, an dëst konform zum Code du travail.**

**Den SEW/OGBL fuerdert, datt och d'Chargéen an de Genoss vun enger Stonn Altersdécharge pro Woch ab dem Alter vu 45 Joer, 2 Stonnen ab dem Alter vu 50 a 4 Stonnen ab dem Alter vu 55 Joer kommen. Vu que datt d'Tâche vun de Chargéë souwuel am Enseignement Fondamental wéi Secondaire méi héich ass wéi déi vun de Fonctionnairen, ass et wichteg, datt si am Alter eng Kompensatioun fir hier Méiaarbecht kréien.**

## LSAP

**Sidd Dir gewëllt mat op dëse Wee ze goen?**

D'LSAP wëll sech dofir asetzen, datt d'égalité de traitement respektéiert gëtt an d'Chargéen konform zum Code du travail ab dem zweeten CDD en CDI kréien.

**Setzt Dir Iech a fir den 2. Bildungswee op der Uni, also eng Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours?**

Jo.

**Sidd Dir bereet, mat op de Wee vun enger Altersdécharge fir all d'Enseignanten ze goen, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt si sinn?**

Jo.

## DÉI GRÉNG

**Sidd Dir gewëllt mat op de Wee ze goen vun enger Adaptatioun vum Code du travail?**

**Setzt Dir Iech a fir den 2. Bildungswee op der Uni, also eng Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours?**

Prinzipiell sti mir dëser Approche positiv géintiwwer, wann et doduerch ka geléngе fir Chargéen, déi scho laang Schoul halen, an e bessere Statut ze hiewen. Gläichzäiteg si mir eis awer bewosst, dass déi praktesch Organisatioun vun de Schoulen an d'Ofdecke vun den néidege Schoulstonne virum Hannergrond vum Personalmangel muss d'Prioritéit bleiwen an den néidegen "2. Bildungswee" am Kader vun der Organisatioun muss eng Plaz fannen.

**Sidd Dir bereet, mat op de Wee vun enger Altersdécharge fir all d'Enseignanten ze goen, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt si sinn?**

Jo, mir si bereet, fir mat op dee Wee ze goen.

## CSV

**Sidd Dir gewëllt mat op de Wee ze goen vun enger Adaptatioun vum Code du travail?**

JO.

**Setzt Dir Iech a fir den 2. Bildungswee op der Uni, also eng Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours?**

JO.

**Sidd Dir bereet, mat op de Wee vun enger Altersdécharge fir all d'Enseignanten ze goen, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt si sinn?**

Hei besteet d'Méiglechkeet, fir sech vun engem bestëmmten Zäitpunkt vu senger Karriär u kënne fonctionariséieren ze loossen. Dat misst méi geziilt promouvéiert ginn an d'Konditiounen dofir missten iwwerkuckt ginn.

## DÉI LÉNK

**Sidd Dir gewëllt mat op de Wee ze goen vun enger Adaptatioun vum Code du travail?**

Jo.

**Setzt Dir Iech a fir den 2. Bildungswee op der Uni, also eng Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours?**

Jo.

**Sidd Dir bereet, mat op de Wee vun enger Altersdécharge fir all d'Enseignanten ze goen, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt si sinn?**

Jo.

## ADR

**Sidd Dir gewëllt mat op de Wee ze goen vun enger Adaptatioun vum Code du travail?**

Jo, well et konform zum Code du travail ass.

**Setzt Dir Iech a fir den 2. Bildungswee op der Uni, also eng Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours?**

Prinzipiell wier et gutt, wann all d'Léierpersounen déi selwecht Studien hätten. Leider ass dat wuel duerch den héije Bevëlkerungswuesstem an deelweis falsch politesch Entscheedungen aktuell net méiglech. Deemno mussen effektiv aner Weeër consideréiert ginn.

**Sidd Dir bereet, mat op de Wee vun enger Altersdécharge fir all d'Enseignanten ze goen, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt si sinn?**

Et ass effektiv schwiereg, deenen engen eppes ze ginn an deenen aneren dat ze refuséieren, deemno jo.

## PIRATEN

**Sidd Dir gewëllt mat op de Wee ze goen vun enger Adaptatioun vum Code du travail?**

**Setzt Dir Iech a fir den 2. Bildungswee op der Uni, also eng Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours?**

**Sidd Dir bereet, mat op de Wee vun enger Altersdécharge fir all d'Enseignanten ze goen, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt si sinn?**

D'Pirate setzen sech säit laangem dofir an, d'Aarbechtskonditioune vun de Chargéeën ze verbesseren. Et kann net sinn, dass hei wärend enger ganzer Beruffskarriär CDDen unenee gereit ginn. Ab enger gewësser Unzuel u Jore Beruffserfarung sollt de Chargéeën eng Passerelle opstoen, fir duerch zousätzlech Formatiounen an d'Karriär vum Enseignant wiesselen ze kënnen. Wat d'Altersdecharge ugeet an d'Unzuel un de Schaffstonnen insgesamt, sollt et keen Ënnerscheet maachen, wéi ee Kontrakt een huet, wann déi geleeschten Aarbecht déi selwecht ass.

## FOKUS

**Sidd Dir gewëllt mat op de Wee ze goen vun enger Adaptatioun vum Code du travail?**

De neien Minister muss des Problematik endlech ugoen. Och ënner Enseignanten entstinn ëmmer méi Parallelwelten. Dat ass net gesond fir de Schoulsystem.

**Setzt Dir Iech a fir den 2. Bildungswee op der Uni, also eng Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours?**

Mir ënnerstëtzen all Mesure déi der Qualitéit vum Schoulhalen zu gutt kënnt.

**Sidd Dir bereet, mat op de Wee vun enger Altersdécharge fir all d'Enseignanten ze goen, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt si sinn?**

Mir begréissen, dass e Chargé no 15 Joer an de Statut vum Fonctionnaire ka wiesselen an domat eng Gläichstellung ab engem gewëssen Moment méiglech ass. Fir Fokus ass dat de richtege Wee. Fir weider Parallelwelten ze verhënneren, ass et wichteg des Brécken ze bauen an d'Leit ze motivéieren se ze notzen. Mir sinn dofir der Meenung, dass een des Brécken soll ausbauen an notzen, fir d'Enseignanten nees no Méiglechkeet zesummen ze bréngen, wann et em hiren Statut an hir Aarbechtskonditiounen geet.

## VOLT

**Sidd Dir gewëllt mat op de Wee ze goen vun enger Adaptatioun vum Code du travail?**

Jo. Allerdéngs si mir trotzdeem kritesch, Chargéen ze séier CDIen auszestellen – dëst net, wéinst de Chargéë selwer, mä well mer fäerten, datt doraus kéint eng Praxis an den Direktiounen entstoen, fir Suen ze spueren (well se méi bëlleg wéi Staatsbeamte sinn). Volt hält et fir sënnvoll, datt d'Plaz vum Chargé als eng Aushëllef gesi gëtt, wann et eng Penurie vu Staatsbeamte gëtt. Wann eng ze vill grouss Equivalenz vu Chargé a Staatsbeamten herrscht, da mécht de Parcours vum Prof als Staatsbeamte kee Sënn méi – e Chargé ass da méi einfach agestallt. An et leeft een dann d'Gefor, datt Direktiounen Chargéen ëmmer nëmmen eemol astellen an duerno rëm eng nei Persoun beschäftegen.

**Setzt Dir Iech a fir den 2. Bildungswee op der Uni, also eng Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours?**

Jo.

**Sidd Dir bereet, mat op de Wee vun enger Altersdécharge fir all d'Enseignanten ze goen, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt si sinn?**

Jo. Volt hält déi Devise "Gleiches Geld für gleiche Arbeit" meeschtens fir eng gutt Saach an eng Altersdécharge fir Chargéë géife mir ënnerstëtzen.

## KPL

**Sidd Dir gewëllt mat op dëse Wee ze goen? Setz Dir Iech a fir den 2. Bildungswee op der Uni, also eng Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours?**

D'KPL hat sech schon am Virfeld vum Protestpiquet solidaresch mat dem SEW a senge Fuerderunge gewisen:

Die KPL erklärt sich solidarisch mit dem SEW/OGBL und seinen Partnergewerkschaften (Landesverband und AMELUX), die sich gegen die Politik der Dialogverweigerung, des selbstherrlichen Monologs und der arbeitsrechtlichen Gleichgültigkeit seitens des DP-Bildungsministers Claude Meisch zur Wehr setzen. Es ist ein Skandal, dass der Bildungsminister seit Monaten den kritischen Dialog mit dem SEW/OGBL scheut bzw. kategorisch ignoriert. Es scheint innerhalb des von Claude Meisch geführten Ministeriums eine gewisse Angst zu bestehen, dass die Bildungsgewerkschafter des OGBL zu kritisch sind und auf die eklatanten Fehler wie zum Beispiel die Zersplitterung des Bildungswesens mittels der Einführung internationaler Programme und der Auslagerung bestimmter Zertifizierungen oder des Digitalbereichs hinweisen – hierbei handelt es sich um nichts anderes als eine schleichende Privatisierung. Auch appelliert das SEW/OGBL seit geraumer Zeit an den Bildungsminister, die arbeitsrechtlichen Ungerechtigkeiten bezüglich der Lehrbeauftragten aus der Welt zu schaffen. Bislang hat es weder eine Reaktion, geschweige denn ein Einlenken des MENJE gegeben.

Die KPL hat bereits in ihren vorigen Programmen zu den Chamberwahlen die Forderung aufgestellt, die Arbeitsbedingungen der Lehrbeauftragen zu verbessern und sie nach einer Stage-Zeit fest einzustellen. Aus diesem Grunde ist es wichtig, wie vom SEW/OGBL gefordert, den Lehrbeauftragten Altersentlastungsstunden („Altersdéchargen") zu garantieren und sie nicht mehr mit sogenannten CDDs, also befristeten Arbeitsverträgen, zu schikanieren. Der Staat hält sich hierbei nicht an seine eigenen Regeln! So ist es z.B. im Privatsektor verboten, Angestellten mehr als drei Jahre nur CDDs bei maximal zwei Verlängerungen anzubieten. Die Lehrbeauftragten brauchen sichere Arbeitsverträge, also Festeinstellungen und damit ebenfalls einen besseren Kündigungsschutz! Darüber hinaus sollte der „Accord salarial" im Öffentlichen Dienst („Fonction publique") für alle Angestellten gelten, also auch für



die Lehrbeauftragten in der Grundschule! Die Kommunisten sprechen sich ebenfalls für eine offene Karriere („carrière ouverte") im Bildungswesen aus, welche es den Lehrbeauftragten im „Fondamental" erlauben würde, mittels Examina und schriftlicher Abschlussarbeit verbeamtet zu werden.

**Sidd Dir bereet, mat op de Wee vun enger Altersdécharge fir all d'Enseignanten ze goen, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt si sinn?**

D'KPL geet natierlech mat op dee Wee, well et an den Aen vun der KPL ee fundamentalt Recht ass, aus ville bekannte Grënn, virun allem gesondheetlecher Natur (souwuel physesch wéi och psychesch), am Alter manner Aarbechtsbelaaschtung ausgesat ze sinn, egal wéi engem Statut een ugehéiert. Et ass awer och sou, datt d'KPL doropper pocht, am Enseignement déi vill verschidde Karriären ze reduzéiere, sou datt op dës Manéier, d'Solidaritéit am Fondamental an am Secondaire gestäerkt ka ginn. Hei misst et zu enger Reform vum Stage kommen, net am Sënn vun engem Nivellement vers le bas, mee z.B. duerch eng Verlängerung vun der Stagezäit an d'Aféierung vun enger zweeter Chance iwwert eng verkierzt Stage-Zäit. De Stage misst op sinn fir all Unisabsolvent mat engem Master an engem spezifesche Fach (fir de Secondaire) resp. engem Bachelor en sciences de l'éducation (fir de Fondamental).

# sica

## Informations- und Beratungsdienst

Sie brauchen Unterstützung am Arbeitsplatz, haben Probleme mit der Sozialversicherung oder Schwierigkeiten beim Ausfüllen der Steuererklärung? Wir sind da, um Ihnen zu helfen!

+352 2 6543 777

contact.ogbl.lu



Devenez membre | Werden Sie Mitglied | Become a member | Torne-se um membro

**hello.ogbl.lu**

# 8.

# Maison relais, gratis Betreiung, Ganzdaags-schoul

**An deene leeschte Jore sinn ëmmer méi Betreiungs-strukturen entstanen an ee Modell, den a Richtung vun der Ganzdagsschoul geet, gëtt ëmmer méi verbreet. D'Maison relais ass mëttlerweil gratis an ëmmer méi Leit notzen dës Offer och. Vill Kanner ginn deemno friembetreit. Experte warne virdrun, dass, wann de Personalschlëssel an d'Qualitéit vun der nonformaler Bildung net stëmmt, dëst gravéierend Konsequenze fir eis Kanner kann hunn.**

## LSAP

**Wéi wëllt Dir garantéieren, datt an alle Regioune vum Land d'Kanner en Zougang zur Maison relais hunn?**

Fir d'LSAP muss déi staatlech Participatioun fir de Bau an d'Renovatioun vu Kannerbetreiugsstrukturen fir d'Gemengen dringend evaluéiert an ugepasst ginn. Eng Upassung vun der staatlecher Participatioun, déi zanter iwwert 20 Joer bei 10.000€ pro Chaise läit, géing et de Gemengen erlaben an si dozou ureegen méi Strukturen ze bauen. Esou géing d'Unzuel vun de Betreiungsplazen eropgoen.

**Wéi wëllt Dir eng gratis Betreiung vun héchstméiglecher Qualitéit mat gutt ausgebiltem Personal, engem gudde Personalschlëssel a gudden Aarbechtskonditiounen – egal ob getrennt vun der Schoul oder an engem integréierte Ganzdagsschoul-Modell – garantéieren?**

Generell gesäit d'LSAP grouss Virdeeler doranner, déi formal an déi non-formal Bildung méi enk mateneen ze verflechten. A Punkto Qualitéit erméiglecht eng Ganzdaagsbetreiung besipillsweis eng reegelméisseg Zesummenaarbecht vum Personal an e méi effikasst Amenagementer vun de Raimlechkeete, déi kënnen genotzt ginn.

Onofhängeg vum Modell vun der Schoul, setzt d'LSAP dräi Prioritéiten fir d'Qualitéit vun der Kannerbetreiung ze verbesseren. Fir d'LSAP muss, éischtens, déi staatlech Participatioun un de Personalkäschten vun de kommunalen SEAen iwwerduecht ginn. Dat sozio-edukatiivt Personal brauch Vir- a Nobereedungszäit fir d'Kanner altersgerecht kënnen ze förderen an d'Uspréch vum Cadre de référence ëmzesetzen. Dofir fënnt d'LSAP et sënnvoll d'Personal a Vollzäit anzestellen an d'Participatioun deementspriechend ze adaptéieren. Zweetens, mussen Iwwerleeungen iwwert d'Eropsetze vun de Personalschlëssele gefouert ginn – dat besonnesch an der Petite enfance. Drëttens, ass d'Ausbildung vum Personal ausschlaggebend fir d'Qualitéit vun der Betreiung. Déi verschidden Diplomer am sozio-edukative Beräich mussen jeeweils eng adequat Unzuel vu Praxiserfarung virgesinn, fir d'Personal op de Beruffsalldag virzebereeden. An dësem Zesummenhang consideréiert d'LSAP d'Aféiere vun engem Cadre commun fir déi verschidden Educateursberuffer, fir d'Kompetenzen an d'Ufuerderungen fir all d'Niveauen kloer ze reegelen.

**Riskéiert eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Uspréch net gerecht gëtt, net an Ären Ae laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn?**

Bei der Kannerbetreiung ass d'Qualitéit keen nice to have mee eng Viraussetzung. Fir d'LSAP mussen all Forme vun Kannerbetreiung zwéngend Mindeststandarden erfëllen, déi e Kader sécherstellen, deen zum Wuelbefanne vum Kand bäidréit. Kannerbetreiung, déi objektive Qualitéitsuspréch net gerecht gëtt ka laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun Kanner hunn. Hei leet d'LSAP Wäert drop eng Evidenz-baséiert Politik ze féieren, notamment un Hand vu Begleetevaluatiounen vun der Uni.lu.

**Hunn di Erzéiungsberechtegt hautzedaags Ärer Meenung no iwwerhaapt nach de Choix vum Modell?**

D'LSAP setzt sech fir eng diverse Offer vun der Kannerbetreiung an, fir datt d'Familljen wiele kënne, wéi eng Form am beschte bei si passt. Fir d'LSAP si nieft de Crèchen, Foyeren a Maison Relaisen och d'Dageselteren an d'Mini-Crèchen e wichtege Bestanddeel vun der Kannerbetreiungsoffer zu Lëtzebuerg.

Och eng individuell Gestaltung vun der Aarbecht duerch zum Beispill Congé parental a Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit zu de Gonschte vum Salarié – fir béid Elteren – erméiglecht méi Choix fir d'Organisatioun vun der Kannerbetreiung.

**Ass Ärer Meenung no eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung net eng Méiglechkeet, den Elteren och erëm méi Zäit zur Verfügung ze ginn, fir sech em hir Kanner ze këmmeren?**

Jo, eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung kann op mannst hëllefen, fir dass d'Elteren méi Zäit fir hir Kanner hunn. Wann am beschte Fall béid Elterendeeler och nëmmen e puer Stonne manner schaffen an déi Zäit fir hir Kanner notzen, kënne si sech méi a besser ëm hier Kanner këmmeren.

Dofir plädéiert d'LSAP och fir eng Aarbechtszäitreduktioun bei vollem Lounausgläich an enger Aarbechtszäit-Flexibiliséierung ënnert verschiddene Konditiounen, e. a. dass d'Rechter vun de Salariéë geschützt sinn. Duerch manner Aarbechtsstonnen an deels méi flexibelen Aarbechtszäiten gëtt d'Work-Life-Balance verbessert: béid Partner kenne sech besser organiséieren a sech verstäerkt zesummen a gläichberechtegt ëm Care- an Hausaarbecht këmmeren.

**Gesitt Dir do nach eventuell aner Méiglechkeeten, fir den Elteren erëm méi Zäit zur Verfügung ze gi fir d'Erzéiung vun hire Kanner, ouni datt si hir professionell Karriär mussen opginn oder reduzéieren?**

Den Teletravail, do wou et méiglech ass, kann och hëllefe fir méi "Familljenzäit" ze hunn – eleng scho nëmmen well een d'Zäit vum Aarbechtswee spuert.

D'LSAP plaidéiert virun allem och fir e Recht op Deelzäit matt Recht op Retour a Vollzäit, woubäi de Staat Cotisatiounen fir d'Pensiounskees zum Deel sollt iwwerhuelen, wa béid Elteren d'Aarbechtszäit reduzéieren a sech zesummen ëm d'Kanner an de Stot këmmeren. D'Zil dovunner wier et, dass et normal gëtt, dass Männer a Fraen Deelzäit schaffen an zesumme responsabel si fir d'Kanner an de Stot. Deelzäit-Aarbecht wier doduerch méi wäit verbreet a keen Hindernis méi, fir e Responsabilitéitsposten z'iwwerhuelen a Carrière ze maachen – fir Fraen a fir Männer.

Béid Elterendeeler an och d'Kanner géifen dovunner profitéieren, well se méi eng staark Bindung zu béiden Elterendeeler hätten an donieft och an engem limitéierte Mooss vun der Kannerbetreiung kéinte profitéieren – déi, wa se héichwäerteg Qualitéitscritèren erfëllt, eng wichteg Roll bei der Sozialiséierung an der Chancëgerechtegkeet ze spillen huet.

Der LSAP läit och um Häerz, datt d'Elteren an hirer Fräizäit an an hirem Congé legal hir Responsabilitéit als Elteren wouer huelen a vun der Zäit mat hire Kanner profitéiere kënnen.

## DÉI GRÉNG

**Wéi wëllt Dir garantéieren, datt an alle Regioune vum Land d'Kanner en Zougang zur Maison relais hunn?**

Dës Fro beréiert d'Autonomie vun de Gemengen, déi laut der aktueller Gesetzeslag "just" verflicht sinn, fir all Kand eng Plaz an der Schoul ze ermëiglechen, an net och an de Betreiungsstrukturen. Eng Zougangsgarantie wéi Dir se uschwätzt setzt dofir eng déifgräifend Reflexioun iwwert d'Attributioune vun de Gemenge respektiv dem Staat viraus, der mir eis net verspären, mee déi an der néideger Breet an Déift muss gefouert ginn.

**Wéi wëllt Dir eng gratis Betreiung vun héchstméiglecher Qualitéit mat gutt ausgebiltem Personal, engem gudde Personalschlëssel a gudden Aarbechtskonditiounen – egal ob getrennt vun der Schoul oder an engem integréierte Ganzdagsschoul-Modell – garantéieren?**

Den Accent op d'Qualitéitssécherung am Beräich vun der non-formaler Bildung an de leschte Joren hu mir ausdrécklech gefuerdert a begréisst. Fir d'Zukunft wëlle mir eis fir eng besser Vernetzung vu formaler an non-formaler Bildung asetzen, well mir der Meenung sinn, dass dëst ee vun de Weeër ass, fir méi Chancëgerechtegkeet a eng méi erfollegräich Bildung sécherzestellen. Wéi eng rezent Petitioun et fuerdert si mir awer och der Meenung, dass de Personalschlëssel besonnesch am Klengkandberäich an de Betreiungsstrukturen an den nächste Jore muss no uewen ugepasst ginn. Och beim Aspekt vun der Inclusioun wëlle mir an den nächste Jore Fortschrëtter an de Betreiungsstrukture suergen. Sou soll all SEA eiser Usiicht no eng SEA-I ginn, ënnert der Konditioun, dass genuch Ressourcen a Personal zur Verfügung stinn. Och eng Vernetzung vun de Betreiungsstrukture mat de Kompetenzzentren ass e Punkt, dee mir am Kader vun enger genereller Reform vun dem Fonctionnement vun der Inclusioun wëllen diskutéieren.

**Riskéiert eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Ussprëch net gerecht gëtt, net an Ären Ae laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn?**

**Hunn di Erzéiungsberechtegt hautzedaags Ärer Meenung no iwwerhaapt nach de Choix vum Modell?**

Dës Diskussioun kann eiser Usiicht no net getrennt gefouert gi vun der ëm d'Aarbechtszäitverkierzung an och vum Congé parental, déi Dir an den nächsten zwou Froen opwerft. Mir verweisen dofir fir déi Aspekter op eis folgend Äntwert. Op dëser Plaz wëlle mir awer nach drop hiweisen, dass vill Elteren op eng Friembetreiung ugewise sinn an dass d'Kanner hei och ganz vill kënne léieren, besonnesch wa si hei an de Kontakt mat anere Kanner aus hirem raimlechen Ëmfeld kënne kommen an hei eng sozial Mixitéit ginn ass. Eng héich Qualitéit an eng Betreiung duerch gutt forméiert Personal a gudden, altersgerechte Konditiounen ass eiser Usiicht no dofir essentiel a kann e wichtege Bäitrag zur Chancëgerechtegkeet leeschten. D'Qualitéit an der Betreiung muss dofir an den nächste Jore weider konsequent gefërdert ginn.

**Ass Ärer Meenung no eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung net eng Méiglechkeet, den Elteren och erëm méi Zäit zur Verfügung ze ginn, fir sech em hir Kanner ze këmmeren?**

**Gesitt Dir do nach eventuell aner Méiglechkeeten, fir den Elteren erëm méi Zäit zur Verfügung ze gi fir d'Erzéiung vun hire Kanner, ouni datt si hir professionell Karriär mussen opginn oder reduzéieren?**

Als déi gréng si mir prett fir d'Diskussioun iwwert d'Verkierzung vun der Aarbechtszäit, mee mir wëllen de Wee iwwert de Sozialdialog nom Lëtzebuerger Modell favoriséiere well mir iwwerzeegt sinn, dass mir hei e ganz breede gesellschaftleche Konsens brauchen. Well mir och der Meenung sinn, dass besonnesch Eltere vu klenge Kanner sou séier a breet wéi méiglech sollen d'Méiglechkeet kréien, fir an der ganz wichteger éischter Liewensphas hir Roll kënnen ze erfëllen an eng gutt Bindung mam Kand opzebauen, wëlle mir gréng eis fir en Ausbau vum Congé parental staark maachen, dee sou soll gestalt ginn, dass béid Elteren dorop zeréckgräife kënnen a gläichzäiteg hir professionell Karriär bäibehale kënnen.

Wat d'Fro ugeet, wéiee Liewensberäich méi oder manner responsabel fir Ongläichheeten ass, sou sinn déi Iwwerleeungen an Etuden natierlech pertinent. Den Accent op d'Wichtegkeet vun de Familljen an der Erzéiung ass säit ville Joren e wichtegen Deel vun de grénge Positiounen am Beräich vun der Educatioun. Eng Pist, op déi mir an Zukunft dobäi nach verstäerkt wëlle setzen ass eng nach méi breet Begleedung vun den Elteren, zum Beispill duerch Modeller wéi eng Eltereschoul. Grondsätzlech wëlle mir awer ënnersträichen, dass d'Wuelbefanne vum Kand an d'Garantie vu sengem Recht op eng gutt Erzéiung mussen am Mëttelpunkt stoen, well et am Endeffekt dorop ukënnt. Fir eis ass d'Fro, wéiee Liewensberäich "Schold" huet u méiglechen Defiziter also manner wichteg wéi d'Fro, wéi déi Defiziter ganzheetlech kënnen an Ugrëff geholl ginn.

## CSV

**Wéi wëllt Dir garantéieren, datt an alle Regioune vum Land d'Kanner en Zougang zur Maison relais hunn?**

De Staat muss d'Gemenge beim Ofdecke vun de reelle Besoine méi staark ënnerstëtzen. Doriwwer eraus muss och d'Subventionéierung „pro Stull" beim Bau vun enger Maison relais an d'Luucht gesat ginn.

**Wéi wëllt Dir eng gratis Betreiung vun héchstméiglecher Qualitéit mat gutt ausgebiltem Personal, engem gudde Personalschlëssel a gudden Aarbechtskonditiounen – egal ob getrennt vun der Schoul oder an engem integréierte Ganzdagsschoul-Modell – garantéieren?**

D'CSV ass fir eng Qualitéitsofsécherung an de

Betreiungsstrukturen:

- Fir e systematesche Monitoring vun der „Education non-formelle";
- Fir eng Qualitéitsanalys vun de Strukture respektiv de Betreiungsmodeller;
- Fir besser Qualitéitskontrollen an de Betreiungsstrukturen am Interessi vum beschtméiglechen Encadrement vun de Kanner;
- Fir eng Upassung vum Betreiungsschlëssel an de Strukturen, fir dass d'Educateuren déi néideg Zäit hunn, fir op d'Kanner anzegoen;
- Fir eng Attraktivitéitssteigerung vun den Dagesmammen als Alternativ zu de Maisons relais;
- Fir eng Upassung vun der Subventionéierung vun den Accueil-Strukturen duerch de Staat;
- Fir eng qualitativ héichwäerteg Ausbildung zum Educateur.

Als CSV triede mir doriwwer eraus an fir d'Asetze vun enger Prozedur, fir Abusen ze verhënneren: Et soll ee beispillsweis net gläichzäiteg vun 100% Congé parental a vun 100% gratis Kannerbetreiung kënne profitéieren.

**Riskéiert eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Usprëch net gerecht gëtt, net an Ären Ae laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn?**

Dee Risiko besteet, mee grad dowéinst wëlle mir als CSV d'Qualitéit an de Betreiungsstrukturen eropsetzen, héichhalen a garantéieren. D'CSV wëll och déi Leit ënnerstëtzen, déi hir Kanner doheem versuerge wëllen oder mussen.

**Hunn di Erzéiungsberechtegt hautzedaags Ärer Meenung no iwwerhaapt nach de Choix vum Modell?**

Wéinst den exorbitante Logementskäschten hu wuel déi mannste Famille wierklech e Choix. Mee et gëtt awer nach ëmmer Famillen, déi hir Kanner net an eng Betreiungsstruktur kënnen oder wëlle ginn.

Doriwwer eraus si mir der Meenung, dass all Famill bei hirem respektive Choix soll ënnerstëtzt ginn. D'Wuel vum Kand muss Prioritéit hunn. Dozou gehéiert un éischter Plaz, dass d'Kanner Léift, Opmierksamkeet a Rou kréien. Dës 3 Facteure sinn elementar fir hir Entwécklung. Duerfir wëll d'CSV och déi Famillen ënnerstëtzen, déi hir Kanner selwer doheem betreien.

**Ass Ärer Meenung no eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung net eng Méiglechkeet, den Elteren och erëm méi Zäit zur Verfügung ze ginn, fir sech em hir Kanner ze këmmeren?**

**Gesitt Dir do nach eventuell aner Méiglechkeeten, fir den Elteren erëm méi Zäit zur Verfügung ze gi fir d'Erzéiung vun hire Kanner, ouni datt si hir professionell Karriär mussen opginn oder reduzéieren?**

Hei geet et ëm e bessert Matenee vu Beruff a Privatliewen. Als CSV ënnerstëtze mir eng verbessert Aarbechtszäitorganisatioun a Concertatioun mat de Sozialpartner, ënner Berécksiichtegung vun de spezifesche Besoinen an der interner Organisatioun vun de jeweilege Betriber.

D'CSV vertrëtt de Grondsaz: Eltere-Stonnen amplaz Eltere-Stress! Fir all Eltere mat Kanner am Grondschoulalter féiert d'CSV den Usproch op 4 Eltere-Stonne pro Woch ouni Loun-Kompensatioun an. Eltere mat niddregem Akommes bidde mir eng finanziell staatlech Hëllef.

D'CSV trëtt doriwwer eraus an fir eng finanziell Ënnerstëtzung vun deene Leit, déi hir Kanner bis zum Ufank vun der Schoulflicht selwer doheem betreien. Déi Leit kréie pro betreit Kand dat duebelt Kannergeld. D'Sozialversécherungs-Beiträg gi vum Staat iwwerholl.

# DÉI LÉNK

**Wéi wëllt Dir garantéieren, datt an alle Regioune vum Land d'Kanner en Zougang zur Maison relais hunn?**

Dëst läit an de Kompetenze vun de Gemengen. Änlech wéi beim Logement missten d'Gemenge gesetzlech verflicht ginn en Betreiungstaux vu mindestens 80% am Kader vun de Maisons Relais kënnen ze garantéieren. Op jiddefalls dierf deen Terrain net u privat Crèchen ofgetruede ginn déi elo schonn déck vum System vun de Chèques-Service d'Accueil profitéieren.

**Wéi wëllt Dir eng gratis Betreiung vun héchstméiglecher Qualitéit mat gutt ausgebiltem Personal, engem gudde Personalschlëssel a gudden Aarbechtskonditiounen – egal ob getrennt vun der Schoul oder an engem integréierte Ganzdagsschoul-Modell - garantéieren?**

Andeems mer dat zu enger budgetärer Prioritéit maachen um Gemengeniveau, an andeems mer d'Enveloppe vun de Contingent'en erhéijen.

**Riskéiert eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Usprëch net gerecht gëtt, net an Ären Ae laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn?**

Dach. Dëser Meenung si mer och. D'Friembetreiung ass an der aktueller Situatioun wou et un ëffentleche Betreiungsplazen a ville Gemengen am Land feelt net ewech ze denken. Mir mengen awer dass dës Form vu Betreiung net dierf zu der Reegel ginn an dass Dageseltere Perspektiven op eng Formatioun als Educateur mussen opgemaach kréien an esou kënnen am kollektive Betreiungssecteur schaffen.

**Hunn déi Erzéiungsberechtegt hautzedaags Ärer Meenung no iwwerhaapt nach de Choix vum Modell?**

Nee leider net. Vill Leit mussen noutgedrongen d'Kanner doheem vun der Famill versuerge loossen, respektiv op Dageselteren zeréckgräifen. Elengerzéiender sinn am Meeschte vum Manktem un Betreiungsstrukturen, notamment déi déi no engem Ganzdagesmodell funktionéiere betraff. Déi Approche vum Choix ass awer och net onproblematesch, notamment wann dat zu enger ëmmer gréisserer Individualiséierung vun der Gesellschaft a Konservatismus féiert, wéi am Fall wou Leit en erëm aféiere vum Elteregeld fuerderen an doheem hir Kanner wëllen erzéien.

**Ass Ärer Meenung no eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung net eng Méiglechkeet, den Elteren och erëm méi Zäit zur Verfügung ze ginn, fir sech em hir Kanner ze këmmeren?**

Dach. Dat ass eng Haaptfuerderung vun déi Lénk. Eng 32 Stonnewoch ouni Lounverloscht.

**Gesitt Dir do nach eventuell aner Méiglechkeeten, fir den Elteren erëm méi Zäit zur Verfügung ze gi fir d'Erzéiung vun hire Kanner, ouni datt si hir professionell Karriär mussen opginn oder reduzéieren?**

Mir wëlle kuerzfristeg eng 6. Congéswoch aféieren.

A mir gesinn de Congé de naissance vir, deen an den éischten

3 Méint no der Gebuert vun engem Kand den Eltere soll erlaben sech allebéid zur gläicher Zäit ëm d'Kand ze këmmeren. Dëse Congé de naissance ersetzt den aktuelle Pappecongé vun 10 Deeg, zu dem nëmme Männer Accès hunn am Kader vun enger heterosexueller Koppel.

Mir wëllen domat areechen dass d'Erzéiungsaarbecht an der heterosexueller Koppel méi gläichberechtegt verdeelt ka ginn an dass d'Frae manner abéisse musse wat hir Aarbechtscarrière betrëfft, doduerch dass de männleche Partner och eréischt no 3 Méint no der Gebuert vum Kand erëm zeréck op d'Aarbecht ka goen. Gläichzäiteg wëlle mer mam Congé de naissance dofir suergen dass och gläichgeschlechtlech Koppele kënnen dovu profitéieren.

## ADR

**Wéi wëllt Dir garantéieren, datt an alle Regioune vum Land d'Kanner en Zougang zur Maison relais hunn?**

D'Gemenge sollten op e verantwortungsbewosste Wuesstem setzen an d'Infrastrukturen am Viraus plangen. Duerch eis Iddie vum ADR-Elteregeld géifen d'Maison Relais sécher entlaascht ginn.

**Wéi wëllt Dir eng gratis Betreiung vun héchstméiglecher Qualitéit mat gutt ausgebiltem Personal, engem gudde Personalschlëssel a gudden Aarbechtskonditiounen - egal ob getrennt vun der Schoul oder an engem integréierte Ganzdagsschoul-Modell - garantéieren?**

Duerch eis Iddie vum ADR-Elteregeld géifen d'Maison Relais sécher entlaascht ginn an d'Qualitéit esou nach verbessert ginn.

**Riskéiert eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Uspréch net gerecht gëtt, net an Aren Ae laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn?**

Jo, eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Uspréch net gerecht gëtt, riskéiert an eisen Ae laangfristeg en negativen Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn!

**Hunn di Erzéiungsberechtegt hautzedaags Ärer Meenung no iwwerhaapt nach de Choix vum Modell?**

Nee, d'Elteren hunn aktuell leider net de Choix, si sinn dacks gezwongen hir Kanner laang Stonnen a Friembetreiung ze ginn. Mir wëllen dat änneren an de Leit de Choix gi mat der Optioun ADR-Elteregeld.

Etuden hu festgestallt, datt e groussen Deel vun den Ongläichheeten an eiser Gesellschaft, um Niveau vun de Kanner, net wärend der Schoulzäit entstinn, mee wärend der Fräizäit. D'Eltere brauchen deemno déi néideg Zäit, fir sech ëm hir Kanner ze këmmeren.

**Ass Ärer Meenung no eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung net eng Méiglechkeet, den Elteren och erëm méi Zäit zur Verfügung ze ginn, fir sech em hir Kanner ze këmmeren?**

Mir si fir e bessere Modell, deen de Familljen hëlleft, an dat ass d'ADR-Elteregeld, bei deem ee vun den Eltere ganz oder deelweis kann doheem bleiwen, fir sech ëm d'Kanner ze këmmere bis zum Alter vun 12 Joer.

**Gesitt Dir do nach eventuell aner Méiglechkeeten, fir den Elteren erëm méi Zäit zur Verfügung ze gi fir d'Erzéiung vun hire Kanner, ouni datt si hir professionell Karriär mussen opginn oder reduzéieren?**

Mam ADR-Elteregeld wier dëst méiglech.

## PIRATEN

**Wéi wëllt Dir garantéieren, datt an alle Regioune vum Land d'Kanner en Zougang zur Maison relais hunn?**

**Wéi wëllt Dir eng gratis Betreiung vun héchstméiglecher Qualitéit mat gutt ausgebiltem Personal, engem gudde Personalschlëssel a gudden Aarbechtskonditiounen – egal ob getrennt vun der Schoul oder an engem integréierte Ganzdagsschoul-Modell – garantéieren?**

**Riskéiert eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Uspréch net gerecht gëtt, net an Ären Ae laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn?**

**Hunn di Erzéiungsberechtegt hautzedaags Ärer Meenung no iwwerhaapt nach de Choix vum Modell?**

**Ass Ärer Meenung no eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung net eng Méiglechkeet, den Elteren och erëm méi Zäit zur Verfügung ze ginn, fir sech em hir Kanner ze këmmeren?**

**Gesitt Dir do nach eventuell aner Méiglechkeeten, fir den Elteren erëm méi Zäit zur Verfügung ze gi fir d'Erzéiung vun hire Kanner, ouni datt si hir professionell Karriär mussen opginn oder reduzéieren?**

An den Ae vun de Piraten ass et weder realistesch nach sënnvoll, d'Zil ze verfollegen, dass laangfristeg all Kand am Land soll eng Plaz an enger Créche a Maison Relais hunn. D'Quantitéit géif hei kloer zu Laaschte vun der Qualitéit goen an net déi ganz Zilpopulatioun wëllt dat iwwerhaapt. Vill Eltere wéilten hier Kanner eigentlech léiwer selwer betreien, kënnen sech et awer aus finanzielle Grënn net leeschten op der Aarbecht méi kuerz ze trieden. Géif een dësen Elteren et erméiglechen doheem ze bleiwen, géif dat net nëmmen hinne selwer hëllefen, mee och deenen Elteren zegutt kommen, déi sech fir eng Betreiungsstruktur entscheeden, well dës jo dann entlaascht géife ginn. D'Pirate setzen sech dofir fir de bore Chèque-Service-Acceuil an. Wien eng Crèche oder Maison Relais wielt, soll fir dës weiderhin d'Chèques-Servicen erhalen an wien net heivu profitéiere wëll, soll de Montant ausbezuelt kréien. Gläichzäiteg maache mir eis fir eng Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäite staark an eng Garantie fir e Retour zur Vollzäit. Huet eng Persoun Deelzäit ugefrot, fir sech der Erzéiung vun de Kanner ze widmen, soll si wärend enger gewësser Period d'Sécherheet hunn, nees op eng Vollzäit-Plaz zeréck goen ze kënnen. Esou soll jidderee bei der Kannerbetreiung dee Wee wiele kënnen, deen am beschte bei e passt.

## FOKUS

**Wéi wëllt Dir garantéieren, datt an alle Regioune vum Land d'Kanner en Zougang zur Maison relais hunn?**

**Wéi wëllt Dir eng gratis Betreiung vun héchstméiglecher Qualitéit mat gutt ausgebiltem Personal, engem gudde Personalschlëssel a gudden Aarbechtskonditiounen – egal ob getrennt vun der Schoul oder an engem integréierte Ganzdagsschoul-Modell – garantéieren?**

**Riskéiert eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Uspréch net gerecht gëtt, net an Ären Ae laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn?**

**Hunn di Erzéiungsberechtegt hautzedaags Ärer Meenung no iwwerhaapt nach de Choix vum Modell?**

**Ass Ärer Meenung no eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung net eng Méiglechkeet, den Elteren och erëm méi Zäit zur Verfügung ze ginn, fir sech em hir Kanner ze këmmeren?**

**Gesitt Dir do nach eventuell aner Méiglechkeeten, fir den Elteren erëm méi Zäit zur Verfügung ze gi fir d'Erzéiung vun hire Kanner, ouni datt si hir professionell Karriär mussen opginn oder reduzéieren?**

Fokus wëll, datt Schluss ass mam eesäitege Modell vun der ëffentlecher Kannerbetreiung, déi gratis offréiert gëtt. Den aktuelle System soll net verschwanne, well vill Eltere wëllen oder mussen drop zeréckgräifen. Zousätzlech zum aktuelle System wëlle mir awer och déi Eltere geziilt ënnerstëtzen, déi hir Kanner wëllen a kënne méi aktiv op hirem Parcours begleeden. Dofir fuerdert Fokus d'Aféiere vun enger Elterenzäit: Eng Aarbechtszäitreduktioun fir Papp a Mamm bei Lounausgläich. Gläichzäiteg gëtt den Usproch op gratis Servicer reduzéiert.

Fokus wëll, datt ee Modell envisagéiert gëtt, bei deem béid Elteren 80% schaffen, ouni Lounaboussen ze erleiden. Dat Arrangement kann op déi Zäit befrist ginn, bis d'Kanner an d'Schoul ginn. Papp a Mamm sinn ugehalen, fir gläichermoossen d'Chargë vun der Kannerbetreiung z'iwwerhuelen. Elterenaarbecht ass eng Saach fir béid Partner.

Dës Méiglechkeet vun Aarbechtszäitreduktioun muss selbstverständlech och fir elengerzéiend Eltere gëllen. Deenen hir Entlaaschtung vun de multiple Chargë läit Fokus besonnesch um Häerz.

De Finanzement vun der Aarbechtszäitreduzéirung an dem Lounausgläich muss zum Deel iwwer ëffentlech Mëttele bestridde ginn – virun allem mat deenen, déi duerch ee manner intensive Réckgrëff op ëffentlech Kannerbetreiung fräi ginn.

Allgemeng sollen esou ëffentlech Betreiungsstrukturen an d'Personal entlaascht ginn. Des soll d'Qualitéit an de Strukture verbesseren. Donieft erwaart sech Fokus ee positiven Effekt op d'Wuelbefannen vun de Familljen an de Kanner.

## VOLT

**Wéi wëllt Dir garantéieren, datt an alle Regioune vum Land d'Kanner en Zougang zur Maison relais hunn?**

De Staat muss den Ausbau vu Maison-relaisen fuerderen a kann an däerf net op privat Initiative waarden. D'Statistike vu Neigebuerene si bekannt, deemno muss nieft enger Plaz an der Spillschoul genausou vum Staat dofir gesuergt ginn, datt et genuch Maison-relaisen an all Regioun vum Land gëtt, datt all Kand theoretesch eng Plaz kritt.

**Wéi wëllt Dir eng gratis Betreiung vun héchstméiglecher Qualitéit mat gutt ausgebiltem Personal, engem gudde Personalschlëssel a gudden Aarbechtskonditiounen – egal ob getrennt vun der Schoul oder an engem integréierte Ganzdagsschoul-Modell – garantéieren?**

De Mangel u gutt ausgebiltem Personal ass an alle Branchen am Land e Problem a Volt ass net der Meenung, datt et do eng Patentléisung gëtt. Deem kann ee just entgéint kommen, wann een als éischt Ënnersichungen iwwert d'Ursaache mécht an duerno konkret Moossnamen ergräift. Eng Ganzdagesschoul bitt de Virdeel, fir enger Penurie u reng edukativem Personal entgéintzewierken, well Enseignanten mat eventueller Zousazausbildung och an anere Beräicher kënnen agespaant ginn – sou laang dat och vun de Leit um Terrain gewollt ass.

**Riskéiert eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Uspréch net gerecht gëtt, net an Ären Ae laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn?**

Ob Friembetreiung generell en negativen Impakt op d'Entwécklung vu Kanner huet, kënne mer zu dësem Zäitpunkt net mat Sécherheet soen, well eis dozou keng empiresch Studie virleien. Ëmgedréint schéngt et kloer, datt eng qualitativ schlecht Betreiung (woubäi dat och schwéier ze definéieren ass) sécher net gutt fir d'Entwécklung vu Kanner ass a sécherlech laangfristeg Impakter kann hunn.

**Hunn di Erzéiungsberechtegt hautzedaags Ärer Meenung no iwwerhaapt nach de Choix vum Modell?**

Opgrond vu soziale Facteuren (z.B. datt déi meescht Elteren haut net méi mat hiren eegenen Elteren ënnert engem Daach wunnen) an dem Fait, datt eng eenzeg Pai an engem klassesche Stot vun enger Koppel mat Kanner normalerweis net méi duergeet, fir anstänneg ze liewen: Nee, net wierklech. Déi mannst Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, kënnen et sech hautzudaags nach erlaben, kee Recours op Maison-relais oder Crèche ze huelen.

**Ass Ärer Meenung no eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung net eng Méiglechkeet, den Elteren och erëm méi Zäit zur Verfügung ze ginn, fir sech em hir Kanner ze këmmeren?**

Jo, generell hale mir dat fir eng theoretesch Méiglechkeet, déi mat Pilotprojeten muss erfuerscht ginn. Mir gesinn hei virun allem d'Méiglechkeet, fir eng méi grouss Gläichheet vu Mann & Fra an der Haus- a Care-Aarbecht ze generéieren.

**Gesitt Dir do nach eventuell aner Méiglechkeeten, fir den Elteren erëm méi Zäit zur Verfügung ze gi fir d'Erzéiung vun hire Kanner, ouni datt si hir professionell Karriär mussen opginn oder reduzéieren?**

Fir eis ass d'Froestellung hei net kloer: Entweder Eltere schaffen a këmmeren sech wärend där Zäit net em hier Kanner oder se schaffen net a kënne sech deen Ament ëm hier Kanner këmmeren – dertëscht gesi mir keng Alternativ. Allerdéngs ginn et natierlech nieft Maison-Relais a Crèche nach aner Modeller fir eng Kannerbetreiung, z.B. Dagesmammen, Ganzdagsschoulen oder Wunnstrukturen, déi rëm dräi Generatiounen méi no beienee réckelen.

## KPL

**Wéi wëllt Dir garantéieren, datt an alle Regioune vum Land d'Kanner en Zougang zur Maison relais hunn?**

**Wéi wëllt Dir eng gratis Betreiung vun héchstméiglecher Qualitéit mat gutt ausgebiltem Personal, engem gudde Personalschlëssel a gudden Aarbechtskonditiounen – egal ob getrennt vun der Schoul oder an engem integréierte Ganzdagsschoul-Modell – garantéieren?**

Die KPL räumt seit jeher der Einführung der Ganztagsschule Priorität ein. Das setzt voraus:

- die Schaffung von entsprechenden Infrastrukturen, darunter Kantinen, von entsprechenden Freizeitangeboten, Förderkursen und effizienten Hausaufgabenhilfen. Zu jeder Grundschule gehört eine »maison relais«, in der jedes Schulkind untergebracht werden kann;
- die Einstellung von Fachkräften, um allen Kindern in der »maison relais« eine richtige Hausaufgabenhilfe bzw. Lernstütze zu bieten;
- die Gewährleistung von mindestens drei Stunden Sport pro Woche, unterrichtet von ausgebildetem Personal. Durch die Einstellung diplomierter Sportlehrer könnten LASEP-Veranstaltungen wieder ins Leben gerufen und ausgebaut werden;
- die Einstellung von medizinischem und psychologischem Fachpersonal und die Schaffung einer Einrichtung an jeder Schule, um Schüler ambulant behandeln zu können.
- die kommunale Unterstützung des Transports, z.B. durch den Einsatz von Minibussen, zwischen der »Maison relais« und den Trainingsplätzen bzw. den Spielhäusern der Sport- und Kulturvereine, damit die Kinder anderen Aktivitäten nachgehen können (Sport, Musik, Kultur).

Die mehrfache und immer stärker werdende Belastung vieler Frauen durch Berufstätigkeit, Haushalt, Kindererziehung und steigende Existenzsorgen angesichts der anhaltenden kapitalistischen Krise ist eine Realität der heutigen Gesellschaft. In vielen Fällen steht diese Belastung im Widerspruch zur öffentlich proklamierten Gleichberechtigung zwischen Frauen und Männern.

Obwohl die grundlegenden Fragen der Gleichberechtigung nicht auf kommunaler Ebene gelöst werden können, haben die Gemeinden die dringende Aufgabe, im Alltag der Frauen bessere Voraussetzungen für eine echte Emanzipation zu schaffen.

Quotenregelungen bei Wahlen oder bei der Besetzung von Ämtern und Funktionen können die bestehenden Ungleichheiten nicht wirklich beseitigen helfen. Die KPL ist der Meinung, dass die heutigen und künftigen Probleme der Frauen in der Gesellschaft und im Beruf nur dadurch zu lösen sind, dass Frauen und Männern grundsätzlich dieselben Chancen und Möglichkeiten eingeräumt werden.

Dies funktioniert nur durch die vollständige Umsetzung des Gesetzes über gleichen Lohn für gleiche Arbeit überall in der Praxis und nicht zuletzt durch die Bereitstellung einer ausreichenden Zahl von öffentlichen Kindertagesstätten und »Maisons Relais«.

**Riskéiert eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Uspréch net gerecht gëtt, net an Ären Ae laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn?**

Wann se, wéi vun der KPL gefuerdert, konzeptuell duerchduecht a professionell ausgefouert ass, sinn d'Risiken fir déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner éischter geréng. A verschiddene Fäll, wéinst komplizéierten a prekäre familiären Ëmstänn, ass et op sozio-edukativem an och emotional-psychologeschem Plang souguer besser, wann d'Kanner ausserschoulesch hir Zäit an enger gutt geféierter „maison relais" verbréngen. Elteren, déi d'Méiglechkeet hunn, hir Kanner selwer ze erzéien an ze betreien, sollen natierlech net dorunner gehënnert ginn. Wéi dës Méiglechkeeten kënnen ausgebaut ginn, gëtt an den nächste Froe beschwat.

**Hunn di Erzéiungsberechtegt hautzedaags Ärer Meenung no iwwerhaapt nach de Choix vum Modell?**

Och hei ass d'Aarbechtszäitverkierzung ee Léisungsusaz. Mat enger 35-Stonnewoch (bei vollem Lounausgläich) an enger éischter Etapp kéinten engersäits nei Aarbechtsplaze geschaf ginn, anersäits wier de Stressfaktor op der Schaff vill méi kleng, well méi fräi Zäit zur Verfügung géif stoen. Schaffend Elteren kéinten sech doduerch och vill méi intensiv ëm d'Erzéiung vun hire Kanner këmmeren.

Etuden hu festgestallt, datt e groussen Deel vun den Ongläichheeten an eiser Gesellschaft, um Niveau vun de Kanner, net wärend der Schoulzäit entstinn, mee wärend der Fräizäit. D'Eltere brauchen deemno déi néideg Zäit, fir sech ëm hir Kanner ze këmmeren.

**Ass Ärer Meenung no eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung net eng Méiglechkeet, den Elteren och erëm méi Zäit zur Verfügung ze ginn, fir sech em hir Kanner ze këmmeren ?**

D'Äntwert dozou hu mir ginn. Natierlech wier dat dee richtege Wee. Am Programm vun der KPL heescht et dozou allgemeng:

Die Frage nach der Länge der Arbeitszeit ist so alt wie der Kapitalismus selbst. Ebenso lange ist bekannt, dass die kapitalistische Produktion nicht die Verkürzung des Arbeitstags anstrebt – das Gegenteil ist der Fall! –, sondern die Verkürzung der für die Herstellung einer Ware notwendige Arbeitszeit.

Je länger die Arbeitszeit ist, desto höher ist die Ausbeutung der Schaffenden und damit auch der Mehrwert und der Anteil des Profits, der in die Taschen des Kapitals fließt. Das ist der Grund, weshalb die Handwerkerföderation und andere Patronatsvereinigungen sich bis heute systematisch gegen kürzere Arbeitszeiten wehren.

Als das Kapital im Jahr 1975 die Einführung der 40-Stunden-Woche nicht verhindern konnte, setzten die Patronatsvereinigungen alles daran, möglichst viele Ausnahmeregelungen durchzusetzen, was ihnen seither in vielen Fällen, zum Beispiel auch über immer längere Referenzperioden, leider auch gelang. Das Resultat: Die gesetzliche 40-Stunden-Woche gleicht inzwischen einem Schweizer Käse.

Dabei ist allgemeine Arbeitszeitverkürzung eigentlich längst überfällig, besonders weil die Produktivität während der vergangenen Jahrzehnte regelrecht explodierte, und das Kapital sich einen immer größeren Teil des geschaffenen Mehrwerts aneignet.

**Gesitt Dir do nach eventuell aner Méiglechkeeten, fir den Elteren erëm méi Zäit zur Verfügung ze gi fir d'Erzéiung vun hire Kanner, ouni datt si hir professionell Karriär mussen opginn oder reduzéieren ?**

Ë.a. duerch d'Aféierung vun enger 6. Congéswoch. Eng Schaffwoch vu 4 Deeg ass och keng Utopie méi, wéi een an Island gesäit.

# 9. Beruffsausbildung

**D'Beruffsausbildung gëtt systemesch vernoléissegt. Si gëtt vu ville Schüler negativ ugesi well se an hiren Ae keng Perspektive bitt. D'Gesellschaft befënnt sech awer en engem strukturelle Wandel wou ëmmer méi fäeg Techniker an Handwierker gebraucht ginn, mee e flagrante Mangel u kompetent ausgebilte̊m Personal besteet. Den SEW/OGBL proposéiert dofir, d'Beruffsausbildung opzewäerten, andeems de Cycle inférieur am ESG esou wéi am ESC bis 4ème inclus geet an duerno eréischt Sektioune gewielt ginn. Den DAP géing esou mat enger 1ère professionnelle ofgeschloss ginn, déi de Schüler den Accès op d'Meeschterprüfung opmécht, déi op de Qualifikatiounsniveau 6 soll gehuewe ginn.**

## LSAP

**Wéi stitt Dir dozou, d'Meeschterprüfung op de CLQ 6 ze hiewen?**

D'LSAP ass iwwerzeegt, datt d'Beruffsausbildung generell muss opgewäert ginn. Se ass bereet fir mat allen concernéierten Acteuren iwwert eng Upassung vun den Ufuerderungen an de Zertifikatiounen an deenen eenzele Formatiounen ze diskutéieren.

**Wéi stitt Dir zu enger Verlängerung vum Cycle inférieur ëm 1 Joer am ESG?**

D'LSAP schwätzt sech fir eng Verlängerung vum Cycle inférieur am ESG vun dräi op véier Joer aus. De primäre Virdeel ass et, de Jonke méi Zäit ze ginn sech eng gutt Basis u Kompetenzen unzëeegnen an méi Zäit ze hunn, fir sech fir eng beruflech Zukunft ze entscheeden.

**Wat wëllt Dir ënnerhuele fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv fir déi Jonk ze maachen?**

Fir d'Opwäertung vun der Beruffsausbildung ass d'Opwäertung vun den Diplomer an entspriechend och der finanzieller Remuneratioun eng Pist. Déi fundamental Erausfuerderung besteet allerdéngs doran d'Valorisatioun vun den Handwierksberuffer an der Gesellschaft ze verbesseren. Fir d'LSAP spille Projeten wéi Hallo Handwierk, déi d'Kanner vu klengem un mat de verschiddene Handwierksberuffer familiariséieren eng zentral Roll fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv ze gestalten. Ausserdeem wëll d'LSAP dofir suergen, datt Schüler·innen, déi sech fir eng Beruffsausbildung entscheeden Perspektiven gewise kréien. Dofir solle Jonker, déi d'Méiglechkeet gehat hätten eng Première oder en DT ze maachen, den Accès zu Héichschoulstudien kréien, wa si sech fir en DAP entscheeden. Eng weider Méiglechkeet fir d'Attraktivitéit vun de Beruffsausbilden ze verbesseren ass d'Aféiere vu kombinéierte Formatiounen vum Typ "technicien artisanat" oder voire "technique générale artisanat" mat enger Dauer vu véier Joer, respectiv dräi Joer am Fall vun enger Verlängerung vum Cycle inférieur, deen souwuel en DAP wéi och en DT- oder ESG-Diplom erméiglecht. Esou géinge méi Schüler·innen, déi en DT oder en ESG maache kéinte, sech fir en DAP entscheeden, wëssend datt si herno och je no deem d'Méiglechkeet hunn studéieren ze goen.

**Wéi wëllt Dir d'Formatiounen an der Schoul op allen Niveaue vum Enseignement professionnel (DT, DAP, CCP) un d'gesellschaftlech Besoinen upassen?**

D'LSAP ass iwwerzeegt, datt d'Beruffsausbildung generell muss opgewäert ginn. Se ass bereet fir mat allen concernéierten Acteuren iwwert eng Upassung vun deenen eenzele Formatiounen ze diskutéieren.

## DÉI GRÉNG

**Wéi stitt Dir dozou, d'Meeschterprüfung op de CLQ 6 ze hiewen?**

Mir si prett fir dëst ze diskutéieren am Kader vun enger genereller Opwäertung vun der Beruffsausbildung.

**Wéi stitt Dir zu enger Verlängerung vum Cycle inférieur ëm 1 Joer am ESG?**

Och dës Diskussioun wëlle mir net ausschléissen, allerdéngs misst fir eis dofir am Virfeld gekläert sinn, wat d'Zilsetzung vun esou enger Verlängerung ass. Nëmme da kann d'Diskussioun eiser Meenung no richteg gefouert ginn.

**Wat wëllt Dir ënnerhuele fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv fir déi Jonk ze maachen?**

**Wéi wëllt Dir d'Formatiounen an der Schoul op allen Niveaue vum Enseignement professionnel (DT, DAP, CCP) un d'gesellschaftlech Besoinen upassen?**

Eng wierklech Opwäertung vun der Beruffsausbildung ka sech net eleng op Sensibiliséierungscampagne beschränken. D'Fro, déi ee sech muss stellen ass, op déi Leit déi fir déi Campagne verantwortlech wieren, hir Kanner selwer beim Choix fir d'Beruffsausbildung géifen ënnerstëtzen. E wichtege Sujet an dem Kontext sinn effektiv d'Valoriséierung vun den Diplomer, mee en op d'mannst genau sou wichtegen Usazpunkt ass eiser Usiicht no och d'Orientéierung aus dem Primaire a spéider am Cycle inférieur vum Secondaire, wou natierlech och d'Aspekter vun de Kompetenzen an hirer Evaluatioun mat ze berécksiichtege sinn. D'Energietransitioun a generell déi nohalteg Ëmstellung vun eiser Wirtschaft bidde fir d'Handwierk grouss Chancen, fir gutt an zukunftssécher Aarbechtsplazen ze schafen. Dës Chancë gëllt et ze notzen, fir zesumme mat der Chambre des Métiers an den anere kompetenten Acteuren eng positiv Dynamik an d'Beruffsausbildung eranzebréngen.

## CSV

**Wéi stitt Dir dozou, d'Meeschterprüfung op de CLQ 6 ze hiewen?**

Mir wëllen d'Reform vun der Meeschterprüfung am Interessi vun engem staarken an innovativen Handwierk weiderdreiwen.

**Wéi stitt Dir zu enger Verlängerung vum Cycle inférieur ëm 1 Joer am ESG?**

Mir si bereet, eng breet Diskussioun doriwwer ze féieren.

**Wat wëllt Dir ënnerhuele fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv fir déi Jonk ze maachen?**

- eng Promotiounscampagne fir d'Handwierksberuffer;
- fréizäiteg a repetitiv Sensibiliséierung vun de Schüler fir déi handwierklech, technesch an/oder och wëssenschaftlech Beruffer (an der Grondschoul an am Cycle inférieur vum Lycée);
- d'Orientéierung vun de Schüler nei denken, hir Stäerkten an Talenter mat systemateschen "Talent-Tester" en valeur setzen a si fir en handwierkleche Beruff motivéieren, fir esou vun der „Orientation par l'échec" ewechzekommen;
- den systemateschen Ausbau vun Initiative wéi Wëssens- an/oder Reparaturatelieren an der Grondschoul;
- méi eng grouss Offer u franséischsproochegen Ausbildungen;
- d'Analys vum Besoin vun engleschsproochegen Ausbildungen;
- den „Apprentissage transfrontalier" aktiv promouvéieren;
- Stagen an entspriechende Betriber als Deel vun der Orientéierung (och am klassesche Lycée);
- d'Opwäertung vum Technikerdiplom als Deel vun der Attraktivitéitssteigerung vun den technesche Beruffer, zesumme mat der Auswäertung vun der Organisatioun vun de „Modules préparatoires" fir d'Hochschulreife an der Schafung vun enger Online-Offer;
- d'Bilanzéierung vun der „Validation des acquis d'expérience" an eventuell Upassungen dovun;
- Préiwe vun der Méiglechkeet vun engem „Diplôme de fin d'études secondaires" mat Beruffsausbildung: D'Schüler am Secondaire général sollen an Zukunft d'Méiglechkeet hunn, en duebelen Ofschloss ze maachen: Si maachen den „Diplôme de fin d'études secondaires" a kréie gläichzäiteg eng beruffflech Qualifikatioun (Diplôme d'aptitude professionnelle - DAP). Donieft gëtt d'Méiglechkeet vun der Aféierung vun engem „Bac professionnel" ënnersicht.
- déi dual, beruffsbezunnen Héichschouloffer (Léiervertrag a Stage) ausbauen;
- de Bedarf fir eng „Héichschoul Handwierk" analyséieren an e Konzept fir d'Ëmsetzung ausschaffen.

**Wéi wëllt Dir d'Formatiounen an der Schoul op allen Niveaue vum Enseignement professionnel (DT, DAP, CCP) un d'gesellschaftlech Besoinen upassen?**

Mat lafenden Upassungen iwwer d'Equipes curriculaires.

## DÉI LÉNK

**Wéi stitt Dir dozou, d'Meeschterprüfung op de CLQ 6 ze hiewen?**

Mir ënnerstëtzen des Fuerderung.

**Wéi stitt Dir zu enger Verlängerung vum Cycle inférieur ëm 1 Joer am ESG?**

Mir gesinn dat als eng Mesure déi a Richtung vun eiser Virstellung vum Tronc commun geet. An dem Sënn géinge mir des Mesure als eng méi direkt ëmsetzbar Versioun vum Tronc commun ënnerstëtzen.

**Wat wëllt Dir ënnerhuele fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv fir déi Jonk ze maachen?**

Mat der Aféierung vum Tronc commun, enger fréizäiteger Aféierung an déi verschidden Orientatiouns- a Beruffsméiglechkeeten iwwer de Curriculum a Besichtegungen um Terrain, duerch d'Evaluatioun vun de Fäegkeete vun de Schüler amplaz de Schwächten, wëlle mer erreechen dass d'Schüler sech kënne bewosst fir d'Formation professionnelle entscheede kënnen.

Dann muss et an eisen Aen ëmmer Méiglechkeete gi Passerellen tëscht de verschiddenen Orientéierungsparcoursen ze schafen.

Schlussendlech si mir fir eng Unerkennung vum DAP um Niveau vun enger Première professionnelle fir de Wee zum Brevet an den Unisstudie méi grouss opzemaachen.

**Wéi wëllt Dir d'Formatiounen an der Schoul op allen Niveaue vum Enseignement professionnel (DT, DAP, CCP) un d'gesellschaftlech Besoinen upassen?**

Mir mengen dass do ee Comité interministeriell misst geschaaft ginn, wou d'Entscheedungen iwwer déi zukünfteg Entwécklung vum Aarbechtsmaart, an d'Entwécklung vun neie Wirtschaftssecteuren, déi grouss politesch Erausfuerderungen am Beräich vun der ekologescher an Energietransitioun mussen direkt verbonne gi mat der Gestaltung vum Schoulsystem an de Formatiounen.

## ADR

**Wéi stitt Dir dozou, d'Meeschterprüfung op de CLQ 6 ze hiewen?**

Déi Problemer si gutt bekannt, awer déi Propositioun schéngt eis net onbedéngt déi beschte Léisung fir déi konkret Problemer ze sinn. En DAP an och eng Meeschterprüfung sollten awer revaloriséiert ginn, och finanziell.

**Wéi stitt Dir zu enger Verlängerung vum Cycle inférieur ëm 1 Joer am ESG?**

Dat bréngt net onbedéngt e Méiwäert.

**Wat wëllt Dir ënnerhuele fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv fir déi Jonk ze maachen?**

Do misst ee vill maachen. Mir géifen hei dräi Punkten ervirsträichen: eng besser Promotioun an doduerch eng besser Unerkennung fir déi Beruffsweeër, eng besser Bezuelung an deene Beruffssparten, besser Méiglechkeeten, fir nom Diplom nach weiderféirend Studien ze maachen.

**Wéi wëllt Dir d'Formatiounen an der Schoul op allen Niveaue vum Enseignement professionnel (DT, DAP, CCP) un d'gesellschaftlech Besoinen upassen?**

Mir vertrauen hei den Acteuren aus der Schoul, de Proffe wéi och de bedeelegte Kummeren a Betriber, dass dëst esou wäit erreecht gëtt.

## PIRATEN

**Wéi stitt Dir dozou, d'Meeschterprüfung op de CLQ 6 ze hiewen?**

**Wéi stitt Dir zu enger Verlängerung vum Cycle inférieur ëm 1 Joer am ESG?**

**Wat wëllt Dir ënnerhuele fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv fir déi Jonk ze maachen?**

**Wéi wëllt Dir d'Formatiounen an der Schoul op allen Niveaue vum Enseignement professionnel (DT, DAP, CCP) un d'gesellschaftlech Besoinen upassen?**

D'Beruffsausbildunge musse ganz kloer valoriséiert ginn. Grad bei der Orientéierung vun de Jonken am Lycée ass et wichteg, no den Interesse vun de Schüler:innen ze kucken an d'Beruffsausbildungen net just deene Schüler:inne virzeschloen, déi fir aner Klassen net genuch Punkten haten. Eng Karriär am Handwierk ass net manner Wäert wéi eng Universitéitsausbildung. Wichteg ass, dass een dat, wat ee mécht, mat Spaass mécht. D'Piraten ënnerstëtzen dofir och d'Iddi, et de Schüler:innen ze erlaben, eng 1ère gläichzäiteg mat engem DAP-Ofschloss ze maachen. Op all Schoulniveau – och am Classique - sollt et eng Filière ginn fir d'Handwierk. Esou kéinten déi Jonk hirem Interessi fir e Beruff nogoen a missten awer net fäerten um Enn – sollte si feststellen, dass de Beruff awer näischt fir si ass – manner Méiglechkeeten ze hunn, wéi mat enger 1ère.

## FOKUS

**Wéi stitt Dir dozou, d'Meeschterprüfung op de CLQ 6 ze hiewen?**

**Wéi stitt Dir zu enger Verlängerung vum Cycle inférieur ëm 1 Joer am ESG?**

**Wat wëllt Dir ënnerhuele fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv fir déi Jonk ze maachen?**

**Wéi wëllt Dir d'Formatiounen an der Schoul op allen Niveaue vum Enseignement professionnel (DT, DAP, CCP) un d'gesellschaftlech Besoinen upassen?**

D'Handwierksausbildung ass eng bewosst Orientéierung an Entscheedung – net dee leschte schouleschen Auswee. Nëmme sou kritt déi handwierklech Ausbildung dee gesellschaftleche Wäert, deen hir zousteet, an nëmme sou gi Schülerinnen a Schüler motivéiert, fir eng handwierklech Carrière unzestriewen.

D'Unerkennung an den Oflaf vun der Formatioun hunn ënnert de ville Reformen an de leschte Jore staark gelidden. Bewäertungs- a Promotiounssystem sinn Deels ëmmer nach oniwwersiichtlech a kompliziéiert. Eng éierlech Bewäertung vun der ganzer Formatioun mat den Acteure vum Terrain a Vertrieder aus der Aarbechtswelt ass néideg. Eng Opwäertung vun den Diplomer geet Hand an Hand mat enger besserer Ausbildung zum Handwierker.

De „Comité à la formation professionelle" muss sech reegelméisseg gesi, fir déi verschidden Defien unzegoen a fir mat ze decidéiere, wou a wéi de Wee vun der Beruffsausbildung hi geet. Allgemeng muss d'Zesummenaarbecht tëschent den Acteuren aus der Beruffsausbildung an de Ministèrë verbessert ginn. Et solle Beruffsausbildungszentren entstoen, déi mat der Wirtschaft enk zesumme schaffen. Wa mir gären alleguer Photovoltaik op eisen Haiser hätten a mat Elektroautoe fuere wëllen, dann féiert kee Wee laanscht eng besser Beruffsausbildung.

D'Kanner an d'Schüler an allen Lycéeë musse fréi an de Kontakt mam Handwierk kommen. Esou kënne si handwierklech Beruffer kenneléieren a selwer erliewen, datt een Handwierk een héichwäertege Beruff ass, deem seng Kompetenzen a Fäegkeeten hannert villen akademesche Formatiounen an näischt nostinn.

## VOLT

**Wéi stitt Dir dozou, d'Meeschterprüfung op de CLQ 6 ze hiewen?**

**Wéi stitt Dir zu enger Verlängerung vum Cycle inférieur ëm 1 Joer am ESG?**

**Wat wëllt Dir ënnerhuele fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv fir déi Jonk ze maachen?**

**Wéi wëllt Dir d'Formatiounen an der Schoul op allen Niveaue vum Enseignement professionnel (DT, DAP, CCP) un d'gesellschaftlech Besoinen upassen?**

Mir weisen hei nach eng Kéier op eis Propose hin, den europäesche Schoulmodell fir de gesamte Secondaire z'iwwerhuelen.

No eiser Propose géif d'Handwierk doduerch opgewäert, datt de gefuerderten Schoulniveau vu 7e bis 5e fir deen Deel vu Schüler*innen, déi aktuell am Lycée général sinn, géif enorm eropgoen – an domadder dann och d'Ufuerderungen awer och d'Kompetenzen vum Handwierk. Volt géif mat dem SEW senger Propose, de Choix vun der Sektioun eréischt op 3e ze treffen, matgoen. An eiser Propose géifen da Schüler*innen, déi sech fir en Handwierk entscheeden, no der 3-järeger gemeinsamer Zäit am europäesche System, nach ee Joer op d'Handwierk kënne preparéieren. Dëst wier eng immens gutt Opportunitéit, fir intensiv Coursen an alle méiglechen Handwierksberuffer op 4e schonn auszeprobéieren, sou datt d'Schüler*inne sech nach e bessert Bild vun deene Beruffer kënne maachen.

Fir eng generell Opwäertung vun handwierklechen a prakteschen Kompetenzen plädéiere mir och fir e Cours "Konsumenten- und Hauswirtschaftskunde", nom Beispill als Best Practice aus Schweden.

## KPL

**Wéi stitt Dir dozou, d'Meeschterprüfung op de CLQ 6 ze hiewen?**

Dat ass een Usaz, fir d'Handwierk méi attraktiv ze maachen.

**Wéi stitt Dir zu enger Verlängerung vum Cycle inférieur em 1 Joer am ESG?**

Insbesondere die fast schon automatische Versetzung im nur drei Jahre andauernden »cycle inférieur« der Sekundarschule mündet in puncto Berufsausbildung in eine Sackgasse. Aufgrund einer Anhäufung von Wissens- und Fähigkeitslücken bleiben vielen Jugendlichen angestrebte Ausbildungswege versperrt. Mit geringer Motivation beginnen diese jungen Menschen dann eine gesellschaftlich noch immer stigmatisierte Handwerkslehre, die nicht selten wegen fehlender Lehrplätze, beruflicher Perspektivlosigkeit oder des Wissens um miserable Entlohnung wieder abgebrochen wird.

Wie vom SEW moniert, werden die Schüler im Vorfeld nur unzureichend über Arbeitsbedingungen und Karrieremöglichkeiten aufgeklärt.

Die KPL fordert aus diesem Grunde im Einklang mit dem SEW eine Verlängerung des »cycle inférieur« im ESG um ein Jahr.

**Wat wëllt Dir ënnerhuele fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv fir déi Jonk ze maachen?**

**Wéi wëllt Dir d'Formatiounen an der Schoul op allen Niveaue vum Enseignement professionnel (DT, DAP, CCP) un d'gesellschaftlech Besoinen upassen?**

Tatsächlich ist in der Fachkraftausbildung der Wurm drin. Wie lässt sich dies ökonomisch-politisch erklären? Zum einen sabotieren auf kurzfristigen Profit orientierte Patronatsvereinigungen in Handwerk und Industrie in regelmäßigen Abständen eine Aufwertung des Handwerkerberufs, indem sie sich einer resoluten Erhöhung der Gehälter sowie einer quantitativ und qualitativ besseren Lehrlingsbetreuung verweigern. Beständig reden sie einer Indexmanipulation das Wort. Ein »solidarisches Finanzierungssystem der Berufsausbildung«, wie von der Salariatskammer vorgeschlagen, wäre ein Lösungsansatz.

Zum anderen offenbart sich Luxemburg gerade im Handwerkssektor als eine Art ökonomischer Nosferatu. Einerseits haben unzählige Handwerksbetriebe aus der sogenannten »Großregion« ihren Sitz oder sogar ihre Produktionsstätte aus Gewinn- und Steuergründen hierhin verlegt, andererseits bringen diese Unternehmen gut ausgebildete Arbeitskräfte mit, falls diese nicht sowieso schon eine Anstellung in einem Luxemburger Unternehmen gefunden haben. Man bedient sich gerne aus diesem Reservoir. Das kapitalistische Luxemburger Wirtschaftsmodell kannibalisiert durch das Absaugen von Arbeitskräften, Produktionsmitteln und Kapital die Grenzregionen. Diese Entwicklung führt dort zu einer wirtschaftlichen Strukturschwäche, zu einem Mangel an qualifizierten Handwerkern – nicht jeder kleine Betrieb wagt aufgrund fehlender finanzieller Mittel den Schritt, sich in Luxemburg niederzulassen –, zusehends aber auch zu einer Verarmung der Bevölkerung; es ist ja nicht so, als würden hier alle als Grenzgänger arbeiten.

Ein derartiges Geschäftsmodell erweist sich weder zum Vorteil der Grenzregionen noch zu demjenigen der Luxemburger Jugend, die das Recht auf eine hochwertige berufliche Ausbildung, eine feste Einstellung und eine menschenwürdige Entlohnung haben müsste. Durch die Nationalisierung und anschließende Vergesellschaftung von Schlüsselindustrien könnten z.B. zahlreiche neue Lehrplätze, betriebseigene »Lehrbuden« und sogar neue Zulieferketten für die hiesigen Klein- und Mittelbetriebe geschaffen werden. Eine solche ökonomisch-soziale Umgestaltung wäre im Interesse der Jugend und der schaffenden Menschen.

Darüber hinaus fordert die KPL ganz konkret:

- die Betriebe gesetzlich zu verpflichten, entsprechend ihrer Größe Lehrlinge auszubilden. Wer ausbildet, soll unter Beachtung gesetzlich geregelter Bedingungen sowie bei konsequenter Respektierung des Arbeitsrechts unterstützt werden. Betriebe, die in der Lage wären, Lehrlinge auszubilden, aber keine Ausbildungsplätze schaffen, sollen in einen Ausbildungsfonds einzahlen;
- das Recht für die Lehrlinge, nach Abschluss ihrer Berufsausbildung im Betrieb fest eingestellt zu werden;
- das Verbot von Leiharbeit;
- die Erhöhung und Vereinheitlichung der Lehrlingsentschädigungen.



# 10.
# DAP Education

**Mam DAP Education ass eng nei Filière vun der Beruffsausbildung geschaf ginn, déi bei de Schüler en enorme Succès huet. Am Géigenzuch sinn awer d'Aschreiwungszuele fir den Auxiliaire de Vie oder den Aide Soignant réckleefeg säit der Aféierung vum DAP Education, wat eis ze denke sollt ginn. Mir kritiséiere virun allem de Fait, datt et keng Admissiounskrittäre fir den DAP Education gëtt, déi d'Qualitéit vun dem Diplom assuréiere géingen. Spéiderhin solle Léit mat DAP Education an eise Schoulen z.B. Schüler mat spezifesche Besoinen hëllefen.**

## LSAP

**Wéi kann an Ären Ae garantéiert ginn, datt dës Ausbildung de Schüler déi néideg Kompetenze vermëttelt, fir dem Schoulpersonal an de Schüler eng reell Hëllef um Terrain ze sinn, wa quasi jiddereen op dëser Sektioun ugeholl gëtt, vu que datt et jo keng Admissiounskrittäre gëtt?**

D'LSAP setzt sech fir d'Festleeën vun Admissiounskrittären fir den DAP Education an.

## DÉI GRÉNG

**Wéi kann an Ären Ae garantéiert ginn, datt dës Ausbildung de Schüler déi néideg Kompetenze vermëttelt, fir dem Schoulpersonal an de Schüler eng reell Hëllef um Terrain ze sinn, wa quasi jiddereen op dëser Sektioun ugeholl gëtt, vu que datt et jo keng Admissiounskrittäre gëtt?**

Well et sech hei ëm eng nei Formatioun handelt wëlle mir eng Evaluatioun ofwaarden an och kucken, wéi d'Absolvent*inne sech um Terrain schloen, fir Réckschléss op d'Stäerkten a Schwächten vun der Formatioun ze zéien. Et gëllt och net ze vergiessen, dass dës nei forméiert Leit eng Äntwert op den akute Personalmangel duerstellen an dobäi kënnen hëllefen, d'Léierpersonal ze entlaaschten an och Tâchen ze assuréieren, déi net direkt edukativer Natur sinn. Fest steet fir eis awer och, dass d'Qualitéit vun der Ausbildung vum gesamte Personal am Educatiounsberäich muss eng absolut Prioritéit duerstellen. Wa mir der neier Formatioun also eng Chance wëlle ginn, da wëlle mir awer och sou séier wéi méiglech déi genannten Evaluatioun realiséiere fir eventuell Schwächten an der Ausbildung ze behiewen.

## CSV

**Wéi kann an Ären Ae garantéiert ginn, datt dës Ausbildung de Schüler déi néideg Kompetenze vermëttelt, fir dem Schoulpersonal an de Schüler eng reell Hëllef um Terrain ze sinn, wa quasi jiddereen op dëser Sektioun ugeholl gëtt, vu que datt et jo keng Admissiounskrittäre gëtt?**

Déi nei geschafe Sektioune wäerten all evaluéiert an ugepasst ginn. Den ugepeilten Niveau vun der Bildung muss garantéiert sinn. D'Festleeë vun den Admissiouns-Krittären ass eng aner Méiglechkeet.

## DÉI LÉNK

**Wéi kann an Ären Ae garantéiert ginn, datt dës Ausbildung de Schüler déi néideg Kompetenze vermëttelt, fir dem Schoulpersonal an de Schüler eng reell Hëllef um Terrain ze sinn, wa quasi jiddereen op dëser Sektioun ugeholl gëtt, vu que datt et jo keng Admissiounskrittäre gëtt?**

Wéi dir et an der Fro schonn undeit, handelt et sech hei ëm ee weidere Bradage vum Beruff vum Enseignant. Am Fall vun der Educatioun fir Schüler mat spezifesche Besoin'en ass et ëmsou méi wichteg dass et exigent Qualifikatiounskrittäre gi fir d'Ausbildung vun den Enseignant'en. Alles anescht schued just de Kanner.

## ADR

**Wéi kann an Ären Ae garantéiert ginn, datt dës Ausbildung de Schüler déi néideg Kompetenze vermëttelt, fir dem Schoulpersonal an de Schüler eng reell Hëllef um Terrain ze sinn, wa quasi jiddereen op dëser Sektioun ugeholl gëtt, vu que datt et jo keng Admissiounskrittäre gëtt?**

Et ass effektiv e bizare Choix gewiescht vum Minister, fir hei keng Admissiounskrittare festzeleeën. Ofzewaarde bleift, wéi vill vun de Schüler hiren Diplom DAP Education kréie wäerten a wéi en Niveau si wäerten hunn.

## PIRATEN

**Wéi kann an Ären Ae garantéiert ginn, datt dës Ausbildung de Schüler déi néideg Kompetenze vermëttelt, fir dem Schoulpersonal an de Schüler eng reell Hëllef um Terrain ze sinn, wa quasi jiddereen op dëser Sektioun ugeholl gëtt, vu que datt et jo keng Admissiounskrittäre gëtt?**

Wann et drëms geet, ze garantéieren, dass d'Absolvent(inn)e vun enger Ausbildung um Enn vum Studium och déi néideg Kompetenze fir de Beruff opweise kënnen, sinn d'Evaluatiounskrittäre wärend der Ausbildung an d'Ufuerderungen, déi gestallt ginn, fir um Enn den Diplom ze erhalen, am wichtegsten. Dass et keng Admissiounskrittäre gëtt, muss, wat d'Qualitéit ugeet, deemno net direkt als problematesch agestuuft ginn, soulaang innerhalb vun der Formatioun séchergestallt gëtt, dass keng Persounen, déi fir de Beruff net apte sinn, um Enn en Diplom ausgestallt kréien. Trotzdeem kënnen Admissiounskrittäre wichteg sinn, fir de Schüler:innen ze weisen, wéi e Leeschtungsniveau wärend der Ausbildung erwaart gëtt. Wa vill Schüler sech aschreiwen an duerno déi héich Ufuerderungen net packen, gi Studieplaze blockéiert an esou feelen duerno awer Aarbeschtskräft. Wat d'Ausbildunge fir d'Auxiliaire de vie ugeet, hunn d'Pirate scho viru Joren drop higewisen, dass hei eng Ausbildung geschaaft ginn ass, där um Terrain keng Karriär entsprécht, well de Beruff am Reglement grand-ducal vum 13. Dezember 2017 net virkënnt. Vill Auxiliaire de vie waren dofir gezwonge Kontrakter als Aide socio-familiale unzehuelen a

kruten hier Ausbildung soumat ni unerkannt. Aus dësem Grond ass et net verwonnerlech, dass d'Aschreiwungen hei réckleefeg sinn, soubal eng méi attraktiv Ausbildung op de Plang trëtt. Méi besuergneserreegend ass et awer, dass och d'Aschreiwunge bei den Aide-Soignanten erof ginn. Et ass bekannt, dass de Gesondheets- a Fleegesecteur dréngend no Personal sicht an hei muss opgepasst ginn, dass de Personalmangel am edukative Beräich net zu Laaschte vum Gesondheetssecteur geléist gëtt. Dofir ass et an eisen Ae wichteg, d'Unzuel u Studieplazen, déi all Joers am DAP Education opginn, genee ze iwwerwaachen. Et ass wichteg, dass déi Persounen ausgebilt ginn, déi tatsächlech um Terrain gebraucht ginn, fir d'Enseignanten ze ënnerstëtzen. Et dierf awer net sinn, dass méi Persounen ausgebilt ginn, wéi fir dës Tâchen néideg sinn, mam Zil, méi bëllegt Personal fir Enseignantstâchen ze kréien. Et dierf hei net zu engem Nivellement vers le bas kommen. Dat wier weder am Interessi vun der Qualitéit vum Enseignement nach vum Santés- a Fleegesecteur, deem onnéideg Personalressourcen entzu ginn.

## FOKUS

**Wéi kann an Ären Ae garantéiert ginn, datt dës Ausbildung de Schüler déi néideg Kompetenze vermëttelt, fir dem Schoulpersonal an de Schüler eng reell Hëllef um Terrain ze sinn, wa quasi jiddereen op dëser Sektioun ugeholl gëtt, vu que datt et jo keng Admissiounskrittäre gëtt?**

Et ass net erkennbar, wéi mat deenen Ufuerderungen un d'Schüler am DAP Education déi hei agefouerten Zieler kënnen erreecht ginn. Dofir mussen Admissiounskrittären definéiert ginn. Och hei gëllt, esou Formatiounen dierfen net de leschten Auswee sinn.

## VOLT

**Wéi kann an Ären Ae garantéiert ginn, datt dës Ausbildung de Schüler déi néideg Kompetenze vermëttelt, fir dem Schoulpersonal an de Schüler eng reell Hëllef um Terrain ze sinn, wa quasi jiddereen op dëser Sektioun ugeholl gëtt, vu que datt et jo keng Admissiounskrittäre gëtt?**

Mir gesinn dës Filière als kritesch an denken net, datt sou eng Ausbildung duergeet, fir sënnvoll déi viséiert Tâche kënnen auszeféieren – dofir sinn ausgebilte Psycholog*innen oder Psychiater*inne sënnvoll, awer och ausgebilten Educateuren. Mir gesi keng Plus-Value an dem DAP Education an éischter eng geféierlech Konkurrenz zu deenen méi akademeschen Ausbildungen an deem Beräich.

## KPL

**Wéi kann an Ären Ae garantéiert ginn, datt dës Ausbildung de Schüler déi néideg Kompetenze vermëttelt, fir dem Schoulpersonal an de Schüler eng reell Hëllef um Terrain ze sinn, wa quasi jiddereen op dëser Sektioun ugeholl gëtt, vu que datt et jo keng Admissiounskrittäre gëtt?**

Et handelt sech hei ëm eng Ausbildung mat enger grousser Verantwortung herno am Beruffsliewen, duerfir mussen d'Admissiounskrittären onbedéngt op de Leescht geholl ginn. Si dierfen a kengem Fall ze lax sinn. Och muss de Schüler / d'Schülerin, deen dëse Wee wëllt aschloen, minimum eng Woch ee Stage an enger Betreiungsariichtung („maison relais", Crèche, Altersheim, Pflegeheim, Gériatrie asw.) mat Evaluatioun duerch zwee Tuteuren / Tutricen gemaach hunn.



# 11. Cycle inférieur

**No der Reform vum Cycle inférieur am Enseignement général, muss ee leider ëmmer méi feststellen, dass d'Mesurë wéi Differenzéierung a Leeschtungsniveauë souwéi nei Promotiounskrittären net wéi gehofft zum Virdeel vum Schüler sinn. Grouss Klasseneffektiver an ontransparent Krittäre féiere leider oft dozou datt Schwächte verankert ginn, ouni datt se remediéiert ginn. Dëst stellt sech dann oft als oniwwerbréckbaart Hindernis duer wann et drëms geet dem Schüler déi individuell beschtméiglechst Voie d'orientation ze bidden.**

## LSAP

**Sinn d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG an Ären Aen transparent a schülergerecht? Wann net, wéi kéint een d'Situatioun verbesseren?**

Fir d'LSAP mussen d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG reviséiert ginn. Fir d'Motivatioun an d'Perspektive vun de Jonken ass et wichteg novollzéibar Promotiounskrittären fir de Cycle inférieur schonns op Septième transparent ze erklären. D'Promotiounskrittären mussen d'Accumulatioun vu Retarden verhënneren. Dofir ass d'LSAP fir e Redoublement, deen u Bedéngunge geknäppt ass, wéi zum Beispill obligatoresch Nohëllefsstonnen, en adaptéierte Stonneplang an verstäerkten Tutorat.

**Wat ass fir Iech eng effikass Orientatiounsprozedur?**

Fir d'LSAP setzt eng gutt Orientatioun viraus, datt Schüler·innen vum Ufank vun hirer Schoulcarrière bis bei den Diplom, a gegebenenfalls nach weider, begleet ginn. Informatiounen iwwert déi verschidde Bildungsweeër a Perspektive mussen tout au long vun der Scolarisatioun einfach accessibel sinn. Bei all Etapp wou e wichtege Choix gemaach gëtt, beispillsweis zum Schluss vum Cycle inférieur, mussen d'Schüler·innen an d'Elteren informéiert a beim Choix berode ginn.

An dësem Sënn misst de Cadre de référence vun der Orientation scolaire et professionelle d'Informatiouns- a Berodungsoffer institutionaliséieren a formaliséieren.

Obschonns momentan eng gutt entwéckelt Struktur fir d'Orientatioun fonctionéiert, besonnesch zanter der Aféierung vun de cellules d'orientation an der Eréffnung vun der Maison de l'Orientation, gesäit d'LSAP nach Verbesserungsméiglechkeeten. Esou kéint den Tutorat wärend dem Cycle inférieur en individuellt Encadrement erméiglechen an déi perséinlech Entwécklung vum Jonken verstäerkt förderen. Ausserdeem muss dofir gesuergt ginn, datt d'Zesummenaarbecht tëschent de Schoulen an de verschiddene Lycéeën optimiséiert gëtt.

**Wéi stitt Dir zur Iddi, d'Admissiounskrittären am ESG fir verschidde Sektiounen un d'Haaptfächer vun de Sektiounen unzepassen? Fir eng Commerce muss een z.B. héich Moyennen an de Sproochen hunn, obwuel et op dëser Sektioun vill em Zuele geet a Mathematik net onwichteg ass.**

D'LSAP schwätzt sech dofir aus d'Admissiounskrittären insgesamt ze reviséieren an un d'Besoinen vun de Sektiounen unzepassen.

## DÉI GRÉNG

**Sinn d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG an Ären Aen transparent a schülergerecht? Wann net, wéi kéint een d'Situatioun verbesseren?**

**Wéi soll an Ären Aen Differenzéierung organiséiert ginn fir dem Schüler déi bescht méiglech Konditiounen ze ginn?**

**Wat ass fir Iech eng effikass Orientatiounsprozedur?**

**Wéi stitt Dir zur Iddi, d'Admissiounskrittären am ESG fir verschidde Sektiounen un d'Haaptfächer vun de Sektiounen unzepassen? Fir eng Commerce muss een z.B. héich Moyennen an de Sproochen hunn, obwuel et op dëser Sektioun vill em Zuele geet a Mathematik net onwichteg ass.**

Wéi bei den Äntwerten op déi zweet Serie vu Froen ausgeféiert wëlle mir eis fir eng ganzheetlech Weiderentwécklung vum Lëtzebuerger Bildungssystem staark maachen an dës op e breeden Echange mat alle concernéierten Acteuren aus der Bildungslandschaft opbauen. De Cycle inférieur an d'Orientéierungsmodalitéite gehéieren zu dësen Iwwerleeungen dozou a mir wëlle se an dem gesamte Kader ugoen. Wichteg Aspekter, déi mir an dëser Diskussioun wëllen uschwätze sinn e méi differenzéierten Ënnerrecht an eng méi staark Fokusséierung op d'Stäerkten amplaz op d'Schwächten.

## CSV

**Sinn d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG an Ären Aen transparent a schülergerecht? Wann net, wéi kéint een d'Situatioun verbesseren?**

Nee. Dofir wëll d'CSV de „Cycle inférieur" am Enseignement secondaire général op de Leescht huelen an upassen an de Promotiounssystem adaptéieren a méi transparent an méi verständlech maachen. Nom Prinzip: Leeschtung muss méi geférdert ginn.

**Wéi soll an Ären Aen Differenzéierung organiséiert ginn fir dem Schüler déi bescht méiglech Konditiounen ze ginn?**

D'Differenzéierung an 2 Niveauen vun den Haaptfächer sou adaptéieren, dass se reell ëmsetzbar ass: D'Schoule kréien déi néideg Moyenen, fir eng extern Differenzéierung kënnen z'organiséieren.

**Wat ass fir Iech eng effikass Orientatiounsprozedur?**

D'Orientéierung vun de Schüler muss nei geduecht ginn, hir Stäerkten an Talenter musse mat systemateschen "Talent-Tester" valoriséiert ginn.

**Wéi stitt Dir zur Iddi, d'Admissiounskrittären am ESG fir verschidde Sektiounen un d'Haaptfächer vun de Sektiounen unzepassen? Fir eng Commerce muss een z.B. héich Moyennen an de Sproochen hunn, obwuel et op dëser Sektioun vill em Zuele geet a Mathematik net onwichteg ass.**

Mir sinn oppe fir Upassungen.





## DÉI LÉNK

**Sinn d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG an Ären Aen transparent a schülergerecht? Wann net, wéi kéint een d'Situatioun verbesseren?**

Nee. Et misst een d'Evaluatiounsmethoden allgemeng op de Leescht huelen an och Basiskompetenzen an de Sproochen an an der Mathé besser definéieren. Et geet jo drëms dass all Schüler des Kompetenze misst erreecht hunn éier en sech herno op eng Ausbildung spezialiséiert.

**Wéi soll an Ären Aen Differenzéierung organiséiert ginn fir dem Schüler déi bescht méiglech Konditiounen ze ginn?**

Dofir missten d'Konditioune vum Unterrecht ugepasst ginn. D'Klasseneffektiver misste reduzéiert ginn. Wat een zu manner Schüler ass a wat och méi Ressourcen un Personal an der Klass kënnen agesat ginn, notamment fir an Teams kënnen ze enseignéieren, wat e méi geziilt op d'Besoin'en vu vereenzelte Schüler kann agoen an also méi differenzéiert enseignéieren.

**Wat ass fir Iech eng effikass Orientatiounsprozedur?**

Eng déi op Stäerkten opbaut.

**Wéi stitt Dir zur Iddi, d'Admissiounskrittären am ESG fir verschidde Sektiounen un d'Haaptfächer vun de Sektiounen unzepassen? Fir eng Commerce muss een z.B. héich Moyennen an de Sproochen hunn, obwuel et op dëser Sektioun vill em Zuele geet a Mathematik net onwichteg ass.**

Mir begréissen des Iddi.

## ADR

**Sinn d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG an Ären Aen transparent a schülergerecht? Wann net, wéi kéint een d'Situatioun verbesseren?**

Déi agefouerte Promotiounskrittären am ESG sinn net transparent an si sinn net schülergerecht. Si si schlecht. Mir sollten erëm méi op deen ale System, dee sech bewaert hat, zeréckkommen. Mat transparenten, liicht verstandlechen, gerechte Promotiounskrittären.

**Wéi soll an Ären Aen Differenzéierung organiséiert ginn fir dem Schüler déi bescht méiglech Konditiounen ze ginn?**

Differenzéierung muss och Grenzen hunn, soss maache mer an Zukunft fir all eenzele Schüler eng eege Klass. Et gëtt scho Modulaire, Général, Classique, et gëtt Kompenséieren, eigentlech kann e Schüler säin eegene Wee esou maachen.

**Wat ass fir Iech eng effikass Orientatiounsprozedur?**

Transparent a gerecht Promotiounskrittären, iwwersiichtlech Méiglechkeeten, perséinlech Berodung.

**Wéi stitt Dir zur Iddi, d'Admissiounskrittären am ESG fir verschidde Sektiounen un d'Haaptfächer vun de Sektiounen unzepassen? Fir eng Commerce muss een z.B. héich Moyennen an de Sproochen hunn, obwuel et op dëser Sektioun vill ëm Zuele geet a Mathematik net onwichteg ass.**

Jo, dat ass richteg. Allgemeng sollten Admissiounskrittären net erofgesat ginn, fir den Niveau ze behalen a Leeschtungsbereetschaft ze fërderen.

# PIRATEN

**Sinn d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG an Ären Aen transparent a schülergerecht? Wann net, wéi kéint een d'Situatioun verbesseren?**

**Wéi soll an Ären Aen Differenzéierung organiséiert ginn fir dem Schüler déi bescht méiglech Konditiounen ze ginn?**

**Wat ass fir Iech eng effikass Orientatiounsprozedur?**

**Wéi stitt Dir zur Iddi, d'Admissiounskrittären am ESG fir verschidde Sektiounen un d'Haaptfächer vun de Sektiounen unzepassen? Fir eng Commerce muss een z.B. héich Moyennen an de Sproochen hunn, obwuel et op dëser Sektioun vill em Zuele geet a Mathematik net onwichteg ass.**

Eng effikass Orientatiounsprozedur dierf net eréischt ugoen, wann e Choix fir eng Sektioun muss getraff ginn. Gemeinsam mat de Schüler:inne muss scho vill éischter ermëttelt ginn, wat fir Fächer a méiglech Beruffer si interesséieren, esou dass si scho frei ufänke kënnen, op dës Ziler hin ze schaffen. An natierlech mussen och esou vill Beruffer wéi méiglech de Jonke präsentéiert ginn, fir dass si och frei wëssen, wat si alles u Méiglechkeeten hunn. Bei enger gudder Orientéierung gëtt net just gekuckt, wéi d'Punkte vum Schüler ausgesinn, a wat fir Optiounen engem mat deenen Notten nach opstinn, mee et gëtt scho virdru gemeinsam mam Kand gekuckt, wéi eng Ziler et huet a wéi eng Punkten dofir wéi kënnen erreecht ginn. D'Pirate favoriséiere wéi hei schonn duergestallt gouf an dësem Kontext en transparente moduläre System. Gläichzäiteg sollten d'Admissiounskrittären natierlech mat den Ufuerderunge vun de jeeweilege Sektiounen iwwertenee stëmmen. D'Schüler:inne si schliisslech vill méi motivéiert, wa si eppes léiere mussen, wat si och duerno op der Sektioun bzw. och am Beruff dréngend brauchen. Och d'Promotiounskrittäre sollten de Schüler:inne frei kloer kommunizéiert ginn. Si mussen einfach a verständlech sinn, esou dass jiddereen direkt verstoe kann, op wéi eng Ziler en hischaffe muss/kann. D'Differenzéierung ass wichteg, fir jidderengem Chancen ze bidden, mee hëlleft kengem weider, wann se e System schaaft, deen d'Kanner net duerchblécken. Dat reduzéiert hier Motivatioun an huet am schlëmmste Fall zur Konsequenz, dass déi Jonk um Enn bei der Orientéierung net dat maache kënnen, wat si gär gemaach hätten.

# FOKUS

**Sinn d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG an Ären Aen transparent a schülergerecht? Wann net, wéi kéint een d'Situatioun verbesseren?**

D'Promotiounskrittäre sinn eendeiteg net schülergerecht. Déi automatesch Promotioun muss nees zeréckgezunn ginn. Problemer mussen do an da behandelt gi, wou se ufalen. Ëmmer méi Schüler realiséieren ze spéit, dass si Schwächten mussen opschaffen a landen no 5ème an enger Sakgaass. Mir brauche kloer Promotiounskrittären, eng besser Orientéierung an et musse méi Ressourcen an den Appui gestach gi, fir deene Schüler ze hëllefen, déi Problemer hunn an doheem keng Hëllef fannen.

**Wéi soll an Ären Aen Differenzéierung organiséiert ginn fir dem Schüler déi bescht méiglech Konditiounen ze ginn?**

Mir wëllen d'Cours de base/avancé weiderentwéckelen. Si sollen erlaben differenzéiert mat de Schüler ze schaffen. D'elektronesch Klassenbicher géifen et haut schon erlaben, d'Schüler méi flexibel a jee no Stäerkten/Schwächten an jee no (Haapt-)Fach zesummen ze bréngen. Fir dass dëst méi sënnvoll wéi bis elo funktionnéiert, mussen d'Lycéeë méi Ressource kréien. Oft sinn d'Klasseneffektiver ze grouss, et feelt un Enseignanten oder Säll fir d'Schüler a verschidde Gruppen anzedeelen. Donieft spillt fir eis d'Vermëttlung vu Wäerter och eng wichteg Roll. Onofhängeg vu Schwächte, mussen d'Conduite an d'Applikatioun nees eng méi grouss Roll spillen an net just eng „Randerscheinung" op der Zensur sinn.

**Wat ass fir Iech eng effikass Orientatiounsprozedur?**

Déi éischt Orientéierung am Zesummenhang mam Inferieur fänkt nom Fondamental un. Mir wëllen do den Enseignanten nees méi Verantwortung ginn. Mir fuerderen donieft d'Aféierung vun engem optionalen Opnamexamen fir Kanner, deenen hir Elteren net mat der Orientéierung averstane sinn. Hei ass et wichteg datt den Examen och an enger Form ofgehale gëtt, déi d'Kanner an der Schoulzäit begéint hunn. Villes gouf an de Lycéeën an de leschten Jore verbessert an d'Equipen um Terrain maachen hiert bescht-méiglechst. Ville Schüler an Elteren ass trotzdeem net ëmmer kloer wéi eng Orientéirungsméiglechkeete bestinn. Dat ass och doduerch bedéngt, dass de System relativ komplizéiert ass an net ëmmer einfach erkennbar ass wéi eng Formatiounsméiglechkeeten zu wéi enge Krittären no 5ème méiglech sinn.

**Wéi stitt Dir zur Iddi, d'Admissiounskrittären am ESG fir verschidde Sektiounen un d'Haaptfächer vun de Sektiounen unzepassen? Fir eng Commerce muss een z.B. héich Moyennen an de Sproochen hunn, obwuel et op dëser Sektioun vill em Zuele geet a Mathematik net onwichteg ass.**

Et mëscht duerchaus Sënn z'iwwerpréiwen, ob déi aktuell Admissiounskrittären den Ufuerderungen vun deene jeeweilege Sektiounen effektiv entspriechen.

# VOLT

**Sinn d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG an Ären Aen transparent a schülergerecht? Wann net, wéi kéint een d'Situatioun verbesseren?**

**Wéi soll an Ären Aen Differenzéierung organiséiert ginn fir dem Schüler déi bescht méiglech Konditiounen ze ginn?**

Transparent: Jo. Schülergerecht: Hängt vu der Definitioun vum Begrëff of. Mä de Cycle inférieur am ESG ass doduerch eng Katastrof, datt Schüler*inne bal net méi duerchfale kënnen a Lacunnen matschleefen, jo – Volt gëtt dem SEW a senger Analys do recht. Fir dëst ze remediéieren, proposéiere mir, wéi scho gesot, eng weider gemeinsam Ausbildung vun alle Schüler*innen am Secondaire vu zwee bis dräi Joer.

Mir weisen hei nach eng eier op eis Propose hin, den europäesche Schoulmodell fir de gesamte Secondaire z'iwwerhuelen.

**Wat ass fir Iech eng effikass Orientatiounsprozedur?**

Eng effikass Orientatiounsprozedur zeechent sech duerch dräi Saachen aus:

- Den/D'Schüler*in weess, wat fir eng Optiounen et fir seng schoulesch Carrière alles gëtt.
- Den/D'Schüler*in weess, wat wéi eng vun deenen Optiounen hien*hatt am meeschten interesséiert an hien*hatt ustrieft.
- Den/D'Schüler*in huet déi néideg Kompetenzen fir dës Optioun.





**Wéi stitt Dir zur Iddi, d'Admissiounskrittären am ESG fir verschidde Sektiounen un d'Haaptfächer vun de Sektiounen unzepassen? Fir eng Commerce muss een z.B. héich Moyennen an de Sproochen hunn, obwuel et op dëser Sektioun vill em Zuele geet a Mathematik net onwichteg ass?**

Mir halen et hei am Moment net onbedéngt fir absolut noutwenneg, dëst unzepassen. Bei der Commerce ass et allerdéngs esou, datt déi fir éischter sproochlech begaabte Schüler am ESG aktuell di eenzeg sënnvoll Sektioun ass, och wann et vum Prinzip hier kee Sënn mécht. Falls een dorunner eppes ännere sollt, misst een de Schüler am ESG och eng méi geeschteswëssenschaftlech, literaresch Sektioun als Alternativ kënnen ubidden.

## KPL

**Sinn d'Promotiounskrittären am Cycle inférieur vum ESG an Ären Aen transparent a schülergerecht? Wann net, wéi kéint een d'Situatioun verbesseren?**

**Wéi soll an Ären Aen Differenzéierung organiséiert ginn fir dem Schüler déi bescht méiglech Konditiounen ze ginn?**

**Wat ass fir Iech eng effikass Orientatiounsprozedur?**

**Wéi stitt Dir zur Iddi, d'Admissiounskrittären am ESG fir verschidde Sektiounen un d'Haaptfächer vun de Sektiounen unzepassen? Fir eng Commerce muss een z.B. héich Moyennen an de Sproochen hunn, obwuel et op dëser Sektioun vill em Zuele geet a Mathematik net onwichteg ass.**

Die Klassen des „cycle inférieur" in „cours avancé"- und „cours de base"-Gruppen aufzuteilen, ist ein Lösungsansatz – dies ist allerdings nur möglich, wenn die jeweiligen Klassen – wie von der KPL gefordert – höchstens (!) 20 Schüler umfassen.

Der Forderung des SEW schließt sich die KPL sich an: Die fast schon automatische Versetzung im nur drei Jahre andauernden »cycle inférieur« der Sekundarschule mündet in puncto Berufsausbildung in eine Sackgasse. Aufgrund einer Anhäufung von Wissens- und Fähigkeitslücken bleiben vielen Jugendlichen angestrebte Ausbildungswege versperrt. Mit geringer Motivation beginnen diese jungen Menschen dann eine gesellschaftlich noch immer stigmatisierte Handwerkslehre, die nicht selten wegen fehlender Lehrplätze, beruflicher Perspektivlosigkeit oder des Wissens um miserable Entlohnung wieder abgebrochen wird.

Wie vom SEW moniert, werden die Schüler im Vorfeld nur unzureichend über Arbeitsbedingungen und Karrieremöglichkeiten aufgeklärt. Die schulische bzw. berufliche Orientierung im ESG sollte also erst nach vier Jahren stattfinden. Diese Reform würde nicht nur eine adäquatere Orientierung der Jugendlichen garantieren, sondern zugleich für mehr Bildungsgerechtigkeit sorgen.

Das nur partielle Beherrschen der Trilingualität (Dt., Frz., Engl.) darf indes nicht als Ausschlusskriterium fungieren, vor allem nicht bei Jugendlichen, die aus politischen oder wirtschaftlichen Gründen mit ihren Eltern nach Luxemburg zogen / ziehen mussten. Diese werden auf schulischer Ebene oft falsch orientiert. Außerdem darf die Sprachbeherrschung nicht ausschlaggebend sein bei der Promotion von naturwissenschaftlich, technisch oder handwerklich orientierten / begabten Schülern. In der Praxis ist dies indes nicht selten schon der Fall.

Im „cycle inférieur" wäre es vernünftig, wenn die franko- und lusophonen Schüler – sollten besondere (!) Verständnis- und Handhabungs-Schwierigkeiten vorliegen – ihre Arbeiten in den Fächern Biologie, Naturwissenschaften, Geschichte und Geographie in französischer Sprache schreiben könnten. Fachbegriffe müssen in jenem Falle freilich in zwei Sprachen angegeben werden.

Das Aufsplitten des Schulsystems in rein romanophone und rein germanophone Klassen ist in den Augen der KPL nicht sinnvoll. Greifen die empfohlenen Betreuungs- und Nachhilfemaßnahmen von Anfang an, d.h. bei Eintritt des Kindes in die Grundschule, lassen sich auch die Sprachbarrieren größtenteils überwinden.

# 12. Iwwerstonnen

**Iwwerstonne stelle souwuel am Enseignement Fondamental wéi Secondaire ee grousse Problem duer. Den akute Personalmangel a béiden Ordres d'enseignement huet d'läscht Schouljoer dozou gefouert, datt am Enseignement Fondamental duerchschnëttlech 2.200 Iwwerstonne pro Woch geleescht hu misse ginn an am Secondaire 10.218 Iwwerstonne pro Woch. Déi héich Unzuel un Iwwerstonnen huet een Afloss op d'Qualitéit vum Unterrecht an op d'Gesondheet vun de betraffenen Enseignanten. Den SEW/OGBL fuerdert, datt de Ministère endlech Mesuren ergräift, fir datt den Enseignantsberuff nees méi attraktiv gëtt a sou de Personalmangel erofgeet. Ausserdeem fuerdere mir, dat Iwwerstonnen am Enseignement Fondamental a Secondaire genau sou bezuelt gi wéi normal Stonnen an dat de Korrekturkoeffizient vun 36/52 op den Iwwerstonnen ofgeschaaft gëtt. Iwwerstonnen an Deelzäit mussen eng absolut Ausnam sinn a sollen och pensiounsberechtegt sinn, wa se reegelméisseg iwwert d'Schouljoer geleescht ginn.**

## LSAP

**Wat hutt Dir wëlles ze ënnerhuelen, fir den Enseignantsberuff erëm méi attraktiv ze gestalten?**

Duerch zousätzlecht edukatiivt an administratiivt Personal um Terrain, eng gutt initial Ausbildung, eng cibléiert Weiderbildung an eng individualiséiert Begleedung am Berufssalldag soll d'Attraktivitéit vum Enseignantsberuff verbessert ginn.

## DÉI GRÉNG

**Wat hutt Dir wëlles ze ënnerhuelen, fir den Enseignantsberuff erëm méi attraktiv ze gestalten?**

D'Wäertschätzung vun den Enseignanten fänkt fir eis um Terrain un, d.h. an de Schoulen, an den Direktiounen, awer natierlech doriwwer eraus och an de Gemengen an de staatlechen Instanzen. Dofir wëlle mir eis dofir asetzen, dass d'Enseignanten op all dëse Plazen déi néideg Ënnerstëtzung kréien, fir hir wichteg Missioun beschtméiglech kënnen ze erfëllen. Wéi Dir et richteg sot, sinn den Ofbau vum Personalmangel an d'Verbesserung vun der Attraktivitéit vum Enseignantsberuff zwou ganz wichteg Piste fir d'Reduzéierung vun den Iwwerstonnen, déi mir dofir och konsequent wëllen ugoen op Basis vun deene Pisten, déi mir bei ärer 6. Fro opgezeechent hunn. Den Aspekt vun den Iwwerstonnen ass ee vun den Themen, déi mir am Kontext vun den Aarbechtskonditioune mat allen Acteure vun der Bildungslandschaft wëllen diskutéieren.

## CSV

**Wat hutt Dir wëlles ze ënnerhuelen, fir den Enseignantsberuff erëm méi attraktiv ze gestalten?**

D'CSV wäert eng Diskussioun iwwer d'Remuneratioun vun de geleeschten Iwwerstonne féieren.

Wat d'Attraktivitéit vum Enseignantsberuff ugeet:
D'Qualitéit vum Enseignement steet a fält mam Enseignant. Lëtzebuerg brauch fachlech a pedagogesch excellent Enseignanten. A virun allem genuch excellent Enseignanten.

Dofir wëll d'CSV sech asetzen. Dofir muss de Beruff vum Schoulmeeschter a vun der Léierin nees méi attraktiv gemaach ginn.

An den Enseignant muss sech kënnen op säi „Kärgeschäft" – d'Schoulhalen – konzentréieren.

Dofir wëll d'CSV:
- manner bürokrateschen Opwand;
- méi Hëllef direkt an der Schoul duerch Direktiounen, déi den Enseignanten am Bedarfsfall zur Säit stinn;
- eng pluridisziplinär Equipe aféieren;
- méi Plaz fir Wëssensvermëttlung schafen, andeem déi administrativ Aarbechte fir Enseignante reduzéiert an/oder un administratiivt Personal an der Grondschoul ausgelagert ginn;
- geziilt Sensibiliséierungscampagnen an de Lycéeë fir de Beruff vum Grondschoul-Enseignant maachen;
- e virbereedende Cours a Richtung vun de Bildungsberuffer am Uewergrad vum Lycée ubidden;
- méi Ausbildungsplazen op der Uni Lëtzebuerg ubidden an der Uni déi néideg Moyenen zur Verfügung stellen, amplaz just den Quereinsteiger-Modell ze verallgemengeren;
- eng Diskussioun féieren iwwer de Profil an d'Ausbildung vum Enseignant an der Grondschoul: o mat der Fro, ob de Status vum Léierpersonal, wat vun der Alphabetiséierung a Sproochen iwwer Mathe a Coding bis hin zu Sciences a Sport alles muss kënnen, iwwerhaapt nach oprecht z'erhalen ass, ouni awer wëllen op de „Fachlehrer" nom Modell vum Lycée iwwerzegoen;
- mat enger entspriechender Upassung vun der Ausbildung: den Enseignant muss esouwuel d'Pedagogik wéi och seng Fächer beherrschen;
- d'Basis-Formatioun vum Ersatzpersonal (Chargéen) verbesseren.

Als CSV wäerte mir eis der Diskussioun iwwer eng Ausbildung fir d'Grondschoul-Enseignanten op Master-Niveau net verschléissen.

## DÉI LÉNK

**Wat hutt Dir wëlles ze ënnerhuelen, fir den Enseignantsberuff erëm méi attraktiv ze gestalten?**

Dës Fro hu mer schonn deelweis beäntwert an eisen Äntwerten op viregt Froen. Mir ënnerstëtzen ausserdeem dem SEW seng Fuerderunge wat Tâchen, Statuttenopwäertungen an allgemeng Aarbechtskonditioune vun den Enseignanten ugeet. Mir fuerderen och dass keng weider Quereinsteigermesurë méi geholl ginn,



déi de Beruff vum Enseignant entwäerten a de Problem vun der Penurie just nach verschäerfen.

## ADR

**Wat hutt Dir wëlles ze ënnerhuelen, fir den Enseignantsberuff erëm méi attraktiv ze gestalten?**

Déi Fro bezitt sech wahrscheinlech op d'Iwwerstonnen? Iwwerstonnen am Enseignement Fondamental a Secondaire solle genau esou bezuelt gi wéi normal Stonnen.

## PIRATEN

**Wat hutt Dir wëlles ze ënnerhuelen, fir den Enseignantsberuff erëm méi attraktiv ze gestalten?**

Wien Aarbecht leescht, muss och deementspriechend bezuelt ginn. D'Piraten deelen d'Aschätzung, dass Iwwerstonnen eng Ausnam a keng Reegel dierfen duerstellen an dass se – wann se awer mol virkomme sollten – och mat engem erhéichte Korrekturkoeffizient sollte bezuelt ginn.

## FOKUS

**Wat hutt Dir wëlles ze ënnerhuelen, fir den Enseignantsberuff erëm méi attraktiv ze gestalten?**

Dat sinn déi selwecht Iddien, wéi déi déi am Abschnitt 6 proposéiert goufen. Zousätzlech kéint d'Ofschafen vum Korrekturkoeffizient an d'Bezuele vun den Iwwerstonnen zum selwechten Tarif wéi déi normal Schoulstonnen eng Rei Enseignantë motivéieren fir méi Iwwerstonnen ze maachen. Mir sinn iwwerzeegt, dass um Terrain a mam Terrain zesumme Léisunge kënne fonnt gi, fir der Penurie entgéint ze wierken.

## VOLT

**Wat hutt Dir wëlles ze ënnerhuelen, fir den Enseignantsberuff erëm méi attraktiv ze gestalten?**

Bzgl. den Iwwerstonnen gëtt Volt dem SEW a senge Fuerderunge recht.

Bzgl. zur Attraktivitéit vum Beruff hu mer eis Vue schonns am Punkt 6 duergeluecht.

## KPL

**Wat hutt Dir wëlles ze ënnerhuelen, fir den Enseignantsberuff erëm méi attraktiv ze gestalten?**

Die KPL vertritt diesbezüglich eine sehr klare Position: Der Rückgriff auf Lehrbeauftragte soll durch die Bereitstellung einer größeren Anzahl an Referendarplätzen (»Stagiaire«-Stellen) in Zukunft langsam abgebaut werden, um auf diesem Wege auch die Zweiklassengesellschaft im Lehrerberuf abzuschaffen. Hierzu gehören natürlich auch Weiterbildungsmöglichkeiten für Lehrbeauftragte, welche noch nicht über die notwendigen Qualifikationen verfügen, um späterhin ebenfalls das Referendariat absolvieren zu können. Ellenbogenmentalität und Hörigkeit haben an den öffentlichen Schulen keinen Platz. Schüler brauchen solidarisches und sozial denkendes Lehrpersonal. Durch die Privatisierung und Zersplitterung, die vom liberalen Minister aus Kostengründen forciert worden ist, verliert der Beruf an Attraktivität und Qualität. An luxemburgischen Schulen sollen im Rahmen eines „Stage" pädagogisch ausgebildete und verbeamtete Lehrer unterrichten. Was die Laufbahn des „professeur(e)" angeht, sollte es wie bisher bei der « carrière plane » bleiben, trägt dieser Modus doch im Wesentlichen zur Solidarität und kollegialen Atmosphäre bei.

# 13. Gläichstellung am Fall vun Deelzäit

**Am Enseignement Secondaire ginn Enseignanten, di Deelzäit schaffen, fir sech ëm hir Kanner ze këmmeren, strukturell par rapport zu hire Kolleegen a Vollzäit benodeelegt, wa si de Lycée wiessele wëllen. Bei Enseignanten a Vollzäit entscheet den Déngschtalter an duerno d'Examensnott doriwwer, op si de Posten am gewënschte Lycée erhalen oder eben net. Bei Enseignanten an Deelzäit ginn dës objektiv Krittären ausser Kraaft gesat a si kënne just de Lycée wiesselen, wa béid Direktiounen domadder averstane sinn. Virun allem weiblech Enseignanten si vun dëser Benodeelegung betraff, well virun allem si schaffen Deelzäit, wa si Kanner kréien. An enger moderner a gläichberechtegter Aarbechtswelt musse mir dofir suergen, datt Kannerkréie kee Karriärsnodeel mat sech bréngt an d'Bedéngunge schafe fir datt déi zwee Elterendeeler sech d'Kannererzéiung ënnerteneen opdeele kennen, ouni Karriärsnodeeler doduerch ze kréien. Mir brauchen een Ëmdenken.**

## LSAP

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt Enseignanten an Deelzäit net méi beim Wiessel an een anere Lycée benodeelegt ginn?**

Aktuell kann eng Lycéesdirektioun sou ee Wiessel refuséieren, well déi Schoulstonnen, déi duerch d'Deelzäit ewegfalen, fir déi aner Enseignante·ë·n zu nach méi Iwwerstonnen féieren.

D'LSAP well am Dialog mat den Enseignantsgewerkschaften an den Lycéesdirektiounen d'Situatioun am Kader vun de Mutatiounen op de Leescht ze huelen.

## DÉI GRÉNG

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt Enseignanten an Deelzäit net méi beim Wiessel an een anere Lycée benodeelegt ginn?**

Mir erkennen de beschriwwene Problem un a si bereet, fir zesumme mat den Direktiounen an de Gewerkschaften iwwer méiglech Verbesserungen ze schwätzen. Donieft verweise mir op eise laangjäregen Engagement am Beräich vun der Geschlechtergerechtegkeet an eis uewen ernimmte Proposen fir en Ausbau vum Congé parental. Gläichzäiteg ass et fir eis kloer, dass d'Schoulorganisatioun zu all Ament muss opgoen an all d'Schoulstonne mussen ofgedeckt sinn.

## CSV

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt Enseignanten an Deelzäit net méi beim Wiessel an een anere Lycée benodeelegt ginn?**

All Enseignant soll prinzipiell d'selwecht behandelt ginn. D'Schoule mussen op der aner Säit garantéiert kréien, dass se déi noutwendeg Enseignantsstonne kréien – am Sënn vun enger gemeinsamer Léisung.



# DÉI LÉNK

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt Enseignanten an Deelzäit net méi beim Wiessel an een anere Lycée benodeelegt ginn?**

Andeems hei net den Déngschtalter als Krittär gekuckt gëtt, mee effektiv d'Examensnott an och d'Motivatioun vun der Demande. An dem Fall hätt dann eng Demande op ee Wiessel aus familiäre Grënn Virrang.

# ADR

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt Enseignanten an Deelzäit net méi beim Wiessel an een anere Lycée benodeelegt ginn?**

Mir wëllen déi Benodeelegung ofschafen an dem Léierpersonal, dat an Deelzäit schafft, déi selwecht Rechter gi wéi deenen aneren.

# PIRATEN

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt Enseignanten an Deelzäit net méi beim Wiessel an een anere Lycée benodeelegt ginn?**

D'Krittäre sollen déi selwecht sinn, egal ob eng Persoun Hallef- oder Vollzäit schafft.

# FOKUS

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt Enseignanten an Deelzäit net méi beim Wiessel an een anere Lycée benodeelegt ginn?**

Et muss derfir gesuergt ginn, datt d'Deelzäitaarbecht fir sech em seng Kanner ze këmmere, keen Nodeel ass, wann den Enseignant well de Lycée wiesselen, egal op Mann oder Fra. Déi aktuell Reegele missten also esou ugepasst ginn, datt den Nodeel net méi entsteet.

# VOLT

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt Enseignanten an Deelzäit net méi beim Wiessel an een anere Lycée benodeelegt ginn?**

Déi einfachst Method ass hei einfach den Aspekt vun der Deelzäit net mat ze consideréieren an en den Direktiounen och eréischt matzedeelen, wann d'Tâchë verdeelt goufen. Da muss en zweete Recrutement gemaach ginn, bei deem dann alles kloer ass an d'Direktiounen kënnen en eventuellen Manktem u Personal rëm ausgläichen. (Mir wëllen dorops hiweisen, datt et am Fondamental änlech ass)

# KPL

**Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt Enseignanten an Deelzäit net méi beim Wiessel an een anere Lycée benodeelegt ginn?**

D'KPL fuerdert, datt de Staat a puncto Aarbechtsrecht a Gläichberechtegung ëmmer mam gudde Beispill virgoe muss a weise soll, wéi een et besser mécht. Dat ass hei leider net de Fall. D'KPL setzt sech duerfir an, datt dëst anachronistescht Reglement ofgeschaf gëtt an datt déi objektiv Krittären (Déngschtalter an Examensnott) och an deem Fall gëlle sollen.

# 14.

# Gratis Kopien
## fir d'Schüler am Secondaire

**Den SEW/OGBL setzt sech dofir an, datt d'Kopien am Secondaire fir d'Schüler gratis solle ginn, genausou wéi et am Enseignement Fondamental ass.**

## LSAP

**Wéi stitt Dir zu dëser Fuerderung?**

D'LSAP wëll sech dofir asetzen, d'Kopie fir d'Schüler·innen am Secondaire gratis ze maachen.

## DÉI GRÉNG

**Wéi stitt Dir zu dëser Fuerderung?**

Am Sënn vun der Gläichbehandlung tëscht den zwou Schoulforme an dem Aspekt vun der Chancëgerechtegkeet tëscht de Kanner aus verschiddenen Hannergrënn gesi mir déi Moossnam prinzipiell positiv. Gläichzäiteg wéilte mir op béide Plazen awer och eng sënnvoll Maximalgrenz virgesinn, fir Pabeierverbëtzung ze vermeiden. Doriwwer raus wëlle mir eis méi generell dofir asetzen, dass den Aspekt vun der Nohaltegkeet an de Schoule méi global vermëttelt gëtt. Dozou gehéiert fir eis an Zäite vun der Digitaliséierung och eng Reflexioun iwwert d'Reduktioun vum Pabeierverbrauch an de Schoulen, déi am Schoulkontext awer pedagogesch soll gefouert ginn an net iwwert de Präis vun de Kopien.

## CSV

**Wéi stitt Dir zu dëser Fuerderung?**

Positiv.

## DÉI LÉNK

**Wéi stitt Dir zu dëser Fuerderung?**

Mir sinn d'accord.

## ADR

**Wéi stitt Dir zu dëser Fuerderung?**

Den ADR setzt sech och dofir an a wäert d'Kopien am Secondaire gratis ubidden.

## PIRATEN

**Wéi stitt Dir zu dëser Fuerderung?**

D'Pirate favoriséiere bei staatlechen Ënnerstëtzungsmoossname Staffelungen no soziale Krittäre par rapport zu enger genereller Gratuitéit. Kanner aus Famille mat geréngе bis mëttleren Akommes sollte vun der Gratuitéit profitéiere kënnen. Famille mat héijem Akommes, déi net op dës Leeschtung ugewise sinn, awer net. Déi finanziell Mëttelen, déi esou agespuert ginn, kënnen dann op anere Plaze genotzt ginn, fir déi, déi se wierklech brauchen.

## FOKUS

**Wéi stitt Dir zu dëser Fuerderung?**

Jo, respektiv wéinstens zum Deel. Et sollt een d'Nohaltegkeet trotzdeem am A behalen, an sech och bewosst sinn, datt vill Schüler en iPad hunn, an also net onbedéngt alles op Pabeier mussen hunn, esou wéi et fréier den Fall war.

## VOLT

**Wéi stitt Dir zu dëser Fuerderung?**

Vu datt Schoulbicher scho gratis sinn, ass dëst och eng sënnvoll Fuerderung, woubäi een awer opgrond vun der Ëmweltbelaaschtung misst sécherstellen, datt keen Abus bedriwwe gëtt.

## KPL

**Wéi stitt Dir zu dëser Fuerderung?**

Domatter ass d'KPL absolut d'accord. Kuckt heizou w.e.g. eis Äntwert zu der nächster Fro.



# 15.

# Gratis Aarbechtsmaterial

## fir d'Schüler.innen an der Beruffausbildung

**Vu que datt d'Schüler am ESG an ESC hier Schoulbicher bezuelt kréien, fuerdere mir, datt d'Schüler an der Beruffsausbildung hiert Aarbechtsmaterial (wi z.B. Coiffeursschéieren, Kachmesser, Schëppen etc.) och bezuelt kréien.**

### LSAP

**Wéi stitt Dir dozou?**

D'LSAP engagéiert sech derfir, datt d Schüler·innen an der Beruffsausbildung kee finanziellen Nodeel hun par rapport zu deenen aanere Schüler·innen. Hei muss am Detail gekuckt ginn, ëm wéi e Material et sech handelt an a wéi wäit d'Situatioun vergläichbar ass mat Sektiounen ausserhalb vun der Beruffsausbildung ( z.B. E-Sektioun oder F-Sektioun am ESC). D'LSAP kéint sech Férderméiglechkeete fir d'Aarbechtmaterial an der Beruffsausbildung, jee no der Situatioun vu Schüler·in virstellen.

### DÉI GRÉNG

**Wéi stitt Dir dozou?**

Mir stinn dëser Fuerderung positiv géintiwwer a wëllen eis dofir asetzen.

### CSV

**Wéi stitt Dir dozou?**

Mir proposéieren, de Schüler aus der Beruffsausbildung all dat Material zur Verfügung ze stellen, dat si brauchen, fir déi praktesch Moduler vun hirer Ausbildung z'absolvéieren, nom Modell vun de gratis Schoulbicher.

### DÉI LÉNK

**Wéi stitt Dir dozou?**

Mir fuerderen dat och.

### ADR

**Wéi stitt Dir dozou?**

D'ADR setzt sech och dofir an a wäert d'Aarbechtsmaterial an der Beruffsausbildung de Schüler bezuele, respektiv subventionéieren.

### PIRATEN

**Wéi stitt Dir dozou?**

Och hei favoriséieren d'Piraten e sozial gestaffelte System.

### FOKUS

**Wéi stitt Dir dozou?**

Mir ënnerstetzen déi Fuederung.

### VOLT

**Wéi stitt Dir dozou?**

Och dëst ass eng sënnvoll Fuerderung. Allerdéngs misst een de Lycéeën e Ureiz ginn, fir datt si z.B. e groussen Deel gratis fir ze verléinen ubidden.

### KPL

**Wéi stitt Dir dozou?**

Dat ass eng ganz Fuerderung vun der KPL, déi schon 2009 an hirem Programm stoung. Am aktuelle Programm vun der KPL ass Folgendes ze liesen:

- La réintroduction du petit déjeuner scolaire gratuit dans toutes les écoles fondamentales.
- La mise à disposition gratuite du matériel scolaire (non seulement les livres scolaires mais également les outils de travail pour le DAP et le DT, les copies, les cahiers, les classeurs, le matériel d'écriture, etc.) par le ministère ou par les communes.
- La participation gratuite à toutes les activités scolaires comme p. ex. des voyages scolaires (classe de neige, visite d'une métropole, etc.). Les enfants issus de familles ouvrières ou bien pauvres ne doivent pas être désavantagés.
- L'élargissement des activités scolaires comme les lectures pour enfants, les représentations théâtrales, les visites de musées, les manifestations culturelles et sportives.

# 16.

# D'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher am Héichschoul- a Fuerschungssecteur

**Eng Besonneschkeet vum Héichschoul- a Fuerschungssecteur zu Lëtzebuerg ass dee ganz héijen Undeel vu befristete Kontrakter, op Gronn vun der Méiglechkeet, déi am Code du travail opgemaach ass, fir Fuerscher an Enseignant-Fuerscher ee CDD vu fënnef Joer ze hunn. D'berufflech Situatioun vun de jonke Fuerscher an hir Carrière-Perspektiven sinn dofir dacks ganz prekär. De Koalitiounsaccord 2018 huet Moossname géint dës Prekaritéit ugekënnegt, awer net nëmme gouf näischt gemaach, mee déi véier Joer Accorden tëscht dem Staat an der Uni/den ëffentleche Fuerschungszentre gesi souguer eng Erhéijung vum Undeel vun CDDen par rapport vun CDIen fir.**

## LSAP

**Wéi eng Moossname plangt Är Partei fir géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher ze handelen?**

D'LSAP wëll géint d'Prekaritéit an der Fuerschung virgoen. Ënner anerem méi CDIen a manner CDDen solle laangfristeg Beruffsperspektiven erméiglechen.

## DÉI GRÉNG

**Wéi eng Moossname plangt Är Partei fir géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher ze handelen?**

Effektiv gëtt et am Fuerschungsberäich eng grouss Zuel u CDDen. Dëst ass verständlech bei Doktorater oder Postdocs, déi per Definitioun eng begrenzt Zäit daueren a wou och am internationale Vergläich befristet Verträg d'Norm sinn. An dem Sënn ass d'Hausse vun de CDDen an de Previsiounen och eng Konsequenz vun enger méi grousser Zuel vu Fuerschungsopportunitéiten an engem Investissement an d'Recherche zu Lëtzebuerg, wat mir begréissen. déi gréng sti vun Ufank un, an och bei der leschter grousser Reform 2018, fir eng onofhängeg Uni Lëtzebuerg, woubäi mir natierlech d'Aufgab vun der Politik doranner gesinn, fir e laangfristege Kader virzeginn. An dem Sënn wëlle mir eis dofir asetzen, dass bei de Verhandlunge fir den nächste 4-Jores-Plang effektiv d'Entwécklung vun de CDDe par rapport zu der vun de CDIe begrënnt an evaluéiert gëtt. An dësem Kontext wëlle mir och evaluéiere loossen, wéi vill CDDen et op der Uni gëtt, déi net op de Fuerschungsberäich erfalen, an op dës net kënnen duerch CDIen ersat ginn.

D'Piste fir iwwert den Ufank vun der Karriär eraus gutt Beruffsperspektiven an der Fuerschung zu Lëtzebuerg ze schafe leie virun allem an enger konsequenter Weiderentwécklung vun der Universitéit an der Fuerschungslandschaft zu Lëtzebuerg. Wat d'Bezuelung vun de jonke Fuerscher*innen ugeet gesi mir Lëtzebuerg am internationale Vergläich an enger gudder Situatioun.

Wat awer natierlech eng Erausfuerderung ass, dat sinn déi héich Liewens- a Logementskäschten zu Lëtzebuerg. Fir dëser Realitéit entgéint ze trieden, setze mir eis beim neie Gesetz fir abordabele Wunnraum fir d'Schafung vun ëffentlechem bezuelbare Wunnraum fir Jonker an, a wëllen och iwwert dës Legislaturperiod eraus hei weider Efforte maachen.

## CSV

**Wéi eng Moossname plangt Är Partei fir géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher ze handelen?**

D'Attraktivitéit vun der Uni Lëtzebuerg an eise Fuerschungszentren ass extreem wichteg. An deem Sënn wäerte mir d'Problematik konkret analyséieren a gemeinsam no Léisunge géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher sichen.

## DÉI LÉNK

**Wéi eng Moossname plangt Är Partei fir géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher ze handelen?**

Mir wëllen een « career track » fir d'Chercheuren aféieren deen iwwer festgesaten Etappe prinzipiell zu engem feste Poste féiert oder engem CDI. Déi Lénk maachen sech och fir méi Studentewunnenge staark.

## ADR

**Wéi eng Moossname plangt Är Partei fir géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher ze handelen?**

Engersäits si vill Projeten eng jorelaang Aarbecht, anerersäits kënnen och net all Assistenten onbefrist agestallt ginn. Hei gëllt et, ee verstännege Mëttelwee ze fannen.

## PIRATEN

**Wéi eng Moossname plangt Är Partei fir géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher ze handelen?**

Grad wann et ëm Beruffsgruppe geet, déi Kultur an/oder Wësse schafen, widderhuelen d'Piraten ëmmer nees, wéi wichteg et ass, dës Persoune gutt ofzesécheren.

Wien wärend senger Fuerschung permanent muss ëm seng Existenz fäerten, ass net fräi, wichtege Froen nozegoen, mee ass gezwongen, dat ze maachen, wat déi meeschte Suen abréngt, bzw. déi meeschte Securitéit mat sech bréngt. Esou e System

ersteckt d'Kreativitéit an de wëssenschaftleche Virwëtz. D'Pirate wëllen dofir laangfristeg e Grondakommes a Form vun enger negativer Akommessteier aféieren a setzen sech insgesamt secteuriwwergräifend dofir an, dass CDIen sollen d'Reegel a CDDe just d'Ausnam sinn.

## FOKUS

**Wéi eng Moossname plangt Är Partei fir géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher ze handelen?**

Fir Fokus muss dëser Entwécklung entgéint gewierkt ginn, andeems d'Verhältnis vu CDDë par Rapport zu CDIen engem gewësse Prozentsaz entsprécht, deen et gëllt zesumme mat den Acteure festzeleeën.

## VOLT

**Wéi eng Moossname plangt Är Partei fir géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher ze handelen?**

Eis Propose: En CDD duerf maximal fir 2 Joer ausgeschriwwe ginn a een CDD, deen mécht, datt eng Persoun domat 4 Joer insgesamt ugestallt ass, gëtt automatesch zu engem CDI.

## KPL

**Wéi eng Moossname plangt Är Partei fir géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher ze handelen?**

All Salarié(e)n am Héichschoulberäich mussen een Deel vun der Fonction publique ginn an och deementspriechend kategoriséiert ginn. Hei besteet d'Méiglechkeet, eng nei Kategorie / Karriär anzeféieren.



# 17. D'Gehälter am Héichschoul- a Fuerschungs-secteur

**Et ass ganz aussergewéinlech, datt et zu Lëtzebuerg finanziell méi attraktiv ass, am Secondaire ze schaffen, wéi am Héichschoul- a Fuerschungssecteur. Dat ass den Effekt vun der Tatsaach, datt bei der Grënnung vun der Uni Lëtzebuerg 2003, de Gesetzgeber gewielt huet privatrechtlech Aarbechtskontrakter ze notzen an déi net méi mat der Gehälterentwécklung an der Fonction publique ze verbannen. Wärend déi Kollektiv-verträg, déi zënter 2016 am Secteur no der Aktioun vum OGBL agefouert goufen, d'Erweiderung vun däser Lück begrenzt hunn, et net méiglech maachen, déi enorm Lück, déi zanter 2003 géigeniwwer der Fonction publique besteet, ze kompenséieren. Donieft hunn déi successiv Regierungen ëmmer refuséiert, esou e Lien erëm opzebauen an d'Gehälterentwécklungen an der budgetärer Allocatioun vun der Uni an den ëffentleche Fuerschungszenteren ze berécksiichtegen.**

## LSAP

**Wéi positionéiert sech Är Partei zu dësem Thema? Géif si zoustëmmen, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat de Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Inclusioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur virzegesinn, wéi den OGBL se fuerdert?**

D'LSAP setzt sech fir fair a kompetitiv Salairen am Héichschoul- a Fuerschungssecteur an. An deem Sënn ass d'LSAP dofir, déi finanziell Participatioun vum Staat un der Fuerschung weider z'erhéijen.

## DÉI GRÉNG

**Wéi positionéiert sech Är Partei zu dësem Thema? Géif si zoustëmmen, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat de Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Inclusioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur virzegesinn, wéi den OGBL se fuerdert?**

Mir si frou iwwert d'Aféierung vun de Kollektivverträg an iwwert déi Rëtsch vu Verbesserungen, déi 2022 bei hirer leschter Revisioun agefouert goufen.

Mir wëllen eis och an Zukunft fir gutt Aarbechtskonditiounen an eng kompetitiv Remuneratioun am Héichschoulsecteur zu Lëtzebuerg asetzen a sinn der Meenung, dass déi néideg Moyene laangfristeg mussen en Deel vun der staatlecher Dotatioun fir d'Fuerschungsariichtunge sinn. D'Fro vun der Inclusioun an déi global Gehälterverhandlunge vun der Fonction publique kann een awer net lassgeléist kucke vun dem gesamte Statut vun der Fonction publique respektiv der besonnescher Situatioun vum Héichschoulsecteur an der Universitéit Lëtzebuerg, déi sech an engem internationale Konkurrenzëmfeld muss beweegen.

An dem Sënn, an am Respekt vun der Autonomie vun der Universitéit Lëtzebuerg ass dat eng Diskussioun, wou déi gréng Récksprooch mat den Entscheedungsgremien an de Sozialpartner wéilten trieden, ier mir eng definitiv Positioun anhuelen.

## CSV

**Wéi positionéiert sech Är Partei zu dësem Thema? Géif si zoustëmmen, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat de Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Inclusioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur virzegesinn, wéi den OGBL se fuerdert?**

Mir sinn der Meenung, dass d'Fräiheet an d'Onofhängegkeet vun der Uni Lëtzebuerg mussen erhale bleiwen. Gläichzäiteg si mer awer och der Meenung, dass d'Dotatioun fir d'Uni héich genuch muss sinn, fir adequat Gehälter, déi an de jeeweilege Kollektivertragsverhandlunge festgehale ginn, kënnen ze bezuelen. Et muss fir Wëssenschaftler attraktiv bleiwen, fir op d'Uni Lëtzebuerg respektiv an d'Fuerschungszentren ze kommen.

## DÉI LÉNK

**Wéi positionéiert sech Är Partei zu dësem Thema? Géif si zoustëmmen, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat de Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Inclusioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur virzegesinn, wéi den OGBL se fuerdert?**

Jo dat géinge mir ënnerstëtzen. Déi Lénk gesi fir de Budget fir d'Recherche an d'Formatioun ze erhéijen a fuerdere gläichzäiteg een demokratesche Gouvernance Modell fir d'Uni, bei dem och d'Ausriichtung vun der Recherche an de Formatioune méi transparent ka bestëmmt ginn.

## ADR

**Wéi positionéiert sech Är Partei zu dësem Thema? Géif si zoustëmmen, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat de Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Inclusioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur virzegesinn, wéi den OGBL se fuerdert?**

Et ass wichteg ze beuechten, datt d'Léisung vun dësem Problem eng koordinéiert Ustrengung op politeschem, institutionellem a gesellschaftlechem Niveau erfuerdert. Duerch den Dialog an d'Zesummenaarbecht tëscht de relevanten Acteure kënne Schrëtt ënnerholl ginn, fir déi ugeschwate Gehaltsënnerscheeder ze verréngeren. Zur zweeter Fro kënne mir zu dësem Zaitpunkt keng Ausso maachen.

# PIRATEN

**Wéi positionéiert sech Är Partei zu dësem Thema? Géif si zoustëmmen, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat de Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Inclusioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur virzegesinn, wéi den OGBL se fuerdert?**

Wichteg Etüden an eng héichwäerteg Léier am Héichschoul- a Fuerschungssecteur hunn hire Präis. D'Pirate si sech dees bewosst a setzen sech dofir an, dass de Beruff vun der Fuerscherin an dem Fuerscher net nëmmen inhaltlech, mee och finanziell attraktiv bléift.

# FOKUS

**Wéi positionéiert sech Är Partei zu dësem Thema? Géif si zoustëmmen, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat de Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Inclusioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur virzegesinn, wéi den OGBL se fuerdert?**

Mir verschleissen eis där Diskussioun net.

# VOLT

**Wéi positionéiert sech Är Partei zu dësem Thema? Géif si zoustëmmen, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat de Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Inclusioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur virzegesinn, wéi den OGBL se fuerdert?**

Jo, Volt wier domat averstan an hält et fir wichteg, datt d'Héichschoulen och an der Fonction publique integréiert sinn.

# KPL

**Wéi positionéiert sech Är Partei zu dësem Thema? Géif si zoustëmmen, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat de Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Inclusioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur virzegesinn, wéi den OGBL se fuerdert?**

D'KPL ass duerfir, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat dem Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Integratioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur op d'Schinnen ze setzen, mam Zil, datt Héichschoulprofesseren, Fuerscher an och déi aner Intervenanten an deem Beräich een integrale Bestanddeel vun der Fonction Publique ginn.

# 18.

# D'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung

**Wärend d'Regierung ëmmer d'Entwécklung vun der Héichschoul an der Fuerschung betount huet, ass d'Evolutioun vun der budgetärer Allocatioun vun der Uni an ëffentleche Fuerschungszentren am Verglach zu de Jore virdru bedeitend méi lues ginn.**

## LSAP

**Wat wäert Är Parteipolitik sinn, wat d'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung ugeet?**

D'Sozialisten setze sech fir d'Erhéijung vum Finanzement vun den Héichschoulen an der Fuerschung asetzen. Mir fuerderen, datt Minimum 3,5% vum BIP soll an d'Fuerschung, d'Entwécklung an d'Innovatioun investéiert ginn.

## DÉI GRÉNG

**Wat wäert Är Parteipolitik sinn, wat d'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung ugeet?**

D'Uni Lëtzebuerg huet op hirem zwanzegste Gebuertsdag eng gewëss Maturitéit erreecht. An dem Sënn ass et normal, dass de Wuesstemstaux net dee selwechte ka bleiwe wéi an enger Pilotphas vun den éischte Joren. Déi gréng ënnerstëtze mëttel- a laangfristeg weider eng dynamesch Entwécklung vun der Uni, déi eng grouss Erfollegsgeschicht duerstellt an déi a ville Beräicher en entscheedende Bäitrag fir d'Weiderentwécklung vun eisem Land ka leeschten. Fir d'Prioritéiten an d'Vitesse vun der Entwécklung ze bestëmme wëlle mir nieft der budgetärer Situatioun vum Staat och d'Entscheedungsgremie vun der Uni a betruecht zéien, déi eng Strategie vum cibléierten a qualitative Wuesstem wëlle verfollegen. Bei dem Wuesstem ass et fir eis och besonnesch wichteg, fir en Accent op eng ganzheetlech Entwécklung ze leeën, an dat queesch duerch déi verschiddene Fakultéiten a Spezialiséierungen. Doriwwer eraus wëlle mir der Universitéit och déi néideg Moyene garantéieren, fir längerfristeg hirem duebelen Usproch gerecht ze ginn, fir engersäits international Spëtzefuerschung op bestëmmte Gebidder ze erméiglechen an anerersäits a Beräicher wéi der Educatioun oder Santé och en Accent op d'Léier ze leeën an eng grouss Zuel vu Spezialist*inne fir eist Land auszebilden.

## CSV

**Wat wäert Är Parteipolitik sinn, wat d'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung ugeet?**

Mir hu festgestallt, dass d'Entwécklung vun de Subventioune fir Enseignement supérieur a Recherche – proportionell gesinn – an de leschte Joren ofgebremst ginn ass. Well Héichschoul a Fuerschung fir de Standuert Lëtzebuerg awer vu signifikanter Wichtegkeet sinn, mussen d'Dépensë fir déi ëffentlech a fir déi privat Fuerschung awer héich gehalen an entspriechend an d'Luucht gesat ginn.

## DÉI LÉNK

**Wat wäert Är Parteipolitik sinn, wat d'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung ugeet?**

Mir fuerderen dass bei grousse staatlechen Investissementer vun enger Recherche därer hiren Output en direkte gesellschaftlechen Notzen huet, de Staat kann a sengem Numm ee Brevet deposéieren an d'Virrecht op d'Resultater vun dëser Recherche kritt.

Mir wëllen dass d'Chairen ëffentlech finanzéiert ginn an net vu Firmen déi domat steierlech Virdeeler kréien.

## ADR

**Wat wäert Är Parteipolitik sinn, wat d'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung ugeet?**

Mir si fir eng gerecht Remuneréierung vun der Héichschoul-Aarbecht, mee grad sou wichteg fir eis ass, datt d'Fuerschungsfräiheet assuréiert gëtt. Mir verfollegen an deem Kontext ganz genau d'Entwécklung vum Max-Planck-Institut Lëtzebuerg. Den Héichschoulministère hat den 20. September 2022 nämlech annoncéiert, datt déi lafend Verträg mam Max-Planck-Institut (MPI) fir Prozessrecht no 2026 nemméi verlängert solle ginn, an datt d'Institut als Deel vun der Universitéit Lëtzebuerg fortbestoe soll. An deem Kontext hu mir dem Minister follgend Froe gestallt:

- Wat geschitt no 2026 mam Joresbudget vum MPI (10 Mio. Euro) dee bis elo integral vum Lëtzebuerger Staat finanzéiert gouf?
- Ass mat der Münchner MPI-Zentral ofgeschwat ginn, datt den "Trademark"-Numm "Max-Planck-Institut" no 2026 bäibehale ka ginn? Wa jo, gouf dës Vereinbarung vun der MPI-Zentral u Konditioune gebonnen? Wann nee, firwat ass dat net gemaach ginn?
- Ginn et Zousécherunge vun der Uni Lëtzebuerg, datt d'MPI no 2026 hir Fuerschungsfräiheet bäibehale kann, och wa se hir Existenz als eegestänneg akademesch Ariichtung verluer wäert hunn?

## PIRATEN

**Wat wäert Är Parteipolitik sinn, wat d'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung ugeet?**

Wéi scho bei der viregter Fro gesot gouf, si sech d'Pirate bewosst, dass Bildung a Fuerschung hire Präis hunn, a dofir wëlle mir natierlech och an dëse wichtege Secteur investéieren.

## FOKUS

**Wat wäert Är Parteipolitik sinn, wat d'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung ugeet?**

Et gëllt e Finanzéierungsmodell opzesetzen, dee fir d'Zukunft den Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg dynamesch opstellt. Wann d'Evolutioun vun der budgetärer Allocatioun méi lues ginn ass an dat dem Fuerschungsstanduert schued, muss d'Finanzéierung ugepasst ginn.

## VOLT

**Wat wäert Är Parteipolitik sinn, wat d'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung ugeet?**

Mir fuerderen, datt de Budget fir d'Fuerschung all Joers 0,1 % soll eropgoen, sou datt mer bei 3 % am Joer 2035 leien.

## KPL

**Wat wäert Är Parteipolitik sinn, wat d'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung ugeet?**

Amplaz Milliarden an de Militärapparat ze pompelen, fir dem 2-Prozent-vum-BIP-Zil, dat vun der NATO virginn ass, gerecht ze ginn, missten dës Steiergelder an d'Fuerschung souwéi an de Finanzement vun der Universitéit Lëtzebuerg ëmgeleet ginn. Hei ginn se net net verpolvert, mee produktiv-konstruktiv an d'Zukunft vum Land an vun der Fuerschung investéiert. D'KPL ass och der Meenung, datt staatlech Héichschoulen, Universitéiten a Fuerschungszentren integral vum Staat finanzéiert solle ginn a stellt sech domatter géint sougenannt „Public-Private-Partnerships", nëmme sou kann d'Fräiheet vun der Fuerschung an der Léier garantéiert ginn.

# ÄNTWERTEN VUN DER DP

## 1. Méi Bildungsgerechtegkeet

**De Bildungsbericht 2022 huet nach emol kloer gewisen, dass an eisem Schoulsystem déi Schwächst aus eiser Gesellschaft déi Leidtragend sinn an déi mannste Chancen op een Bildungsofschloss hunn.**

- **Wat gedenkt Dir ze maachen, fir d'Bildungsgerechtegkeet ze verbesseren?**

**D'Chancenongläichheet fänkt net eréischt an der Schoul un, mee ass allgemeng e gesellschaftleche Problem deen an der Schoul reproduzéiert gëtt.**

- **Wat gedenkt Dir fir d'Bildungsgerechtegkeet ze maachen?**

D'Resultater vun den Epstands weisen, dass zu Lëtzebuerg zwee Facteuren zesumme spillen, wann et em d'Reproduktioun vu sozialen Inegalitéite geet: sozial-defavoriséierte Milieu a Migratiounshannergrond. Famille bei deene béid Facteuren zesumme kommen, si besonnesch betraff.

D'DP huet an der Vergaangenheet eng ganz Rei vu Politicken en Place gesat fir géint d'sozial Inegalitéite virzegoen. Dës Mesurë brauchen Zäit fir sech ze entwéckelen, mee si weise schon éischt ganz positiv Effekter.

### 1.1. Fréikandlech Förderung

Déi effikasste Mesurë géint d'sozial Inegalitéite setzen an der fréikandlecher Förderung un. D'DP huet dofir iwwer déi vergaangen zwou Legislaturperioden en Qualitéitsgesetz fir d'Crèchen a Maisons-Relaisen gestëmmt an d'Formation continue gratis gemaach, d'sproochlech Förderung an de Mëttelpunkt gesat, an den Accès zu 20 Stonne gratis agefouert. Éischt Analyse vun der Uni. lu weisen, dass virun allem Kanner mat Migratiounshannergrond op hirem weidere Bildungswee vun däser Offer profitéieren.

D'DP wäert dofir d'Investissementer an de Klengkandberäich weider ausbauen. De Personalschlëssel bei de klenge Kanner wäert verbessert ginn, an de Programm vun der méisproocheger Förderung wäert evaluéiert an adaptéiert ginn.

### 1.2. Alternativ Alphabetiséierung

D'Resultater vun den Epreuves standardisées weisen, dass d'Differenzen an de Leeschtungen tëscht de Schüler am Cycle 2 entstinn an duerno praktesch konstant bleiwen. De Moment vun der Alphabetiséierung ass kruzial fir d'Schüler. Virun allem Schüler deenen hier éischt Sprooch net Lëtzebuergesch ass, komme bei dem Alphabetiséieren op Däitsch net no. Am Kader vun den agreéierten Europaschoule konnt de Lëtzebuerger Schoulsystem wichteg Erfarunge mat der Alphabetiséierung op Franséisch maachen. An de Pilotprojete vun der alternativer Alphabeitséierung déi am Moment a véier Gemengen duerchgefouert ginn, gëtt en integréierte System ausprobéiert, deen d'Schüler beieneen hält an awer en Choix ubitt bei der Alphabetiséierung. D'DP wäert dëse Projet wëssenschaftlech evaluéieren a generaliséieren, wann déi éischt positiv Resultater sech confirméieren.

### 1.3. Hausaufgabenhëllef

All schoulesch Aarbechten déi an de familiäre Kontext verlagert ginn, schafe sozial Inegalitéiten. D'DP huet sech dofir agesat, dass d'Hausaufgabenhëllef net zu enger „Schoul no der Schoul" gëtt. D'Hausaufgabe mussen an der Autonomie kënne gemaach ginn, an en repetitive Charakter hunn. Fir dass all Schüler en rouege Kader kann hunn, wou en dës Hausaufgabe ka maachen, huet d'DP all d'Maisons Relaisen dozou ugehale fir eng Hausaufgabenzäit unzebidden, wou d'Schüler a Rou an encadréiert schaffe kënnen.

### 1.4. Zousätzlech Ressourcë fir Schoule mat besonnege sozialen Erausfuerderungen

D'DP wäert Schoule mat besonnesche sozialen Erausfuerderungen zousätzlech Ressourcen zur Verfügung stellen. D'DP wäert dëst an enger éischter Phase duerch en zousätzlechen I-EBS maachen, deen an de Schoulen direkt a gezielt agesat ka ginn.

### 1.5. Dispositif vun der Inclusioun ausbauen a méi reaktiv maachen

D'DP wäert nieft dem I-EBS och en A-EBS (Assistant pour Enfants à Besoins Spécifiques) an all Schoul ginn, fir bei der Ëmsetzung vun der schoulescher Inclusioun am Alldag ze hëllefen. Doriwwer eraus wäerten déi grouss Ustrengungen um Niveau vum Rekrutement an der ESEB an bei de Kompetenzzentre wieder gefouert ginn. Hei sinn d'Zuel vun de Mataarbechter iwwer déi vergaange Joer praktesch verduebelt ginn. Bei der Reaktivitéit vum System ass den Diagnostik dee gréissten Zäitfakteur. D'DP huet gesetzlech verankere gelooss, dass den Diagnostik maximal 4 Wochen daueren däerf bis zu enger Prise en Charge vum Kompetenzzentrum. De Fokus muss elo dorop geluecht ginn, dass dësen Delai strikt agehale bleift. Am Secondaire muss den Dispositif vun der Inclusioun ausgebaut ginn, a Perspektiven op eng Qualifikatioun fir Kanner mat spezifesche Besoinen entwéckelt ginn.

### 1.6. Dispositif vun der Integratioun ëmsetzen

Mat dem Gesetz iwwert de SIA (Service d'Intégration et d'Accueil) huet d'DP en ambitionéierte Projet fir d'Begleedung an Ënnerstëtzung vu Schüler mat Migratiounshannergrond duerch d'Chamber bruecht. Elo gëllt et dëst Gesetz ëmzesetzen a fir all Schüler deen op Lëtzebuerg kennt en Projet d'Accompagnement auszeschaffen an de Schüler an deenen éischten zwee Joer ze begleede fir sécher ze stellen, dass hien déi adequateste Beschoulung ka kréien.

### 1.7. Kanner- a Jugendhëllef mat de Schoule vernetzen.

Vill vun de Problemer, déi Kanner a Jugendlecher haut an der Schoul zum Ausdrock bréngen, hunn hiren Ursprong an der Famill. D'Aufgab vun der Schoul ass et, en Kader fir d'Schüler ze schafe fir an der Schoul kënnen ze avancéiere fir gutt Zukunftschancë kënnen ze hunn. D'DP wëll d'Aarbecht mat der Famill un dee Secteur ginn, deen dofir verantwortlech ass. De Secteur vun der Kanner- a Jugendhëllef soll méi staark mat de Schoule vernetzt ginn, fir méi séier a méi effikass Hëllefe kënnen unzebidde fir Schüler mat familiäre Problemer. Dobäi solle virun allem d'ORE (Offices Réginaux de l'Enfance) en wichtege Rôle spillen.

### 1.8. International Offer ausbauen

Lëtzebuerg ass eng Kräizung vun de Kulturen an eng oppen Ekonomie. An deene leschte Jore sinn all Joer tëscht 2.500 an 3.000 Kanner a Jugendlecher mat hiren Elteren op Lëtzebuerg geplënnert. Virun allem bei méi ale Schüler sinn d'Ufuerderunge

vun eisem dräisproochege Schoulsystem oft ze vill spezifesch. National an International Etudë beleeën, dass besonnesch dës Schüler an deene vergaangene Joerzéngten zu Lëtzebuerg keng Bildungschancen haten. D'DP wäert dofir d'Diversifizéierung vun der schoulescher Offer weider féieren, fir dëse Schüler eng Perspektiv kënnen ze bidden.

### 1.9. Orientéierung op den énneschte Klasse vum ESG iwwerdenken

D'DP huet an der Kontinuitéit vun de Bildungsreformen de Kader vun der CSV-LSAP Regierung fir d'Reform vun den ënneschte Klasse vum ESG iwwerholl an ëmgesat. Am Mëttelpunkt steet d'Idee, dass de Schüler net méi opgrond vu punktuelle Schwächste soll a sengem Parcours opgehale ginn. Allerdéngs huet den aktuelle Modell och dozou gefouert, dass de Bewäertungssystem an d'Orientatioun un Komplexitéit zougeholl hun. D'Schüler kéinten dee falschen Androck gewannen, dass se automatesch wieder kommen, a ginn eréischt op der 5ième iwwerrascht vun dem agegrenzte Choix vun Orientéierungen déi sinn nach hunn. Mir hunn deemno zu Lëtzebuerg dee komplizéiertste System vu Bewäertung an Orientatioun bei där vulnerabelster Populatioun. D'DP wëll dëse System dofir evaluéieren an iwwerschaffen. Dozou gehéieren och d'CIP a COP-Klassen, déi vill Schüler no der 5ième nach besiche fir eng besser Orientéierung kënnen ze kréien.

### 1.10. Schoulflicht bis 18 Joer ëmsetzen

Et si virun allem Schüler aus sozial-benodeelegte Famillen a Schüler mat Migratiounshannergrond déi am Alter vu 16 bis 18 Joer eise Schoulsystem ouni Ofschloss verloossen. Entweder well de Wäert vun der Educatioun net deementspriechend héich gehale gëtt, oder well d'Famillen eise System net gutt genuch kennen. D'DP wäert bei der Ëmsetzung vun der Reform vun der Schoulflicht dorop oppassen, dass d'Elteren adequat informéiert ginn, an nei schoulesch Offere fir d'Schüler ugebuede ginn, déi am Risiko vum Decrochage sinn.

### 1.11. De Régime Preparatoire adaptéieren

Eng ganz Rei vu Schüler evoluéieren haut gutt an dem Régime préparatoire. Bei deene Schüler déi awer net avancéiere feelt et haut un Alternativen. Fir dës Schüler ass de schoulesche Raum oft ze vill abstrakt. Hinne feelt et un Motivatioun an un enger Perspektiv, wat si mat hirem schoulesche Wëssen duerno a Liewe sollen ufänken. D'DP wäert dofir méi Stagen an dem Régime Preparatoire aféieren, a kucke wéi een Elementer vun dem pedagogesche Konzept vum „Apprentissage concret" kann an dem Régime Préparatoire iwwerhuelen.

## 2. International Schoulen

### 2.1. Schoulesch Ausriichtung

An de leschte Joren sinn eng ganz Rei ëffentlech europäesch Schoulen opgaangen, an d'Tendenz weist weider no uewen. Den SEW/OGBL bedauert, dass ee Parallelsystem opgebaut gëtt amplaz den aktuelle Modell vun der Méisproochegkeet an de Lëtzebuerger Schoulen op der Basis vun enger kritescher Analyse ze iwwerdenken an ze iwwerschaffen. Eng gemeinsam ëffentlech Schoul schéngt eis fir d'sozial Kohesioun an Integratioun indispensabel. Ee Parallelsystem riskéiert, déi nach méi schwéier ze maachen. Wéi kann den Zesummenhalt an der Gesellschaft entstoen, wann et d'Schoul net méi gëtt als deen ëffentleche Raum, an deem sech all d'Membere vun dëser Gesellschaft begéinen an zesummeschaffen?

- Wéi gesitt Dir déi Spléckung vun der Schoul?
- Wéi wëllt Dir déi Reegelschoul stäerken?
- Wéi wëllt Dir sécherstellen, dass d'ëffentlech Schoul eng Plaz ka sinn, wou eis Gesellschaft zesummefënnt?
- Laut Ären Aen, wat geschitt mat deene Schüler, déi schonn am Fondamental op sou eng international oder europäesch Schoul geschéckt ginn a bei deene sech duerno erauskristalliséiert, datt si net fir den akademesche Wee gemaach sinn?
- Wéi ka garantéiert ginn, datt déi Schüler, déi zu engem bestëmmte Moment déi international oder europäesch Schoul fir d'Reegelschoul verloossen, och an dësem System normal weiderkomme kënnen?
- Misst de MENJE net méi kloer drop hiweisen, datt een ouni d'Beherrsche vun den dräi administrative Sproochen hei zu Lëtzebuerg tendenziell manner Karriärschancen huet wéi e Schüler aus der Reegelschoul?

Bis 2013 huet eng Spléckung vun der Schoul zu Lëtzebuerg stattfonnt, déi riskéiert huet, den ëffentlech Schoulsystem grondsätzlech a Fro ze stellen.

Eltere mat Migratiounshannergrond déi déi néideg finanziell Méiglechkeeten haten, hunn hier Kanner a Privatschoule geschéckt. Mam Resultat, dass d'Unzuel an d'Kapazitéite vun de Privatschoule staark geklommen ass. Iwwer dës heemlech Privatiséierung vun eisem Schoulsystem ass an deene vergaangene Joren net genuch geschwat ginn. D'DP huet mat den agreéierten Europaschoulen ganz vill Schüler zeréck an den ëffentleche Schoulsystem geholl, déi virdrunner a Privatschoule gaange wieren. D'DP ass fundamental dovun iwwerzeegt, dass et eng essentiel Aufgab vun dem ëffentleche Schoulsystem ass, fir sech der Diversitéit vun eiser Schoulpopulatioun ze stellen, an dës Aufgab net eleng de Privatschoulen ze iwwerloossen.

Kanner aus sozial méi schwaache Familie konnten sech dës Offer mat engem Minervall vu méi wéi 10.000 EUr d'Joer net leeschten, an hier Kanner si laut nationalen an internationale Studien iwwerproportional heefeg an de Régime préparatoire orientéiert ginn, opgrond vun hire Sproochenprofiler. Och hei ass d'DP der Opfaassung, dass déi ëffentlech international Schoulen en Stéck Bildungsgerechtegkeet sinn, an deene schwächsten an eisem Schoulsystem besser Bildungschancë garantéiere kënnen.

Mat den ëffentlechen internationale Schoulen huet d'DP gewisen, dass alternativ Modeller vun Alphabetiséierung kënne klappen zu Lëtzebuerg. Elo ass et un der Zäit, dës Erfarungen an der Grondschoul ëmzesetzen. D'DP well dofir de Modell vun der alternativer Alphabetiséierung op däitsch a franséisch zu Lëtzebuerg ëmsetzen, wann d'wëssenschaftlech Evaluatioun et hier gëtt.

Déi international Offere wäerten och doriwwer eraus zu Lëtzebuerg gebraucht ginn, virun allem fir Schüler déi wärend hirer Beschoulung op Lëtzebuerg kommen, an déi vun de Sproochenufuerderungen iwwerfuerdert sinn. Do ass et der DP wichteg, dass dëst am Kader vun der ëffentlecher Schoul statt fënnt mat engem staatleche Qualitéits- a Personalkader.

Den europäesche Schoulsystem ass eng Gesamtschoul an deem net tëscht Régime Preparatoire, ESG an ESC ënnerscheet gëtt. Allerdéngs fënnt een haut an den EPS (European Public Schools) Schüler vun deenen ënnerschiddlechste schouleschen Niveau'en erëm. Et stemmt deemno net, dass den EPS-System nëmmen op eng akademesch Karriär virbereet. Et stëmmt awer, dass virun allem an der Beruffsausbildung déi frankophone an och punktuell anglophone Offere mussen ausgebaut ginn. D'DP engagéiert sech fir dës Offeren auszebauen.

### 2.2. Personal an den EPS

- Wéi wëll Dir an Zukunft garantéieren, datt d'Enseignanten net méi an eng prekär Situatioun geroden an d'Aarbechtsrecht respektéiert gëtt?

D'DP huet am Educatiounsministère op enger ganz gudder a konstruktiver Basis zesumme mam OGBL-SEW un enger Reegelung vun den Aarbechtskonditioune vun den Enseignanten am Beräich vun den EPS geschafft. D'DP baut op dëser Zesummenaarbecht op, fir och an deene kommende Joren Härtefäll ze verhënneren oder ze léisen. Dëst an engem ganz dynamesche Kontext wou Mataarbechter oft aus dem Ausland op Lëtzebuerg schaffe kommen an d'Prozedure vum Rekrutement beim Staat en Defis duerstellen.

## 3. Méisproochegkeet

- Wéini a wéi wëllt Dir de Projet evaluéiere loossen, ier d'Franséisch eventuell als Alphabetiséierungssprooch flächendeckend agefouert gëtt?
- Wéi eng Konsequenzen huet an Ären Ae dës Alphabetiséierung op Franséisch op de Sproochenunterrecht am Secondaire?
- Gitt Dir mat op de Wee, de Sproochenunterrecht komplett ze iwwerdenken, a wat fir eng Modeller kéint Dir Iech virstellen?
- Wéi eng Konsequenzen huet de Curriculum vun den internationalen an europäesche Schoulen op d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg?
- Wéi wëllt Dir d'Koherenz vu Fondamental a Secondaire asuréieren, wann de Sproochenunterrecht an de Gebrauch vun de Sproochen an der Schoul reforméiert ginn?

D'Adaptatiounen, déi an deene vergaangene Joren am Beräich vun dem Enseignement vun de Sprooche virgeholl gi sinn, si villschichteg a gi bei wäitem iwwert de Projet vun der franséischer Alphabetiséierung eraus. Se fänkt un mat der fréikandlecher Sproochförderung, dem Opbaue vun der phonologescher Bewosstheet an enger Eruféierung un d'Alphabetiséierungssprooch am C1, dem dem Choix vun der Alphabetiséierungssprooch am C2, iwwerschaffte Programmer am Franséischen (fäerdeg gestallt) an am Däitschen (an Ausaarbechtung) an de Cyclen 2-4, an engem adaptéierte Programm an de Sproochen am ES. D'DP wäert sech gäre mat dem OGBL/SEW zesumme setze fir iwwer dës an aner Konzepter fir d'Färderung vun de Sproochen ze diskutéieren.

## 4. Inclusioun

- Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt de prozedurale Opwand erofgesat gëtt an de Schüler méi séier an de Genoss vu Férdermesure kënnt?Wéi gesitt Dir de Rôle an d'Plus-Value vun de Kompetenzzentren?
- Wéi stitt Dir zur Méiglechkeet, de Contingent ze erhéijen an d'Klasseneffektiver ze adaptéieren, fir der Heterogenitéit an de Klassen besser gerecht kënnen ze ginn?
- Wäert Dir d'Schafen vu multiprofessionellen Teams an de Schoulen selwer ënnerstëtzen a sécher stellen, dass dës ouni grousse prozeduralen Opwand an direkt um Terrain intervenéiere kënnen?

Am Enseignement Secondaire maachen déi héich Klasseneffektiver vun 25 bis 30 Schüler pro Klass d'Inclusioun schwéier bis onméiglech.

- Wéi wëllt Dir sécherstellen, datt d'Enseignanten am Klassesall déi néideg Moyenë kréien, fir op déi individuell Bedürfnisser vu verschiddene Schüler anzegoen ouni een ze benodeelegen?

An de vergaangene Joren si méi wéi 900 zousätzlech Posten am Beräich vun der Inclusioun geschafe ginn. Eng vergläichbar Vergréisserung vum Personal gouf et nach a kengem anere Beräich vum Staat. Dëst si keng eidel Wieder mee konkret Engagementer, déi d'DP agaangen ass an déi d'DP och an Zukunft well weider féieren. Wann haut den Delai vun der Demande bis zur Prise en Charge vun engem Kand duerch en Kompetenzzentrum bei 10 Méint läit, dann ass dat virun allem well en spezialiséierten Diagnostik 8 Méint dauert. D'DP huet sech dofir agesat, dass en gesetzlech festgeluechten Delai vu 4 Wochen agefouert gouf fir den Diagnostik. D'DP well och mat allen Bedeelegten doru schaffen, dass dës Delaie kënnen agehale ginn.

Schonn haut ass et esou, dass déi meeschte Mataarbechter vun enger ESEB fest an enger Schoul schaffen. Dëst nieft dem I-EBS an den A-EBS déi d'DP an all Schoul wäert aféieren. An de Lycéeë wäert den Ausbau vun den ESEB zu enger vun den Haaptprioritéite vun der DP zielen.

## 5. Direktiounen

- Den SEW/OGBL stellt fest, datt d'Experiment Regionaldirektioune am Fondamental gescheitert ass. Bis elo gouf net adequat op dës Kritik an d'Doleancë vum Terrain reagéiert. Fir den SEW/OGBL ass et kloer, datt de Modell vun de Regionaldirektiounen iwwerduecht muss ginn.
- Deelt Dir dës Meenung, datt no valabelen Alternative muss gesicht ginn?
- Den SEW/OGBL ass bereet, sech mat Iech un een Dësch ze setzen an en alternative Modell virzestellen.
- Sidd Dir och bereet, Iech zesumme mam SEW/OGBL un een Dësch ze setzen fir dësen ze diskutéieren ?

2009 huet d'CSV/LSAP Regierung mat der Reform vun der Grondschoul d'Fundament vun dem aktuelle System ronderëm de Schoulcomité mat dem Präsident an enger Direktioun déi iwwert méi Schoulen ewech hier Aarbecht ausüübt geluecht. D'DP huet am Interesse vun der Kontinuitéit dës Reform mat gedroen, an 2017 d'regional Direktiounen agesat. Dëst nodeems en éischten Entworf vun der CSV/LSAP Regierung gescheitert war. D'DP ass net dovun iwwerzeegt, dass eng nei Grondsatzdiskussioun ronderëm d'Direktiounen d'Grondschoule wäerte viru bréngen. Am Géigendeel, se riskéiere vum Wesentlechen ofzelenken. Der Qualitéitsentwécklung vun eise Schoulen. Wéi all aner Administratioune beim Staat brauchen och d'Schoulen en kloren Supérieur hiérarchique deen de Kader setzt a sécher stellt, dass d'Gelengensfakteure gi sinn, fir eng gutt Aarbecht. Déi aktuell Regionaldirektiounen assuréieren dëse Rôle, esou dass d'DP un dësem Modell festhalen a weider entwéckele wäert. D'DP verschléisst sech natierlech net, engem Austausch mam OGBL/SEW iwwer dës Pisten.

## 6. Penurie vun den Enseignanten

- Wéi wëllt Dir géint déi Penurie ugoen ?
- Wéi plangt Dir, den administrativen Opwand ze reduzéieren?
- Wéi wëllt Dir d'Wuelbefanne vun den Enseignantë verbesseren?
- Wéi wëllt Dir de Beruff vum Enseignant rëm méi attraktiv maachen?

D'Situatioun vum Rekrutement vun den Enseignanten zu Lëtzebuerg ass méi komplex. An deene vergaangene Joren huet d'DP all Joer tëscht 280 an 300 Enseignanten iwwer den Examen-Concours an der Grondschoul rekrutéiert. Dëst huet dozou gefouert, dass Prozentsaz vun Enseignantë mat Bachelor-Ofschloss vu

87% op 94% geklommen. Mat dësem Rekrutement konnte virun allem d'laangzäiteg Congéen an d'Remplaçants Permanents op den Direktiounen op Bachelor-Niveau assuréiert ginn.

Et ass richteg, dass d'Uni Lëtzebuerg iwwer Joren net genuch Studente vum BSCE ervir bruecht huet. Dofir huet d'DP am Educatiounsministère eng Konventioun mat der Uni.lu ënnerschriwwen an där d'Uni sech dozou verflicht fir, ab 2024, all Joer 180 Studenten opzehuelen. Schonn an dësem Joer sinn 172 Studenten am BSCE opgeholl ginn. Woubäi de BFP mat nëmmen 32 Studenten en marginale Rôle spillt. Dëst weist, dass den Interessi um Enseignants-Beruff nach ëmmer ganz grouss ass.

An de kommende Jore well d'DP zesumme mat der Uni.lu un den Opnahmekriterie fir an de BSCE schaffen. Studenten, déi Lacunnen an engem oder méi Fächer hunn, sollen net d'office ecartéiert ginn, mee d'Méiglechkeet kréien, dës Lacunne wärend hirem Studium opzeschaffen.

Doriwwer eraus well d'DP alleguerten d'Studien am Beräich vun der Educatioun an enger Educational School zesummefaassen, fir sécher ze stellen, dass d'Ressourcen och an de Beräich vun der Formatioun fléissen.

## 7. Chargés de Cours

**Ouni d'Chargés de cours géif de Betrib op ville Plazen net lafen. De Landesverband, zesumme mam SEW-OGBL, setzt sech dofir an, datt d'Chargés de cours ab dem 2. CDD automatesch an de CDI kommen, wann hire Kontrakt verlängert gëtt, an dëst konform zum Code du travail.**

- **Sidd Dir gewëllt mat op dëse Wee ze goen?**
- **Setz Dir Iech a fir den 2. Bildungswee op der Uni, also eng Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours?**

**Den SEW/OGBL fuerdert, datt och d'Chargéen an de Genoss vun enger Stonn Altersdécharge pro Woch ab dem Alter vu 45 Joer, 2 Stonnen ab dem Alter vu 50 a 4 Stonnen ab dem Alter vu 55 Joer kommen.**

- **Sidd Dir bereet, mat op de Wee vun enger Altersdécharge fir all d'Enseignanten ze goen, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt si sinn ?**

D'DP huet am Educatiounsministère an deene vergaangene Joren op eng gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht mam OGBL-SEW an dem FNCTTFEL-Landesverband kënnen opbauen. D'DP ass bereet, de Rekrutement vun de Chargéeën ze iwwerschaffen an deene Persoune systematesch en CDI unzebidden, déi dëst wëllen. Iwwer d'Detailer ass d'DP bereet, mat dem OGBL-SEW an dem FNCTTFEL-Landesverband ze diskutéieren. Dat Selwecht gëllt fir en zweete Bildungswee op der Uni.lu

## 8. Non-formal Bildung

- **Wéi wëllt Dir garantéieren, datt an alle Regioune vum Land d'Kanner en Zougang zur Maison relais hunn?**
- **Wéi wëllt Dir eng gratis Betreiung vun héchstméiglecher Qualitéit mat gutt ausgebiltem Personal, engem gudde Personalschlëssel a gudden Aarbechtskonditiounen – egal ob getrennt vun der Schoul oder an engem integréierte Ganzdagsschoul-Modell – garantéieren?**
- **Riskéiert eng Friembetreiung, déi héije qualitativen Usprëch net gerecht gëtt, net an Ären Ae laangfristeg en Impakt op déi sozioemotional Entwécklung vun de Kanner ze hunn?**
- **Hunn di Erzéiungsberechtegt hautzedaags Ärer Meenung no iwwerhaapt nach de Choix vum Modell?**

Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, déi international am meeschten Unerkennung kréie fir d'Entwécklung vum Secteur vun der non-formaler Bildung. Och wann et nach Entwécklungspotenzial gëtt, esou sollt een dach awer unerkennen, wéi eng wichteg Aarbecht an dësem Beräich all Dag geleescht gëtt.

Wat d'Aarbechtskonditiounen ubelaangt well d'DP am Klengkandberäich de Fokus leeën op eng Verbesserung vum Betreiungsschlëssel. Am Schoulkand-Alter sinn déi vill kleng Kontrakter oft en Problem fir d'Mataarbechter. D'DP setzt sech dofir an, dass d'Mataarbechter vun de Maisons-Relais'en en 40-Stonne Kontrakter kréien.

## 9. Beruffsausbildung

- **Wéi stitt Dir dozou, d'Meeschterprüfung op de CLQ 6 ze hiewen?**
- **Wéi stitt Dir zu enger Verlängerung vum Cycle inférieur em 1 Joer am ESG?**
- **Wat wëllt Dir ënnerhuele fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv fir déi Jonk ze maachen?**
- **Wéi wëllt Dir d'Formatiounen an der Schoul op allen Niveaue vum Enseignement professionnel (DT, DAP, CCP) un d'gesellschaftlech Besoinen upassen?**

Vill Schüler hu bis zu der 5ième schonn en Retard vun engem oder zwee Joer accumuléiert. Dëst féiert dozou dass d'Altersënnerscheeder haut an enger Klass oft scho grouss sinn. D'DP ass der Meenung, dass en zousätzlecht Joer an dem Cycle inférieur fir all Schüler dozou wäert féieren, dass bestëmmte Schüler nach méi al wäerte si bei dem Ufank vun hirer Ausbildung an en weidert Joer wäerte verléieren. Op der anerer Säit ass et esou, dass eng Rei Schüler haut schonn op de sougenannte CIP a COP-Klasse versichen zousätzlech Module ze packe fir eng besser schoulesch Orientatioun kënnen ze kréien. D'DP well dës Offere verbesseren, fir dass déi Schüler, déi en zousätzlecht Joer wëlle maachen, dëst och fakultativ kënne maachen.

D'DP wäert mat de Beruffskummeren iwwert d'Meeschterprüfung schwätzen. Aktuell Lafen d'Aarbechte fir en gesamte System vu professionaliséierenden Héichschoulstudien no dem Schwäizer Modell zu Lëtzebuerg kënnen opzebauen. D'Meeschterprüfung ass en wichteg Element dovunner.

### 10. DAP-Education

- **Wéi kann an Ären Ae garantéiert ginn, datt dës Ausbildung de Schüler déi néideg Kompetenze vermëttelt, fir dem Schoulpersonal an de Schüler eng reell Hëllef um Terrain ze sinn, wa quasi jiddereen op dëser Sektioun ugeholl gëtt, vu que datt et jo keng Admissiounskritäre gëtt?**

Den DAP-Education ass eng richteg Erfollegsgeschicht. Zirka 500 Schüler d'Joer hu sech fir dësen DAP entscheet an en Patron fonnt. D'Resultater no engem Joer weisen doriwwer eraus, dass den „Drop-out" marginal ass an d'Resultater gutt sinn. Den DAP Education bitt domat ville jonke Mënsche konkret Beruffsperspektiven, déi bei dem „Auxillaire de Vie" leider net méi do waren.

### 11. Cycle inférieur

- **Sinn d'Promotiounskritären am Cycle inférieur vum ESG an Ären Aen transparent a schülergerecht? Wann net, wéi kéint een d'Situatioun verbesseren?**
- **Wéi soll an Ären Aen Differenzéierung organiséiert ginn fir dem Schüler déi bescht méiglech Konditiounen ze ginn?**
- **Wat ass fir Iech eng effikass Orientatiounsprozedur?**
- **Wéi stitt Dir zur Iddi, d'Admissiounskritären am ESG fir ver-**

- schidde Sektiounen un d'Haaptfächer vun de Sektiounen unzepassen? Fir eng Commerce muss een z.B. héich Moyennen an de Sproochen hunn, obwuel et op dëser Sektioun vill em Zuele geet a Mathematik net onwichteg ass.

D'DP wäert eng Reform vun der Bewäertung an der Orientéierung vun de Schüler op den ënneschte Klasse vun dem ESG virhuelen. Mam Ziel fir de System méi einfach a besser verständlech ze maachen.

### 12. Iwwerstonnen

- Wat hutt Dir wëlles ze ënnerhuelen, fir den Enseignantsberuff erëm méi attraktiv ze gestalten ?

An der Educatioun gëtt et ënnerschiddlech Modeller vun der Berechnung vun den Iwwerstonnen (EF, ES, FP). Dës Modeller gehéieren awer scho säit Joerzéngten zu dem System vun der Remuneratioun vun den Enseignanten. Iwwer d'Froe vun de Gehälter vun den Employéen a Fonctionaire wäert d'DP am Kader vum Gehälteraccord mat der representativer Gewerkschaft verhandelen.

### 13. Gläichstellung am Fall vun Deelzäit

- Wéi wëllt Dir dofir suergen, datt Enseignanten an Deelzäit net méi beim Wiessel an een anere Lycée benodeelegt ginn?

Dëse Problem huet den OGBL-SEW soulevéiert an d'DP ass domat averstanen, dass Adaptatioune fonnt ginn, déi sech un de Reegele vun dem Rescht vun der Fonction Publique orientéieren.

### 14. Gratis Kopien

Den SEW/OGBL setzt sech dofir an, datt d'Kopien am Secondaire fir d'Schüler gratis solle ginn, genausou wéi et am Enseignement Fondamental ass.

- Wéi stitt Dir zu dëser Fuerderung?

D'DP ass averstanen domat, dass d'Kopien an de Lycéeë solle gratis ginn.

### 15. Gratis Aarbechtsmaterial an der Formation Professionelle

Vu que datt d'Schüler am ESG an ESC hier Schoulbicher bezuelt kréien, fuerdere mir, datt d'Schüler an der Beruffsausbildung hiert Aarbechtsmaterial (wi z.B. Coiffeursschéieren, Kachmesser, Schëppen etc.) och bezuelt kréien.

- Wéi stitt Dir dozou?

D'Léiermaterialen an der Beruffsausbildung sinn och haut schonn zum groussen Deel gratis. D'DP ass der Meenung, dass och eng Léisung fir déi aner Materialie sollt fonnt ginn, déi d'Léierbouwen an -meedercher fir hir Ausbildung brauchen.

### 16. Prekaritéit vu jonke Fuerscher an Enseignant-Fuerscher

### 17. Gehälter am Héichschoul a Fuerschungssecteur

- Wéi eng Moossname plangt Är Partei fir géint d'Prekaritéit vu jonke Fuerscheren an Enseignant-Fuerscheren ze handelen?
- Wéi positionéiert sech Är Partei zu dësem Thema? Géif si zoustëmmen, e Mechanismus vun der Gehälterentwécklung, dee mat de Gehälterofkommes vun de Fonctionnaire verbonnen ass, anzeféiere respektiv d'Inclusioun vun der Héichschoul a Fuerschung a globale Gehälterverhandlunge fir de ganzen ëffentleche Secteur virzegesinn, wéi den OGBL se fuerdert?


De Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg bitt grad jonke Leit villfälteg Perspektiven, allerdéngs mussen d'Bedingunge souwuel de Spezifizitéite vun der internationaler Fuerschung Rechnung droen, ewéi och den haitegen Usprëch vun der jonker Generatioun. Dofir wäert d'DP och weiderhin d'Entwécklung an eisen Nopeschlänner genee am Aen behalen a gegeebenefalls Upassunge maache fir d'Fuerschung méi interessant fir jonk Diploméiert ze maachen. An der Stad wäert um Kierchbierg ee neie Campus entstoen

### 18. Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung

- Wat wäert Är Parteipolitik sinn, wat d'Finanzéierung vun Héichschoul a Fuerschung ugeet?

D'Uni Lëtzebuerg feiert 2023 hiren 20. Anniversaire a kann op eng erfollegräich Entwécklung zeréckkucken. D'DP wäert d'Lëtzebuerger Héichschoullandschaft qualitativ weiderentwéckelen an der ëffentlecher Fuerschung weider e legalen, infrastrukturelle a budgetäre Kader bidden, fir déi international Exzellenz an den Notze fir eis Gesellschaft ze garantéieren.

Fir d'DP sollen déi ëffentlech Investitiounen an den Héichschoul- a Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg dofir weider héichgehalen ginn. D'DP wäert weider geziilt a Fuerschungszentren (Centres interdisciplinaires) investéieren an d'Offer erweideren. De Campus um Belval soll z.B weider ausgebaut ginn, fir dem Besoin un Infrastrukturen vun der Uni a vun de verschiddene Fuerschungszentre gerecht ze ginn.




# Test Dimmi Gratis!

*Fir eng sécher Kommunikatioun mat Elteren & Kolleeg·innen*

- *Brauch keng privat Handy-nummer*
- *Keng Vermaartung vun Äre privaten Daten*
- *Keng Reklammen*
- *Gehost an entwéckelt zu Lëtzebuerg*
- *Leeft mat gréngem Stroum*

**Kontaktéiert eis fir méi Informatiounen:**

EducDesign s.a. / +352 26 51 61 / support@dimmi.lu